

Sommaire

- Ouverture de la séance publique**
 - M. Fernand Etgen, Président
- Discours de M. le Président**
 - M. Fernand Etgen, Président - M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État
- Communications**
 - M. Fernand Etgen, Président
- Ordre du jour**
 - M. Fernand Etgen, Président
- 7743 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19**
 - Rapport de la Commission de la Santé et des Sports : M. Mars Di Bartolomeo
 - Discussion générale : M. Claude Wiseler (intervention de M. Georges Engel) - M. Gilles Baum - M. Georges Engel (interventions de M. Claude Wiseler et M. Gilles Roth) - Mme Josée Lorsché (intervention de M. Marc Goergen) - M. Jeff Engelen - M. Marc Baum - M. Sven Clement
 - Prises de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier

- Ministre, Ministre d'État - Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé - Mme Martine Hansen (parole après ministre) - Mme la Ministre Paulette Lenert - Mme Martine Hansen (parole après ministre) - M. le Premier Ministre Xavier Bettel (interventions de Mme Martine Hansen et M. Sven Clement) - M. Gilles Roth (parole après ministre) - M. le Premier Ministre Xavier Bettel
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- Heure d'actualité de la sensibilité politique ADR au sujet des vaccins**
 - Exposé : M. Jeff Engelen (dépôt des motions 1 à 4)
 - Débat : M. Jean-Marie Halsdorf (dépôt de la motion 5) - M. Gilles Baum - Mme Cécile Hemmen - M. Marc Hansen - M. Marc Baum - M. Sven Clement (intervention de M. Mars Di Bartolomeo)
 - Prise de position du Gouvernement : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé - M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) - Mme la Ministre Paulette Lenert - M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) - M. Marc Hansen (parole pour fait personnel)

- Motion 1 : M. Sven Clement - M. Georges Engel - M. Jean-Marie Halsdorf - M. Fernand Kartheiser (intervention de M. Georges Engel) - M. Marc Baum
- Vote sur la motion 1 (rejetée)
- Motion 2 : M. Georges Engel - M. Sven Clement - M. Jean-Marie Halsdorf - M. Marc Baum - M. Fernand Kartheiser - M. Marc Hansen
- Vote sur la motion 2 (rejetée)
- Motion 3 : M. Georges Engel - M. Fernand Kartheiser - M. Jean-Marie Halsdorf
- Vote sur la motion 3 (rejetée)
- Motion 4 : M. Georges Engel - M. Sven Clement - M. Jean-Marie Halsdorf - M. Fred Keup
- Vote sur la motion 4 (rejetée)
- Motion 5 : M. Georges Engel (intervention de Mme la Ministre Paulette Lenert) - M. Fernand Kartheiser - M. Jean-Marie Halsdorf
- Vote sur la motion 5 (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; Mme Paulette Lenert, Ministre.

(La séance publique est ouverte à 14.02 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Nee, Här President.

2. Discours de M. le Président

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Léif Kolleeгинnen a Kolleegeen, d'Attack op de Kapitol zu Washington virgëschter huet eis alleguer schockéiert. Et ass eng Attack op d'Demokratie, soe mer all. Firwat soe mer dat? Zur Demokratie gehéiere vill Acteuren: d'Legislativ, d'Exekutiv, d'Justiz, d'Zesummespill mat der Press, déi hei och attackéiert gouf, an all gesellschaftlech Organisatiounen an all eenzele Bierger. Demokratie ass net nëmmen d'Parlament, mee d'Parlament ass do, wou d'Demokratie lieweg ass, do, wou se gelieft gëtt, do, wou se um Liewe gehale gëtt, do, wou all d'Acteure vun der Demokratie zesummekommen. Mir gesinn haut, an am Fong scho méi laang, wéi empfindlech datt dat alles ass. D'Parlament ass net nëmmen e Symbol. Et ass do, wou d'Demokratie gemaach gëtt, do, wou se zesummegehale gëtt an domat och eis Wäerter. An all eis Wäerter zesumme goufen esou virgëschter ugegraff.

E Parlament ass d'Häerz vun der Demokratie. Dowéinst war et eng Attack op d'Demokratie, déi ech an deene schäerfsten Terme verurteele wëll, zemools well heimat och ee Walresultat ganz direkt a Fro gestallt gëtt. D'Brutalitéit an d'Respektlosegheet, déi mer gesinn hunn, hunn net nëmmen déi amerikanesch Demokratie verletzt, d'demokratescht Verständnis vun eis all gouf ganz déif verletzt.

Ech wëll dowéinst dem amerikanesche Kongress mat senger Presidentin vum Representantenhaus, der Madamm Nancy Pelosi, déi nach virun e bësse méi wéi engem Joer bei eis war, an dem amerikanesche Vollek eis ganz Solidaritéit an déif Betreffenheet ausdrécken, grad wéi ech dem zukünftege President Joe Biden eng glécklech Hand wënschen, fir déi gespléckten amerikanesch Gesellschaft nees zesummenzeféieren.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.**- Här President, wann Der just ganz kuerz erlaabt, am Numm vun der Regierung wëll ech mech Äre Wieder uschlëssen. Ech mengen, fir mech als Staatsminister ass et wichteg, dass d'Haus vun der Demokratie respektéiert gëtt, a fir mech als Medie-minister ass et selbstverständlech net akzeptabel, wat do geschitt ass. A mir hoffen op jidde Fall, dass Rou nees an Land kënnt an d'Land nees zesummewiisst an net gedeelt bleift. Merci, fir Är Wieder, deenen d'Regierung sech uschlëisst.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Premier- a Staatsminister.

3. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

D'Lëscht vun den neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro deponéiert.

D'Lëscht vun de Projets de loi, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

Communications du Président - séance publique du 8 janvier 2021

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire :

7740 - Projet de loi portant approbation :

1° de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République du Chili relatif à des services aériens, fait à New York, le 26 septembre 2019 ;

2° de l'« Agreement between the Government of the Grand Duchy of Luxembourg and the Government of the Republic of Rwanda on air services », fait à Luxembourg, le 26 novembre 2019

Dépôt : M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 30.12.2020

7741 - Projet de loi portant modification

1° de la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale ;

2° de la loi modifiée du 5 juillet 2016 portant réorganisation du Service de renseignement de l'État ; et

3° du Code pénal.

Dépôt : M. Henri Kox, Ministre de la Sécurité intérieure, le 30.12.2020

7742 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement de l'achèvement des travaux nécessaires à l'extension et à la modernisation de la station de traitement du Syndicat des Eaux du Barrage d'Esch-sur-Sûre (SEBES) par dépassement du montant fixé par la loi du 5 juillet 2016 autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à l'extension et à la modernisation de ladite station de traitement

Dépôt : Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, le 05.01.2021

7743 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 17 juillet 2020 portant introduction d'une série de mesures de lutte contre la pandémie Covid-19

Dépôt : Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, le 05.01.2021

7744 - Projet de loi portant modification de la loi du 24 décembre 2020 portant dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51 et L. 234-53 du Code du travail

Dépôt : M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire, le 06.01.2021

3) Les demandes de pétition suivantes ont été déposées :

1738 - Demande de pétition publique : Géint Liewens-mëttelverschwendung respektiv d'Ewechgeheie vun (nach genéissbare) Liewensmëttel

Dépôt : Mike Gira, le 19.12.2020

1740 - Demande de pétition publique : Obtention de la nationalité luxembourgeoise facilitée pour les personnes ayant travaillé en première ligne durant la crise du Covid

Dépôt : Thomas Andreos, le 22.12.2020

1739 - Demande de pétition publique : Pour le contrôle systématique par vidéosurveillance et la sanction effective et immédiate par les agents CFL et de sécurité du non-respect des gestes barrières dans les transports publics, sur les quais et les arrêts de bus.

Dépôt : Gabrielle Koeune, le 22.12.2020

1742 - Demande de pétition publique : Société intégrim

Dépôt : Dany Frost, le 23.12.2020

1741 - Demande de pétition publique : Audits et contrôles pour les avocats et les notaires

Dépôt : Paulette Bollendorff, le 23.12.2020

1743 - Demande de pétition publique : Mise en place de lampes à UV dans les espaces communs des habitations de type immeuble et bureaux dans le cadre de la lutte et prévention contre les virus et bactéries

Dépôt : Jean-Paul Lacquement, le 25.12.2020

1744 - Demande de pétition publique : Interdiction renforcée du harcèlement moral, de discrimination et des coups et blessures sur des personnes handicapées

Dépôt : Alexandre Teixeira Badois, le 27.12.2020

1745 - Demande de pétition publique : Fir d'Ophiewung vun de sougenannte „Coronamesuren“

Dépôt : Dany Barradas Sobral, le 28.12.2020

1746 - Demande de pétition publique : Droit d'anticipation d'une éventuelle mise en place d'une obligation vaccinale Sars-CoV-2

Dépôt : Fabian Hirtz, le 30.12.2020

1748 - Demande de pétition publique : Stop à cette dictature sanitaire !

Dépôt : Jorge Dos Santos, le 04.01.2021

1747 - Demande de pétition publique : Pétition pour le retour des activités sportives de non-contact pour tous à l'intérieur comme à l'extérieur, avec obligation de porter un masque

Dépôt : Vincent Lisoir, le 04.01.2021

1749 - Demande de pétition publique : Nomination immédiate d'un médiateur aux aides refusées aux indépendants et aux PME

Dépôt : Marc Rauchs, le 05.01.2021

1750 - Demande de pétition publique : Fixation de délais de paiement pour les aides coûts non couverts, chômage partiel et fonds de relance

Dépôt : Sandra Da Silva Santos, le 07.01.2021

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

4. Ordre du jour

Den Ordre du jour, esou wéi d'Presidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstannen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

5. 7743 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19

Mir kommen elo zum Projet de loi 7743, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Aféierung vun enger Rei Mesuren am Kader vun der Covid-19-Pandemie.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an ech géif d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo, ginn. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Santé et des Sports

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeгинnen a Kolleegeen, fir d'éischt erlaabt mer, eisem President e ganz häerzleche Merci ze soe fir déi ganz kloer Wieder, mat deenen en eis aus dem Häerz schwätzt. A mir sinn alleguer a Gedanke bei deene wirklechen Demokraten déisäit vum Ozean an ech mengen do net Demokraten am Sënn vun enger Partei, mee déi Demokraten, déi dat dote bis op d'Déifst verurteelen. Merci, Här President.

Viru 14 Deeg hu mer dat lescht Covidgesetz hei an der Chamber mat grousser Majoritéit verofschit. Op-

grond vun der dach beonrouegender Situatioun um Terrain, deenen héijen Infektiounszuelen an och de villen Doudesaffer, der grousser Belaaschtung, der enormer Belaaschtung vun eisem Gesondheetssystem hu mer eise Matbiergerinnen a Matbierger streng Restriktiounen iwwert d'Feierdeeg operluecht. Dat Gesetz an d'Virgängergesetz hu Wierkung gewisen, well, esou gesäit et haut aus, d'Leit, eis gesamt Communautéit sech wäitgeënd doru gehalen huet. D'Zuele vun den Neinfektiounen, den aktiven Infektiounen, si staark erofgaangen, d'Situatioun an de Spideeler huet sech verbessert, och wann d'Duebelbelaaschtung weider do ass. D'Situatioun presentéiert sech also, wann een dat esou däréf soen, net schwaarz a wäiss, mee a Grotéin - „en demi-teinte“, wéi eis franséisch Nopere géife soen.

An esou fält och dat neit Gesetz, de Projet de loi 7743, entspriechend aus. Mat dem Gesetz kréie mer e Stéck Normalitéit erëm - awer nëmmen e Stéck. Well dee Virus nach ëmmer zouschléit, ginn op där anerer Säit ganz restriktiv Moossname verlängert, adaptéiert oder ergänzt.

Vill vun deenen neie Moossname ginn eenzel gekuckt begréisst. Gläichzäiteg gëtt awer kritiséiert, dass d'Gesamtsituatioun ze onsécher wär fir Éffnungen. Deenen enge kënnt de Projet vireileg vir, anerer kritiséieren, dass eenzel Secteuren zou musse bleiwen. D'Auteure vum Gesetz argumentéieren, dass de Projet der Suerg entsprécht, fir en Equilibre tëschent der Prioritéit „Gesondheeschutz“ a vertriebaren Ouverturen am gesellschaftlech, ökonomesche Beräich hierzustellen, an eis e bëssen Oxygène gëtt, fir weider duerzehalen.

An deene leschten Deeg ass virun allem iwwert déi Dispositionen diskutéiert ginn, déi eenzel Aktivitéiten opmaachen. Fait ass awer, dass doniewent ganz aschneiden Restriktiounen bleiwen, déi zum Deel méi streng si wéi am Ausland, wou och Kriticke kommen, och aus Regiounen, wou an eenzelne Beräicher déi Restriktiounen manner strikt sinn ewéi bei eis.

Déi Restriktiounen brénge kloer zum Ausdrock, dass et mat deem neie Gesetz ..., dass mer eng Otempaus kréien, dass mer et mat enger Otempaus ze dinn hunn, mee de Kampf géint dee schlëmme Krankmécher weidergoe muss an Erwaardung, dass mer dee beschten Alliiéierten an deem Marathon, de Vaccin, kënnen flächendeckend asetzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeгинnen a Kolleegeen, elo dann zum Gesetz. D'Situatioun ass also nach net esou, dass ee sech kéint no hanne leeën, mee et muss ee se weiderhin am A halen an noutfalls, och wann een emol hei an do opmécht, bereet sinn, fir jidderzäit aktiv ze ginn.

Zu den Hauptmesuren: De Couvre-feu, wéi mer en zënter deem virleschte Gesetz kennen, gëtt bäibehalen, mee den Ufank gëtt nees, wéi dat am virleschte Gesetz virgesi war, vun néng Auer owes op eelef Auer zréckgesat.

D'Commercen an d'Exploitations commerciales dierfen nees opmaachen ënner méi strengen Oplagen. Si dierfe maximal ee Client op 10 m² empfänken. Wann hir Verkafsfläch awer ënner 20 m² läit, dierfe se gläichzäiteg maximal zwee Clienten empfänken.

Bei Centres commerciaux iwwer 400 m² gëllt déi dote Reegel och, mee et bleift d'Obligatioun vun engem Protocole sanitaire. Dee misst jo elo quasi iwwerall implementéiert sinn.

De Secteur vun de Restauranten an de Caféeë bleift weider zou bis den 31. Januar. Och d'Verbuet, fir alkoholescht Gedrénks - mat där Nuance, alkoholescht Gedrénks dobaussen, op der Voie publique - ze consomméieren, gëllt weider.

Déi kulturell, reliéis a rekreativ Aktivitéite sinn nees erlaabt a falen ënnert déi allgemeng Rassemblementsreegelen. Rassemblementer vu bis zu véier Persounen sinn erlaabt ouni Oplagen. Rassemblementer vun iwwer véier bis zéng Persounen sinn



ënnert der duebeler Konditioun, e Mask ze droen plus zwee Meter Distanz anzehalen, erlaabt. Bei Rassemblementer vun eelef bis 100 Persounen kommen zousätzlech zu Mask an zwee Meter nach obligatoresch Sätzplazen derbäi.

Doheem gëllt weider déi streng Moossnam, dass ee maximal zwee Visiteuren aus deem selwechte Stot därëf empfänken, also zwee, plus zwee, an déi „plus zwee“ kommen aus deem selwechte Stot. Dat ass zum Beispill eng Dispositioun, déi an Nopeschlänner manner rigid ass ewéi bei eis.

Och Sportsaktivitéite ginn nees erlaabt ënner strikte Konditiounen. Déi sinn un d'Rassemblementsregelen ugeleent, sinn awer méi streng aus deem einfache Grond, well et beim Sport net méiglech ass, eng Mask ze droen.

Vu ville Säite ginn déi Moossname begréisst. An et gëtt och, zu Recht, drop higewisen, dass de Sport net als Problem unzegesinn ass, mee och als Deel vun deenen Efforten ze gesinn ass, fir d'Gesondheet ze erhalen. An dat gëllt besonnesch fir de breede Sport, deen d'Leit fir hir Gesondheet maachen an net onbedéngt fir d'Coupe du monde ze gewannen.

Et ass méiglech an Zukunft, individuell oder zu zwee Sport zesummen ze maachen ouni Obligatiounen, wat d'Distanz ugeet. Ab dräi bis zéng Persoune gëllt fir de Sport d'Reegel vun enger minimaler Distanz vun zwee Meter, déi permanent agehale muss ginn. Bei deenen zéng ginn och d'Traineren oder soss Personnel encadrant matgezielt.

Zousätzlech gëtt et Oplagen zu der minimaler Fläch pro Persoun: Fir eng Persoun, déi aleng Sport mécht, si minimal 15 m² an zouene Strukture virgesinn, fir zwou Persoune brauch een op d'mannst 50 m² an ab dräi bis maximal zéng Persoune mussen 30 m² pro Persoun zur Verfügung stoen.

All Sportsinfrastrukture kënnen also nees opgoe vun e Méindeg un, wann de Propriétaire dat esou decidéiert. Meeschtens sinn dat d'Gemengen.

No den Erklärunge vum Sportsminister kommen elo eng ganz Partie Detailinformatiounen, also ausféierlech sanitär Recommandatiounen, déi vum Sportsministère zesumme mat der Santésdirektioun a mat de Sportsfederatiounen, mat deene betraffene Sportsfederatiounen ausgeschafft ginn an den Acteuren um Terrain zur Verfügung gestallt ginn. Erkläert gëtt doranner zum Beispill, dass et méiglech ass, zu méi Gruppe vun zéng eng Sportsinfrastruktur ze notzen, dat a verschiddenen ofgetrennten Installatiounen oder awer zum Beispill dobaussen, wann op d'mannst 20 Meter Distanz tëschent dëse Gruppen ass. De Minister huet drop higewisen, dass do awer net onendlech vill Gruppen därëfen zesummenkommen, mee dass dat am Prinzip zwou Gruppe vu maximal zéng Leit sinn. Mee wéi gesot, den Detail ass ze kläre mat deene verschiddene Federatiounen.

Och an den Duschen a Vestiären, do, wou eigentlech dee gréisste Risiko ass, ausser wann een a Sportaarte wierklech quasi uneneegeréit, si ganz strikt Moossnamen a Virsichtsmoossname virgesinn.

Schwammen ass just an ofgetrennte Couloire méiglech. Fir Couloiren, déi 50 m laang sinn, gëllt d'Limitt vu maximal sechs Persounen, bei 25-Meter-Couloire sinn et der maximal dräi, soudass jiddwereen deem aneren aus de Féiss, aus den Äerm, oder wat et dann ëmmer ass, kënn, dass een also gutt laanschtenee kënn, ouni dass Kierperkontakt ass. An hei gëtt ënnerstrach, an dat kann een noliessen an enger ganzer Rei vu Publikatiounen: Am Chlorwaasser huet de Virus ganz wéineg Chancë fir ze iwwerliewen.

Den Text, iwwert dee mer ofstëmmen, schwätzt iwwregens vun „activités sportives et de culture physique“ a soll esou och zum Beispill Danzschoulen, Yoga, Zumba, Pilatescoursen an änlech Aktivitéite couvréieren.

Op Nofro krute mer och erkläert, dass d'Fitnessszentren ënner all dës Reegelen a Restriktiounen falen an dass et, well et sech ëm kommerziell Etablissements an Lieux ouverts au public handelt, och wäert méiglech a sënnavoll sinn, fir ze kontrolléieren, ob dës Reegelen och applizéiert an agehale ginn, an dass, wann et muss sinn, och sanktionéiert ka ginn. Dat ka bis zur Schléissung goen.

Eng Ausnam bei deene Restriktiounen fir d'Sportsaktivitéiten gëllt fir d'Elitesportler, hir Trainingspartner an Encadranten, fir déi professionell Sportler, d'Kadere vun den nationale Federatiounen, d'Schüler vum Sportlycée an den nationale Formatiounszentren an d'Sportler vun den ieweschten Divisiounen um Seniorsniveau, dat fir d'Trainingen an d'Kompetitiounen.

Wéi et awer ausgesäit, hu verschidde Federatiounen schonn decidéiert, net mam Akraaftsetze vum Gesetz mat hire Championnater erëm unzesetzen, mee dättelech méi spéit - am Februar, fréistens uganks Februar, oder souguer nach méi spéit.

Fir hei gréisstméiglech Sécherheet ze hunn, gëtt et fir d'Kompetitiounen beim Fussball, Basket, Handball, Volleyball och erëm e Projet vu Schnelltester, dee vum Lëtzebuurger Institute of Health begleet gëtt, dat am Kader vun enger wëssenschaftlecher Etüd.

Wichtig ass ze betounen, dass all Trainingsa Kompetitiounen mussen ouni Spectateure stattfannen, an et dierfen och keng Buvettë fonctionéieren, kee Gedränk a keen lesse verkaf ginn.

D'Sportsaktivitéiten am Kader vun der Schoul, am Peri- a Parascolaire gi grad wéi dee ganze Beräich separat iwwert d'Recommandatiounen vum Educatiounsministère gereegelt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, e puer Wuert iwwert d'parlamentaresch Prozedur. De Projet gouf de 5. Januar deposéiert. Dee selwechten Dag war déi éischt Reunioun vun der Gesondheetskommissioun. An enger zweeter Sëtzung vun der Sportskommissioun a Presenz vum Sportsminister goufen d'Restriktiounen am Beräich vum Sport diskutéiert. Duerno war eng Reunioun vun der Educatiounskommissioun an engem änlechen Zesummenhang. Den Avis vum Conseil d'État ass de 7. Januar komm. Eis Kommissioun, zesumme mat de Leit, déi de Sport verrieden an der Kommissioun, ass direkt duerno zesummekomm a krut en Avant-projet de rapport presentéiert. De Rapport ass de Moien definitiv adoptéiert ginn mat de Stëmme vun der Majoritéit.

Nieft de ville Prezisiounen virun allem iwwert de Sport huet d'Kommissioun net nëmmen den Text vum Projet de loi ganz am Detail analyséiert an och op eenzel Problemer higewisen, mee och nach eng Partie wichtig Froen opgeworf.

Ech komme bal zum Schluss, Här President, ech gesinn, dass meng Zäit och ofgelaf ass.

Ënner anerem goufen ugeschwat d'Vakanzeretouren, wou de Leit wärmstens un d'Häerz geluecht gëtt, wa se aus der Vakanz erëmkommen, vun där Méiglechkeet, fir sech ze testen, Gebrauch ze maachen.

Een Thema war och déi nei Virus-Souche, déi aus Groussbritannien eriwuerkënt, wou mer eis Suerge maachen an déi mer onbedéngt mussen am A halen.

D'Avisen, wéi gewinnt, ware kritesch, mee och positiv. D'Kritik huet dobausse vill Raum fonnt. Dat manner Kritescht huet dobausse keng Beuechtung fonnt, esou zum Beispill den Avis vum Collège médical, deen dëse Projet ganz ausdrécklech begréisst, well e seet, dass dat heiten e gudde Schratt ass fir d'psychesch Gesondheet an d'Gesondheet allgemeng. Ech mengen, dat därëf een och emol eng Kéier an enger Zäit, wou ee sech méi op dat Negatiiv fokaliséiert ewéi op dat Positiivt, ervirhiewen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Mir hunn och nach eng Kéier insistéiert, dass déi Daten, déi bei der Vaccinatioun erhuewe ginn, dass déi sollen 20 Joer, dat ass de Stand vun haut, versuergt ginn, dass dat nach eng Kéier kritesch hannerfrot gëtt. An d'Madamm Minister huet eis d'Garantie ginn, dass si dat suergfältig wäert präiwen an an net an allze ferner Zukunft do eng Äntwert wäert ginn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, eis Aarbechte si schnell gemaach ginn, souwuel vun der Chamber wéi vun der Regierung wéi vum Staatsrot, mee si si grëndlech gemaach ginn. Si si grëndlech gemaach ginn! Mir hunn eng ganz Rei vu Kommissiounsaarbechte genotzt, fir de Projet am Detail duerchzehuelen an déi kritesch awer och déi manner kritesch Elementer entweeder ze begrëissen oder drop hinweisen. An och wann an der ëffentlecher Duerstellung erëm eng Kéier méi déi negativ Punkten zur Geltung kommen, sinn an der Kommissioun ganz vill positiv Echoen awer komm. An ech wëll och ënnersträichen, dass dat net nëmme Majoritéit an Opposition oder just d'Majoritéit war, mee dass dat queesch duerch d'Reie gaangen ass an och vun enger Rei vu Kolleegen, ob se elo op där enger oder op där anerer Säit souzen, positiv ervirgehuewe ginn ass.

Zum Schluss e grouse Merci un eis Mataarbechter: d'Kommissioun erweidert op de Sport, d'Regierungsvertreieder, déi schnell reagéiert hunn, wa mer se gebraucht hunn, de Staatsrot, déi berodend Instanzen. An ech mengen, hei ass eng beispillhaft schnell a grëndlech Aarbecht gelescht ginn. Wann de Projet haut gestëmmt gëtt, da wäert en e Méinden a Kraaft trieden, e Méinden eng Sekonn op Mëternuecht.

Dat gesot, soen ech lech alleguer Merci fir dee konstruktiv kritesche Geescht, wéi mer hei, wéi ëmmer, an eiser Kommissioun geschafft hunn. Här President, Merci fir Är Gedold. An ech bieten dann d'Chamber, de Go fir dëse Projet ze ginn! Ech weess selwer net méi, ob et den Nummer 9 oder 10 ass, deen ech ...

(*Interruption*)

... hei duerft presentéieren. Jo, et ass och nach d'Verlängerung, et ass d'Verlängerung vun ... - Dir hutt verstanen.

(*Hilarité*)

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Voilà, dat gesot, Merci villmools, Här President, och fir Äert Versteesdemech.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo. An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler agedroen. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Merci, Här President, ech wëll am Ufank ..., et ass mer e Besoin, fir lech och Merci ze soe fir déi Wieder, déi Der iwwert d'amerikanesch Situatioun fonnt hutt. Als Politiker an als Privatpersoun fannen ech, datt et einfach wichtig war, datt och d'Haus vun der Lëtzebuurger Demokratie kloer an dättelech Stellung hält a seng Meenung seet. Dofir, merci fir déi Initiativ!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Ech fänken dann direkt u mat deem zweete Merci fir de Rapporteur. Hien huet sech vill Aarbecht gemaach, huet erëm missen eng schnell Aarbecht maachen, och a Situatiounen, déi net evident sinn, fir kee vun eis, weeder fir d'Regierung nach fir d'Parlament. An dofir sinn ech och frou, datt mer, obwuel mer beim Gesetz elo eng aner Meenung hunn, mee datt mer kënnen awer op déi Aart a Weis virukommen a schaffen.

Mir hunn als CSV de 24. September (veuillez lire: de 24. Dezember) den Text matgestëmmt, deen haut nach en vigeur ass. Mir hunn e matgestëmmt, obwuel mer sengerzäit vill Bedenken haten, obwuel mer der Meenung waren, datt en am Fong ze spéit - vill ze vill spéit! - komm ass, an obwuel mer gemengt hunn, e wär voller Feeler an Onzoulänglechkeeten. Mir hunn e matgestëmmt, well mer gemengt hunn, datt kee Wee derlaanscht géif goen an der Situatioun, wou mer sengerzäit waren, well mer säit Wochen a Méint als CSV Verschäerfunge gefrot hunn, a well mer gemengt hunn, datt et dee richtege Wee wär, fir de Virus ze bekämpfen, fir d'Spideeler um Fonctionéieren ze halen, fir dem Spidolspersonal ze hëllefen a schlussendlech, fir Liewen ze retten.

D'Covidtexter sinn, menger Meenung no, der CSV hirer Meenung no, keng parteipolitesch Texter. Hei geet et ëm vill, vill méi. Dofir hu mer et matgestëmmt, ganz einfach, well mer et als richtig empfongt hunn.

Zéng Deeg nom Akraafttriede proposéiert d'Regierung en Text, deen erëm quasi all déi ageféiert Moossnamen ersatzlos ofschaaft - zéng Deeg duerno! Mir verstinn dat net! Mir verstinn net, wat d'Regierung wëllt, mir verstinn net, wat d'Regierung mécht.

Ech hunn den Explikatiounen vun der Regierung gutt nogelauschtert. D'Madamm Lenert huet en Dënschdeg op der Pressekonferenz an hirer Intro gesot, datt de Mount Januar géif e ganz kritesche Mount ginn, datt mer nach net do wären, wou mer hi géife wëllen, datt mer nach net do wären, wou mer an enger Zone de confort wären, nach net do wären, wou ee kéint un aner Schrëtt denken, wou een an eng wierklech aner Phas géif kënnen iwwergoen, mat manner Vigilance. Dat wär, sot si, am Januar nach net de Fall.

An ech hunn der Madamm Lenert mat där Analys absolutt Recht ginn. An da proposéiert d'Regierung en Text, wou an eisen Ae sämtlech Moossnamen zrëckgezu ginn, an dat just zwou Wochen, nodeems datt se decidéiert waren.

Dir wësst, datt et nach net d'Zäit ass. Dir sot et an aller Dättelechkeet an Dir maacht et awer. Mir verstinn d'Regierung net! An ech mengen, d'Lëtzebuurger wëssen och net méi, wat Der wëllt.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Elo erkläert Der eis, datt d'Zuelen zrëckgaange sinn. Dat ass richtig - Gott sei Dank ass et richtig! Mee och an Ären eegenen Zuele si mer nach extreem héich, och am Verglach zu deenen aneren, leie mer op deem selwechten Niveau wéi Frankräich, Däitschland, Belsch, wat d'Zuel vun den neie Fäll oder d'Zuel vun den Doudegen ugeet. „Parmi les plus élevés en Europe“, seet de Ministère de la Santé an deem Avis, deen e bäigeluucht huet, fir dësen Text ze justifizéieren, um selwechten Niveau, wann net deelweis driwwer, mat engem Taux de positivité fir déi Fäll, déi duerch en Test op Ordonnance fonnt ginn, nach ëmmer bei 5,6 %. E misst ënner 3 leien. A Gott sei Dank sinn awer d'Zuel vun den Hospitalisatiounen an deene Leit, déi op der Intensivstatioun leien, erofgaangen, wat positiv ass, mee se sinn do, wou mer am Mäerz, Abrëll waren, wéi mer en totale Lockdown decidéiert hunn. Dat ass do, wou mer och Mëtt Oktober waren, wéi mer déi éischt méi drastesch Moossnamen heibanne bei der zweeter Well decidéiert hunn.

De Ministère de la Santé, dat heescht der Regierung hir Experten, soen: „Mir sinn elo do, wou Nopeschlänner sinn, mir sinn op engem ganz héijen Niveau.“ An dann zitéieren ech den Text, fir datt et kloer ass, datt ech dat net soen, de Ministère de la Santé, d'Experte vum Ministère, soen: « Il est indispensable que le recul des nouvelles infections soit soutenu pendant quelques semaines. » Dat ass momentan awer net de Fall. Äre Ministère seet ganz kloer, et wär momentan nach net Zäit, fir Allegementer ze maachen. Ech liesen et och vir - och do, fir ze soen, datt et net meng Wieder sinn, mee datt et d'Wieder vum Mi-

nistère de la Santé sinn. De Ministère de la Santé seet, et wär nach net Zäit fir Allegementer: « Bien au contraire, il convient de renforcer les mesures afin d'éviter une nouvelle vague d'infections encore plus importante en début 2021. »

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Är Experte soen « il convient de renforcer » déi Moossnamen. An zweetens, si warne virun all Relâchement, well déi Vague, déi eventuell ka kommen, nach méi schlémm ka ginn, wéi déi, déi mer elo kannt hunn. Dat sinn net ech, deen dat seet, dat ass de Ministère de la Santé selwer, deen et seet.

D'Europäesch Kommissioun seet: « En tout état de cause, la leçon à en tirer est qu'il est important d'évaluer de manière approfondie l'incidence d'une mesure avant toute levée progressive de celle-ci ».

Dat ass kloer an dättelech, mee dat geschitt net hei zu Lëtzebuerg. Souguer de LIST huet de 6. Januar en Avis erausginn, eng Analys vun den Ofwässer. An do huet en zwou Konklusiounen draus gezunn: Et wär nach ëmmer eng grouss Prevalenz vum Virus am Ofwaasser, souwuel um nationalen wéi um regionalen Niveau. An e seet, dee luesen Trend no ënne géif net weidergoen an hätt sech elo op engem héijen Niveau stabiliséiert.

Wann ee weess, datt d'Tendenz am Ofwaasser e Bléck an déi no Zukunft ass, da kann een doraus d'Konklusioun zéien: éischtens, datt elo net soll erofgaange ginn, zweetens, datt et nach ze héich ass an drëtzens, datt mer keen explikabele Grond hunn, fir déi Moossnamen, déi mer elo hunn, opzeweichen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - De Conseil d'État huet gëschter a sengem Avis genau dat selwecht gesot. Op seng feutréiert a politesch neutral Aart a Weis, wéi en dat muss maachen, stellt de Conseil d'État fest, datt d'Regierung seet, d'Situatioun wär nach schwiereng anzuschätzen, datt de Kampf misst gekuckt ginn, och a Consideratioun mat deem, wat an anere Länner gemaach gëtt, datt ee misst ganz gutt oppassen, well nei Souchë kommen, an datt een déi Moossname nach net kéint evaluéieren, well een nach net kéint gesinn, wat se bruecht hätten. An da seet de Conseil d'État an deem selwechten ... - an och do wëll ech et virliesen, fir ze weisen, datt d'Wieder net vu mir kommen: « Pourtant, les auteurs du projet de loi sous rubrique proposent la levée de certaines des mesures imposées il y a deux semaines, sans donner des explications. » Dat ass feutréiert, dat ass politesch neutral, mee dat ass kloer an dättelech.

D'Regierung explizéiert am Exposé des motifs eppes, a mécht an der Realitéit am Text genau de Contraire. De Conseil d'État versteet net, wat d'Regierung mécht, wann en d'Explikatiounen liest, déi d'Regierung dozou gëtt. An et huet een d'Impressioun - an dat ass awer da vu mir -, datt den Exposé des motifs geschriwwen ginn ass, éier d'Decisiounen am Conseil geholl gi sinn, datt do aner Decisiounen am Conseil geholl gi sinn, wéi initialement am Exposé des motifs stoungen, an datt duerno einfach déi zwee Texter uneneegepecht gi sinn, well den Zesummenhang an d'Kohärenz gesi mer net.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Dobäi kënn dann den Avis vum dem Conseil supérieur des maladies infectieuses, dee seet: « En conséquence, il recommande au Gouvernement de maintenir des mesures restrictives, pendant deux semaines au moins après la fin des congés de fin d'année, notamment dans les domaines où les interactions sociales directes et non-protégées sont inévitables. » Och dat ass kloer. Dat sinn déi eegen Organer, déi Lëtzebuerg huet, fir d'Situatioun ze evaluéieren, déi schwätzen eng kloer an eng dättelech Sprooch!

D'Mënschrechtskommissioun versteet och de Rasonement vun der Regierung net, well se seet, et wär momentan onméiglech anzuschätzen, wéi d'Situatioun wär a wat déi Moossname bruecht hätten. A se mécht och drop opmierksam, datt aner Länner an änleche Situatiounen genau déi selwecht Moossname verlängert hunn: Frankräich, Däitschland, Éisträich, England, Dänemark.

Deen eenzegen Avis, deen eppes anescht seet - an dat huet de President vun der Kommissioun och gesot, mee ech wëll en awer erimmen -, dat ass dee vun den Dokteren, vum Conseil médical (veuillez lire: Collège médical), dee seet, mir missten effektiv oppassen op déi psychiatresch Situatioun, déi géif an dësem Kontext och matspillen.

Mee all déi aner Avise ginn an eng aner Richtung a se si kloer a schwätze Recommandatiounen un d'Regierung aus, déi a mengen Aen dättelech sinn. Vu quasi allen nationale Gremien, vun allen europäesche Gremien ass et kloer: Et ass nach net Zäit fir opzemaachen! Déi Warnungen, déi ausgesprach ginn, si grad esou kloer: De Risiko vun enger drëtter Well, déi nach méi schlémm ass wéi eng zweet Well, steet am Raum, wa mer net oppassen a wa mer elo oplackeren.



■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- D'Regierung huet decidéiert, all déi Recommendatiounen a Warnungen ze ignoréieren, a geet elo en anere Wee.

D'Regierung seet: „D'Zuele sinn erofgaangen“. Dat ass richteg - ech wëll och soen, dofir hu mer och deem Text d'leschte Kéier matgestëmmt, well mer gemenzt hunn, et géif an déi richteg Richtung goen.

Mir ware sengerzäit europawäit, quasiment weltwäit bei deenen, déi déi héchsten Zuelen haten - bei Wäitem! -, méi héich wéi all eis Nopeschlänner, méi wéi d'Duebelt, respektiv heiansdo méi wéi dat Véierfacht wéi eis Nopeschlänner. Mir sinn elo do, wou aner Länner och sinn, nach op engem ganz héijen Niveau.

Mee, wat mech bei der Situatioun, an där mer haut sinn, wierklech beonrouegt, zousätzlech beonrouegt - an dat liest een och an allen Avisen erëm -, dat ass, datt mer op deem héijen ... - quitte datt mer op méi engem déiwen Niveau sinn, mee nach ëmmer op engem ganz héijen Niveau, an dat no der Vakanz! Nodeems d'berufflech Aktivitéiten, déi sozial Aktivitéiten, d'Commercen, d'Schoulen zou waren, d'ganz Aktivitéit duerch d'Vakanz erofgefuer war, si mer nach op engem relativ héijen Niveau, an et ass op deem Punkt, wou mer elo opmaachen! Wëssend, datt d'nächst Woch dat soziaalt Liewen, dat Beruffsliewen erëm richteg wäert ugoen, an dann déi ganz Infektiounswellen erëm a Gang kommen!

Mir sinn elo am Fong an enger roueger Situatioun, a mir maachen elo do op, wou mer wëssen, datt d'Aktivitéiten erëm weesentlech méi staark ginn an d'Geforen also deementspriedend méi grouss sinn! D'Ministesesch seet mat Recht: „Januar ass e kritesche Mount“. An d'ECDC, deen europäesche Organismus, deen déi ganz Krankheeten hei begleet, déi gëtt laang Explikatiounen a Warnungen a seet, datt een am Dezember genau dat do net sollt maachen.

Mir wëssen och, datt nei Varianten an England an a Südafrika do sinn. Se sinn a ganz villen europäesche Länner identifizéiert, an all deene Länner, déi ronderëm eis sinn: an der Belsch, a Frankräich, an Däitschland an och zu Lëtzebuerg. Mir wëssen, datt se vill méi ustiechend sinn. D'ECDC seet, datt de Risiko extreem grouss ass, datt dës Souche sech ganz schnell wäert ausbreeden an an Europa a weltwäit predominant ka ginn, warnt also virun de Geforen.

Mir wëssen och, datt eisen Impfprogramm net esou schnell virugeet, wéi mer dat am Ufank geduecht haten. Mir wëssen, datt mer warscheinlech organisatoresch prett sinn, mee datt eis einstweilen den Impfstoff feelt. Mir wëssen anscheinend net, wéini wat wou zur Verfügung gestallt gëtt. Mir hu kee Plang, wéi mer déi Impfungen duerchzéien, contrairement zu deem, wat an anere Länner, Frankräich, Däitschland, Éisträich ass, déi ganz Impfungspläng erausginn hunn, mat Prioritéiten. Frankräich huet zum Beispill gëschter decidéiert, datt ab dem 18. Januar all déi Leit iwwer 75 Joer - an den Altersheemer oder net an den Altersheemer -, sech kéinten impfe loosser.

Mir hu keng Efforte gemaach, fir niewent europäeschen Keef nach zousätzlech Dosen ofzesécheren. Mir haten dat Ufank November gefrot, mir kruten dee Moment Nee gesot, an am Dezember krute mer du gesot, datt emol géif gekuckt ginn. Mir hunn och hei keng Diskussiounen iwwert dat, wat aner Länner maachen, wéi de Fait vun der zweeter Injektioun, déi eventuell ka retardéiert ginn. Ech sinn net Wëssenschaftler, ech weess net, ob dat richteg oder falsch ass. Ech gesinn awer, datt déi Diskussiounen an anere Länner lafen, ganz einfach, fir esou schnell wéi méiglech méi Leit geimpft ze kréien.

Mir krute villes gesot sengerzäit an de Questions parlementaires, mee mir hunn awer dovunner näischt méi héieren. A mir hunn haut d'Impressioun, datt dee prioritären an deen absolutt prioritären Effort vun den Impfungen net esou gemaach gëtt, wéi e sollt gemaach ginn. A mir stellen eis d'Fro firwat. An ech si frou, datt mer duerno nach eng Diskussioun doriwwer kënnen féieren, wou den Här Halsdorf eis Meinung nach méi am Detail wäert erklären.

Mir wëssen och - a mir gesinn dat, wat ronderëm eis geschitt -: Däitschland, Frankräich an och d'Belsch, déi schrauwen hir Moosnamen erop! Oft mat ville politesche Schwieregkeeten an interne Contestatiounen. Däitschland huet de Shutdown bis zum 31. Januar decidéiert.

Frankräich huet gëschter decidéiert, datt - jusqu'à nouvel ordre - all déi Moosname géife bäibehale ginn. A si kucken dat eréischt den 20. Januar nach eng Kéier frësch.

Mir, mir maachen de Contraire! Mir wëssen dat alles, a mir maachen de Contraire: Mir maache méi op! D'Regierung seet: „Mir ginn eisen eegene Wee, onsen eegene Wee an der Pandemie.“ - ... onsen eegene Wee an der Pandemie. Mir wëssen, zu wat deen eegene Wee an der Pandemie zwëschent Oktober an Dezember gefouert huet. Mir fueren awer weider, eisen eegene Wee ze goen, mir maachen et elo nach eng Kéier! An ech soen lech: Domat hält d'Regierung eng grouss Responsabilitéit, fir hei en eegene Wee, en anere Wee ze goe wéi all déi Länner ronderëm eis.

A just als Niewesaach: Dat Bild, wat Lëtzebuerg an deene leschte Méint vu sech ginn huet, huet eis an eisen Ae geschuet. Deen heiten Text mécht dat och. Mir ginn e Bild vun Onseriositéit an deelweis vu Récksiichtslosegkeet par rapport zu aneren of. De Ministerpresident aus dem Saarland huet et op de Punkt bruecht: Bei dësen Zuelen ze lockeren, sot en, wär zu Lëtzebuerg verantwortungslos. D'Entscheidung vun der Lëtzeburger Regierung wär eng Belaaschtung fir d'Groussregioun. Dat si kloer Wieder!

■ **Une voix.**- O!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- An et huet ee se gesot, an et si ganz vill anerer an Europa, déi grad esou denken. Elo kann een dat contestéieren, wéi ee wëllt, esou laang ee wëllt, ...

■ **Une voix.**- Jo!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- ... mee dat sinn Iddien, déi momentan am Ausland iwwer Lëtzebuerg zirkuléieren, an déi dinn eis net gutt.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Dir musst et awer och net gutt fannen!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Wësst Der, ob ech se gutt fannen oder net, ...

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Mee Dir sot se awer bei eis!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- ... ech stelle just fest, datt mer haut eng Politik maachen, déi zu esou Aussoe féiert. An ech fannen dat net gutt!

(Interruptions)

Mir hunn lech am Dezember gesot, datt deen Datum vum 10. Januar, fir déi aktuell Moosnamen opzehalen, net gutt gewielt wär, well dat géif heeschen, datt een de 4. oder de 5. scho misst decidéieren, wat een als nei Moosnam géif huelen, wëssend, datt d'Vakanz eng Accalmie géif mat sech bréngen. Et géif ee sech domat also - dat war deen Text, deen ech gesot hunn - selwer ënner Drock setzen, well ee wëisst, datt ee besser Zuelen hätt wéi virdun, mee well ee wëisst, datt op Cause vun deene besseren Zuelen - déi deelweis duerch d'Vakanz bedéngt sinn, also geféierlech sinn -, an deen Drock, deen excercéiert ... Et muss een oppassen, wat ee mécht, an datt een dat och uerdentlech a korrekt mécht.

Genau deen Drock ass elo komm, genau dat ass geschitt, wat mer virdru gesot haten! An ech soen hei ganz kloer: Mir hätte sengerzäit gär gehat, datt mer deen Text hätte kënnen méi laang lafe loosser. An haut soe mer, datt mer deen Text nach gär 14 Deeg méi laang - mindestens! - gehat hätten.

Mir verstinn och net d'Logik vun de Moosnamen, déi Der hei loosst oder aféiert. Mir ware sengerzäit géint de Cufew, d'Ausgangsspar um néng Auer - net, well mer am Prinzip géint de Cufew waren, mee mir waren dergéint, well mer d'Effikassitéit dovunner, an deem Moment, wou Der et agefouert hutt, net agesinn hunn, well Der zur selwechter Zäit d'Geschäfte, d'Bistroen zougemaach hutt, en Alkoholverbuuet gemaach hutt, Rassemblementer restriktiv behandelt hutt, d'Familljeliewe ganz staark ageengt hutt.

Mir ware mat all deene Moosnamen d'accord, an dofir hu mer gesot: „Mee wann Der all déi Moosnamen do maacht, da llicht et eis net an, firwat Der och nach zousätzlech e Cufew maacht, deen eng extreem aschneidend Moosnam an d'Fräiheet vun de Lëtzeburger ass.“ An ech soen och haut: Wann Der eis kënn beweisen an erklären, datt en eppes bréngt, si mer direkt domat d'accord.

Mee dat hutt Der nach net bruecht an dat hutt Der nach net gesot!

(Mme Paulette Lenert montre une documentation.)

Ech hunn och nogelauschtert, déi Etüden, déi Der eis ... - Dir kënn eis dat jo duerno erklären -, ech hunn déi Etüde gelies, déi Dir zitéiert, fir et ze justifiéieren. Do steet dran, datt esou e Cufew ëmmer géif am Pak gemaach ginn, an datt et individuell eng ganz Rei aner Moosname géif ginn, déi weesentlech méi effikass sinn: Reesbeschränkungen op där enger Säit, an dann haaptsächlech d'Zoumaache vu Schoulen, vu Geschäfte, vu Restaurants an den Homeoffice. Dat ass dat, wat déi Etüde soen, déi grad esou gutt soen, datt d'Jugendlecher zwëschen 10 an 19 Joer och déi Haaptinfektiounsquell an deem Geschehen, wat mer momentan kennen, wären.

Wann déi Etüden, déi Dir selwer zitéiert, fir lech esou wichteg sinn, da soen ech, wann ech dat liesen, dann hätt Der vläicht besser, dem Här Meisch se eng Kéier weiderzeginn, fir datt hie se och géif applizéieren op déi Politik, déi hei zu Lëtzebuerg an der Educatioun gemaach gëtt.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Op jidde Fall, wann Dir iwwerzeegt sidd, datt dat eppes bréngt, da verstinn ech net, datt Der et just op néng Auer setzt, just fir d'Chrëschtvakanz, wou d'normaalt Liewe souwisou erofgefuer ass. Oder war et just fir Silvester, fir do ze evitéieren, datt ze vill Fester géifen entstoen? Well dann hätt Der et nämlech och kënnen anescht

maachen! Mir verstinn net, wéi déi Politik konzipéiert ass. Mir verstinn net, wat Der en fin de compte schlussendlech wëllt!

Zu de Commercë wëll ech soen: Ech verstinn d'Suerge vun de Commerçanten.

■ **Une voix.**- Ou?!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech weess, wéi haart et ass an där Zäit, wou se elo liewen, wa se hire Beruff net kënnen exercéieren. An dofir sinn ech frou, datt se Hëllef kréien, an et muss een ëmmer erëm déi Hëlfe iwwerkucke fir ze gesinn, ob se effikass sinn, ob se genügend sinn an ob se och kënnen dat Häertst bei hinnen evitéieren.

Mee ech liesen awer och dat, wat déi eege Servicer vum Ministère de la Santé soen, an déi soen, datt déi héich Zuelen, déi mer haut kennen - 200 Infektiounen den Dag -, e groussen ekonomeschen Impakt hätten, wann 3 % vun der Populatioun „en isolement ou en quarantaine“ wären. Dat heescht, déi Politik, déi elo gemaach gëtt, déi Oplockerungen, déi elo gemaach ginn, déi hunn intern selwer en ekonomeschen Impakt, an dofir ass d'Fro, déi fir eis ganz kloer ass, ob et sënnavoll ass, déi do Moosname schonn an dësem Moment ze huelen.

D'CSV huet säit Oktober strikt Moosname fir kleng Commercë gefrot. Mir hunn hei véier Texter, déi gestëmmt gi sinn, an du stoung ech op dëser Tribün an hu gesot: „Ech verstinn net, datt Der net méi strikt Moosname fir d'Texter frot.“

Dir hutt bis de 24. Dezember keng agefouert. Dir hutt ofgewart, bis de Black Friday eriwuer war a bis all déi verkafsuppe Sonndeger eriwuer waren. Mir hu gefrot - iwwer Motioun -, datt se virdru sollten zougemaach ginn. Dir hutt se opgelosst, Dir hutt elo während de Vakanzewochen zwou Wochen zougemaach, an elo maacht Der erëm op, direkt fir d'Solden. Mir verstinn déi Politik net, déi hei gemaach gëtt!

(Brouhaha)

An déi strikt Moosnamen, déi Der elo aféiert, soen ech och ganz kloer, déi kommen an dësem Moment vill ze vill spët!

Wat d'Schoul ugeet, ass et fir eis evident, datt een d'Schoulen natierlech esou wäit wéi méiglech an esou fréi wéi méiglech soll opmaachen. Awer och do si mer der Meinung - contrairement zu deem, wat den Här Meisch während Méint behaupt -, datt d'Schoulen net eng Welt fir sech sinn an datt d'Kanner grad esou ugestach ginn a grad esou ustiechend sinn, wéi all déi aner Bierger, déi en aneren Alter hunn. Mir fannen - ech soen dat hei och kloer -, déi fënnef Deeg Homeschooling, déi mer elo no der Vakanz haten, net der Situatioun an der Gefor gerecht.

Mir wëssen net, ob, wat, wéi vill déi Moosnam bruecht huet, a kee vun eis kann et haut aschätzen. An elo gëtt se direkt erëm ofgeschaf, an elo fänke mer erëm un, nächste Méindeg, ouni datt mer wierklech zousätzlech Moosnamen an der Schoul agefouert hunn.

An all déi Moosnamen, déi mer gefrot hunn, säit Wochen a säit Méint, ginn elo, nodeems mer fënnf Deeg Homeschooling haten, awer net agefouert. Mir hu gefrot, fir déi A- + B-Gruppen ze erweidere par rapport zu deem, wat haut de Fall ass. Mir hu gefrot, fir en uerdentlecht Ekipement an de Primär ze kréien, fir datt mer do och uerdentlech kéinte Schoul halen, wann Homeschooling wär. Mir hu gefrot, datt en Decalage vun de Busse géif kommen, fir déi weesentlech ze entlaaschten, fir datt do manner Ustiechunge géife kommen. Mir hu gefrot, fir en Ekipement vu Ventilatiounen ze kréien an deene Raim, déi net kéinten opgemaach ginn. Mir kréien elo CO₂-Ampelen, awer net déi aner wichteg Ekipementer, déi mer onbedéngt an deene Klassenäil brauchen. Mir hu gesot, datt eng verbessert Kommunikatioun mat den Eltere sollt sinn - déi ass sécher net do! Mir hu gefrot, eng uerdentlech Koordinatioun zwëschent de Kantinnen, de Maison-relaisen, dem Transport ze kréien - och dat ass an eisen Aen absolutt net geschitt! Mir hunn notament déi lescht Fro an där leschter Kommissioun, der Educatiounskommissioun, ugeschwat. De Claude Meisch huet eis do op seng üblech Aart a Weis eng Zort Moralpriedegt gehalen: En huet eis gefrot, ob mir dann net wësst, wéi Maison-relaise géife fonctionéieren; ob mir net wësst, datt d'Maison-relaisen anescht géife fonctionéiere wéi eng Schoul. Si wäer keng Schoul. Mir wäer weltfriem, huet e gesot, well mer net géife wëssen, wat alles lass wär!

Ech soen lech ganz kloer: Ech weess, wéi eng Maison relais fonctionéiert, wéi d'Kanner do sollen an de beschte Konditiounen betreit ginn! Ech weess, datt et eng aner Pedagogie ass wéi an der Schoul! Mee dat, wat ech awer och weess, datt ass, datt mer momentan eng Pandemie hunn, an datt d'Kanner an der Schoul, am Periscolaire an der zweeter Well och eng Roll gespillt hunn. An da soen ech ganz kloer, datt et net weltfriem ass, mee realitéitsno, fir elo ze soen, datt ee sech ka prioritär ëm déi Pandemie bekëmmern, an datt een déi Pedagogie an deene Maison-relaisen och muss upassen un déi Situa-

tioun, déi mer hunn. Dat ass net ze vill gefrot! Ech fannen dat eng Normalitéit, wann een dat freet!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Fir eis huet d'Regierung keng Linn. Mir fannen, datt et momentan en absolutten, en totale Pilotage à vue ass, e Flipflop, en Hin an Hier ouni kloer Ziler. Mir verstinn dat net! Mir froen eis, firwat dat esou ass. Ass et, well se et net fäerdeg bréngt, eng richteg Decisioun ze huelen? Well se Drock ausgesat ass an net mam Drock kann ëmgoen? Well se sech an der Regierung net eens sinn? Oder well eng gewëssen Naivitéit spillt a well gemenzt gëtt, Lëtzebuerg wär awer eng Insel?

Dir sot: „Mir ginn hei zu Lëtzebuerg en eegene Wee, an deen eegene Wee ass dee richtegen!“ An domat huet Dir als Regierung eng grouss Responsabilitéit.

D'Regierung probéiert, dat hanner Kommunikatioun ze verstopp, si seet: „Mir hunn alles am Grëff!“ All Decisiounen, seet de Staatsminister am Neijoerschdaginterview, deen e ginn huet, deen haaptsächlech ëm de Corona geet, all Decisiounen wären dee Moment, wou si se geholl hätten, mam Wëssensstand, dee se dee Moment gehat hätten, richteg gewiescht. Si hätten dat ëmmer alles am Grëff gehat a si hätten ëmmer zu deem Zäitpunkt, wou et richteg gewiescht wär, déi richteg Decisioun geholl. Dat ass d'Kommunikatioun, déi d'Regierung mécht.

De Problem ass, datt d'Leit lech dat net méi ofhuelen! Well se an deene leschte Méint gesinn, wat dobausse lass war. A sot mer: Wéi ass et méiglech, datt am Ausland, an deene Länner ronderëm - déi jo awer dee selwechte Wëssensstand hunn, zum selwechte Moment, wéi Dir -, datt do total aner Decisiounen geholl ginn, mat deem selwechte Wëssensstand, wéi mir hei zu Lëtzebuerg haten? Déi hunn all Onrecht, mir sinn déi eenzeg, déi Recht hunn, warscheinlech; de Lëtzeburger Wee ass deen eenzeg richtegen. All déi aner mam selwechte Wëssensstand huelen aner Decisiounen! De Problem ass, datt d'Leit lech dat net gleewen, well se wëssen, wat zwëschen Oktober an Dezember lass war!

A sot mer emol ... Mir hunn lech am September scho gefrot, dobaussen eng Maskepflicht anzeféieren; Dir hutt se eréischt zwee Méint duerno agefouert. Mir hunn lech gefrot, dat Verbuet vu Rassemblementer dobaussen ze maachen - Dir kënn lech erënneren un déi Diskussioun, déi mer heibannen haten iwwert déi Definitionen vun de Réunions organisées, dräi-, véiermol hu mer déi heibanne geféiert -, mir hunn dat am September gefrot; et huet zwee Méint gedauert, ier et agefouert ginn ass. Mir hunn am Oktober A- + B-Klassen gefrot; si sinn eréischt am Dezember komm. Mir hu Moosnamen an de kleng Commercë gefrot, Enn Oktober, Ufank November; et ass eréischt de 24. Dezember - respektiv elo -, wou Der déi Restriktiounen aféiert.

Mir haten déi selwecht Informatiounen wéi Dir, mir haten der warscheinlech souguer manner wéi Dir! Mir hunn awer aner Moosname vill méi fréi gefrot wéi Dir! An et ass un de Leit ze urteelen, wat richteg a wat falsch ass. An et ass un de Leit ze kucken, ob Är Decisiounen ëmmer zum richtegen Zäitpunkt geholl gi sinn, esou, wéi Der dat behaupt.

Hei gëtt en Narrativ an d'Welt gesat, wou Der op där enger Säit eppes sot, an op där anerer Säit ass d'Realitéit vun deem, wat Der maacht. An dat, wat gesot gëtt, entsprécht net ëmmer deem, wat hei gemaach gëtt. Haut seet d'Madamm Lenert: „Déi lescht Méint hate mer Zuelen, déi duerch de Plafong gaange sinn. Mir komme vu wäit hier.“ - lescht Pressekonferenz. Dat ass fundamental richteg!

Just, ech soen lech: Dat si Wieder, déi mer esou awer net am November, am Dezember héieren hunn. Wann ech lech déi Pressekonferenz, déi Der do gehalen hutt, do wou alles duerch de Plaffong gaangen ass, ... do ass dann dauernd gesot ginn: „Mir hunn alles am Grëff! Et ass an der Rei! Mir stabiliséieren alles! Dat packe mer ouni Problem!“

Also ... An ech soen, wann Der Politik maacht an esou Krisenzäiten, dann ass et fir mech absolutt wichtig, datt mer eng Regierung hunn, déi eng Kaz eng Kaz nennt, déi näischt verstoppt, déi net verschéinert, déi d'Wourecht am ganzen Ëmfang ... an ech soen net, datt Der eppes Falsches gesot hutt, mee déi d'Wourecht am ganzen Ëmfang seet an net verschéinert.

Well et ass eréischt, wann d'Leit lech gleewen, wou Der kënn Vertrauen erwecken, a Vertrauen ass fir eng Regierung a Krisenzäite weesentlech. An ech soen lech dat nach eng Kéier: Ech wënsche mer wierklech, datt mer eng Regierung hunn, déi eis hei derduerchféiert, an déi d'Vertraue vun de Leit huet, well an deene Situatiounen, wou mer sinn, ass dat weesentlech! Dat zum Gesetz.

Wat eis zur Steuerung vun dëser Kris feelt, an ech wëll dat awer och soen, dat ass dee laangfristige Plang, dee mer säit e puer Diskussiounen hei froen: déi Zilsetzungen, wéi an wouhi mer mat deene Moosname wëlle goen. Wann dat alles méi kloer wär, wann een dat mateneen - oder d'Majoritéit zumindest - an der Effentlechkeet ofgemaach hätt,



wat dann elo eis Zilsetzunge wären, da wär dat vill méi einfach. Dat géif hëllefen, den Zickzack an der Politik ze vermeiden, deen Duerjerneen ze vermeiden.

Mir sollte wëssen, wat déi nächst Etappe sinn an der Economie, bei de Classe-moyennens, wéini mer bereet sinn, opzemaachen. Mir sollte wëssen, bei wat fir engen Zuele mer aner Moossnamen an der Schoul kënnen huelen. Mir sollte wëssen an eisem Privatliewen, wou mer an der Epidemie wëllen hin, bei wat fir eng Zuelen, fir datt déi nächst Moossname kënnen a Kraaft trieden. A wéisste mer dat am Virus, da géif dat och méi Verständnis bei de Leit mat sech bréngen, fir déi Decisiounen, déi Dir huet. Mir hunn hei am Haus zwou Motiounen dofir gestëmmt, Dir hutt se och matgestëmmt, mee bis elo huet nach näischt bougiert.

Dat selwecht gëllt d'ailleurs fir d'Impfpolitik, e grouse Sujet, bei deem mer momentan net wëssen, wat Är Strategie ass. Mir wëssen, datt déi éischt zwou Gruppen, déi solle geimpft ginn Mir hunn awer keng Strategie, déi weesentlech weidergeet, wéi déi aner Länner - Däitschland, Frankräich, Spuenien, Éisträich - dat an allen Detailer virleeën. An déi wär awer wichteg fir eng Gestiou vum den Impfungen, esou, wéi se an deenen nächste Méint soll kommen.

Wéi wëllt Der engem Bierger soen, e soll sech impfe loossen - wann et un him ass, wann et säin Tour ass -, wann en net weess, zu wat fir engem Impfgrupp en da gehéiert, a scho guer net weess, wéini dann ongeféier oder zumindest a wat fir enger Rieffolleg deen Tour soll kommen? Dann entsteet Skepsis, evidenteweis, an dann entsteet och Onmutt. An et ass weesentlech, datt mer dat vermeiden, well déi Impfcampagne muss e Succès ginn! An et ass dorop, wou mer eis an deenen nächste Méint konzentriéieren mussen, an dat muss och déi absolutt, absolutt Prioritéit an der Politik sinn.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).** - Zum Schluss wëll ech dat soen, wat ech dauernd bei de leschten Texter gesot hunn: Et ass vill ze wéineg, et ass vill ze spéit, et ass net kohärent, et ass technesch problematesch. Dat huet dozou gefouert, datt mer eis bei deenen Texter entweeder enthalen oder Nee gesot hunn.

De 24. Dezember hutt Der en Text virgeluecht, deen an déi richteg Richtung gaangen ass, deen zwar ze spéit komm ass, mee d'Richtung huet gestëmmt. An Dir hutt do eng ganz Rei Restriktiounen agefouert, an dofir hu mer e mat Jo gestëmmt. Haut, 14 Deeg duerno, hieft Der erëm all déi Moossnamen op, an dat ouni Explikatiounen.

A mir soen haut ganz kloer: Fir eis ass et vill ze vill fréi, fir erëm opzemaachen, an an eisen Aen ass et äusserst riskant, elo erëm opzemaachen. An dofir wäerte mer bei dësem Text Nee stëmmen.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Claude Wiseler. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Gilles Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Merci fir d'Wuert, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn e Joer hanner eis, dat vun engem enzenge Thema dominiert war, dat war de Covid-19. An dëst Joer fänkt och mat deem Thema un.

D'Zilsetzung bleift awer - an do si mer eis, mengen ech, heibannen alleguerten eens -, ze probéieren, d'Leit esou wäit et geet ze schützen an d'Spideeler, d'Gesondheets- an d'Fleegepersonal ze entlaaschten. Ech géif op dësem Wee dem Rapport, dem Här Di Bartolomeo, Merci soen, dat ass scho säin aachte Rapport zum Covid-19-Gesetz. An och mengem Virriedner soen ech Merci fir seng Usichten, seng Ausféierungen, déi ech respektéieren. An ech wäert a menger Riedezeit awer trotzdem probéieren, e puer vun de Kritikpunkten ze entschärfen.

Ech hat d'leschte Kéier vergiess - de Georges Engel hat et gemaach - der CSV Merci ze soe fir de Vott, dass se eis an deem Wee ënnerstëtzt huet. Dat leeft e Sonndeg aus. Dat war och gewosst. Dofir fannen ech et elo trotzdem e bësse speziell, wann ee seet, deen Text, dee gestëmmt gi wär, dee wär ze kuerz gewiescht.

Den Här Wiseler huet richtegerweis eng ganz Rei Leit zitëiert. Ech zitëieren dann och nach een, deen de Moien um Radio war, um zéng op aacht. Dat ass de Professor Dokter Friedrich Mühlischlegel vum LNS. Deen huet gesot, dass déi Daten, déi mer am Moment hunn, et duerchaus zouloossen, dass mer géifen e Schrack zréckgoen an dat, wat e genannt huet „e Lockdown light“. Ech wëll dann déi Meinung awer och hei ernimmt hunn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Mir si matzen am Wanter. Moies gëtt et spéit hell, owes gëtt et fréi däischer. Dat schléit de Leit op d'Gemitt. Ech kann dat verstoen. Mir sinn um Punkt ukomm an der Pandemie hei, wou d'Leit dobausse sech vill Froe stellen, d'Leit eng eege Meinung hunn.

Ech gesinn am Moment dobaussen dräi Schoulen.

Et gëtt déi eng Schoul, déi seet, et misst een elo alles opmaachen an et misst een erëm kënnen normal liewen. Déi bestoend Restriktiounen sinn net méi ze verstoen an d'Leit wëllen déi och net méi erdroen a matdroen. Ech hu Verständnis derfir, dass d'Leit hiert Liewen erëmwëllen, awer deen dote Wee géif all déi Efforten, déi d'Lëtzebuerger Land am leschte Joer gemaach huet, a kierzter Zäit nees futtimaachen a mir kéimen an eng ganz, ganz schwierig Situatioun an eise Klinicken zréck.

Ech wëll virausschécken: Déi Mesuren, déi mer hei de 24. Dezember mat enger ganz grousser Majoritéit geholl hunn, déi haten an déi hunn och nach ëmmer e staarken Impakt op dat, wat an eise Spideeler lass ass. D'Zuel vun den Intensivbetter huet sech halbéiert an d'Zuel vun de Beleeungen an den normale Better huet sech souguer méi wéi halbéiert.

Da gëtt et eng zweet Schoul, déi seet genau de Géigendeel. Et ass déi Schoul, déi seet, et misst alles zoubleiwen: d'Schoulen, d'Crèchen, d'Butteker, an esou wéineg Besuch wéi méiglech empfänken. Ech muss lech soen: Ech hunn, esou wéi Dir alleguerten, Kontakt mat ville Leit. Ech hunn och Verständnis fir Leit, déi Angscht hunn. An ech hu Verständnis fir Leit, déi sech aus hirer Angscht wëllen zréckzéien.

Ech ginn awer hei ze bedenken, dass an dësem Zenario net nëmmen eis Santé mentale nach e weidere Coup géif erwëschen, mee och eis Betriber an eis Economie. Sech ze isoléieren bis mer déi Pandemie hei am Grëff hunn, sech ze isoléieren bis all Mënsch geimpft ass, oder sech ze isoléieren bis et eriwwer ass, dat packt kee Land! Et sief dann, et géif ee wëlle säi Land erëm bei null opbauen. An ech mengen, dat wëlle mer net an dat kënne mer eis och net erlaben.

Ech wollt am Fong näischt soen zu engem Punkt, deen den Här Wiseler ugeschwat huet. Ech maachen et dann elo awer. De President vun der CSV, de Frank Engel, sot geschter um 100,7, e géif den Aussoe vum saarlännesche Ministerpräsident 100 % Recht ginn. Dat dierf een. Ech deelen dat net. Ech deelen éischter dem Oskar Lafontaine seng Aschätzung.

Ech wëll lech awer soen: Wann ee President ass vun enger grousser Partei, der gréisster Partei, dat ass e wichtegt Amt - ech verzeien dem Här Engel dat, well en nach net esou laang an der Lëtzebuerger Politik aktiv ass, well e ganz laang an Europa aktiv war -, mee wann een als Parteipresident eppes ze soen huet, da seet een et an de Lëtzebuerger Medien an et verstoppt ee sech net hanner engem däitsche Ministerpräsident!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Wann déi Angscht sollt gewiescht sinn, dass eis däitsch Frënn ganz vill géife bei eis eriwwer akafe kommen elo, da kann ech soen: Et gëtt eng Etüd, déi an der Belsch gemaach ginn ass. Dir wësst vläicht, dass eis belsch Frënn d'Butteker zou haten, wéi déi däitsch se op haten, an déi Däitsch hu se zou an déi Belsch hu se op. A wat ass d'Repercussioun dovunner am Grenzgebitt vun Nordrhein-Westfalen zu der Belsch? Also déi Etüd seet, dass dat en Impakt huet vu ganz genau 1 % op den Émsaz.

Mir liewen an der Groussregioun. Mir alleguerte brauchen d'Groussregioun. An ech fannen, dass déi Ausso, déi gemaach ginn ass, sech net passt.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Ech kommen elo geschwënn och nach eng Kéier op d'Groussregioun zréck, well ech mengen, dass dat awer och e weesentlechen an en immensen wichtige Punkt ass an där heiter Diskusioun.

Da gëtt et déi drëtt Schoul, zu där ech d'Demokratesch Partei zielen, zu där ech d'LSAP an déi gréng zielen, déi feststellt, dass mer all zesummen déi lescht Méint ganz vill Efforte gemaach hunn. An déi Efforten hunn och eppes bruecht! Déi hunn eppes bruecht, mee mir sinn eis awer och bewosst, dass nach e laange Wee virun eis läit. Mir wëllen de Leit awer méiglechst vill Normalitéit erlaben.

Et bréngt eiser Gesellschaft absolutt näischt, wa mer déi mental Gesondheet vun de Leit an dëser Pandemie ignoréieren. Dann hu mer vläicht zu engem gewëssenen Zäitpunkt eis Intensivbetter erof, mee da gëtt et an der Psychiatrie knapp. An dat sollte mer op kee Fall ënnerschätzen! Eiser Meinung no ass elo de Moment - ënner strengen Oplagen! - de Leit erëm Loft ze gi fir ze ootmen. D'Leit brauche Sport an d'Leit brauche Kultur.

Da kommen ech zu der Groussregioun, well jo awer elo gesot ginn ass oder gemaach gëtt, wéi wa mir hei géifen am europäesche Kontext total aus der Rei tanzen.

Ech wëll lech soen:

E Méindeg ginn eis Schoulen an eis Crèchen op. A Frankräich an an der Belsch sinn d'Schoulen an d'Crèchen op. Dat eenzegt Land, wou se zou sinn, dat ass an Däitschland.

E Méindeg ginn eis Geschäfte op. A Frankräich an an der Belsch sinn d'Geschäfte op. Mir maachen also do näischt, wat ausserhalb vun der Groussregioun eemoleg wär.

Frankräich, d'Belsch a Lëtzebuerg hunn eng Ausgangsspär. Däitschland huet dat net.

A bei deem, wou mer kënne Leit doheem empfanke, si mir déi Strengst, well mer bleiwe bei der Zwee-Mann-Regel. Däitschland huet elo eng Regel agefouert mat enger Persoun am Haushalt. Et dierf een awer net vergiessen, dass Däitschland iwwer Chrëschttag an och iwwer Silvester vill méi Leit zougeloooss huet. An dat mierkt een haut bei den Däitschen an der Statistik!

Den Här Wiseler huet et gesot: Mir leien sur ordonnance bei 5,6 %; ech hätt elo gesot tëschent 5 a 6. Eis franséisch Matbiere leie bei 5,4. An der Belsch ass et 7,2. Mir leien do also tëschent der Belsch a Frankräich. An elo haalt lech awer un - haalt lech un! -: De Moien huet den RKI Zuele publizéiert vum Taux de positivité sur ordonnance. Déi louche gëschter bei 16 ... bei 16 %! Bei 16 %.

(*Interruption*)

Ech mengen, dat ass awer wierklech eng ganz aner Situatioun wéi bei deenen aneren dräi Länner.

■ **Une voix.** - Däitschland?

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Däitschland!

Zënter Mëtt Dezember gëtt et eng Tendenz no ënnen. Mir sinn um richtige Wee. An am Géigesaz zu deem, wat an eisen Nopeschlänner geschitt ass, sinn d'Infektiounszele bei eis no de Feierdeeg net méi geklommen. Dat ass e positiivt Zeechen a weist, dass déi Mesuren, déi mer - an et ass mer wichteg, dat ze soen - zesummen ergraff hunn an de leschte Méint, eppes bréngen! D'Hospitalisatiounen sinn erofgaangen an d'Spideeler konnten nees vun der Phas 4 an d'Phas 3 zréckgoen.

Trotzdem ginn dës Zuelen eis nach keng gréng Luucht. Mir mussen weider oppassen. A wa mer elo zréckkommen op déi Situatioun, déi mer hate viru Chrëschttag, mat Ausnam vun den Ouverturen, déi mer maachen am Sport an an der Kultur, da wësse mer, dass mer awer och nach an deenen Aktivitéiten Restriktiounen brauchen, fir d'Kontroll iwwert d'Situatioun ze behalen! De Wee an d'Normalitéit maache mer mat kleng Schrëtt.

Wéi de Rapportier et scho gesot huet, kënnen de Commerce, de Sport an d'Kultur ënner strengen Oplagen nees opmaachen. Persounen, déi gläichzäitig empfaange ginn, gi staark limitéiert an d'Gestebarrièrë mussen agehale ginn.

Ech wëll awer ganz bewosst e Wuert zum Commerce soen. Mir an der Politik, mir solle jo ëmmer eis Contenance halen. Dat ass och richtig esou. Heiansdo wär et mir awer léiwer, ech kéint se verléieren, wann ech gesinn, wat d'Experten, besonnesch op de sozialen Netzwerker, dach awer vu sech ginn.

Ech wëll lech soen, wat de Commerce betrëfft: Et gëtt Leit, déi sech Suerge maachen ëm d'Solden an déi dat doten och bewosst op de Black Friday zréckféieren. Elo kann een zum Black Friday stoen, wéi ee wëllt, ech hunn nach kee gesinn, dee gezwonge ginn ass dohinner ze goen.

Wann ee sech d'Infektiounszuelen nom Black Friday awer ukuckt, an deene Wochen duerno, da stellt ee fest, dass déi Woch duerno d'Zuele stabel bliwwen sinn an déi Woch nach duerno a vun deem Weekend un d'Zuele konsequent erofgaange sinn. D'Zuele sinn zwou Wochen no deem ominéise Black-Friday-Weekend also erofgaangen an duerno och net méi geklommen.

Hätt de Commerce also en immensen Impakt op d'Verbreedung vum Virus, dann hätte jo d'Zuelen nom Black Friday normalerweis klamme missen. An dat war awer net de Fall.

Dat bedeit a mengen Aen, dass, soulaang d'Leit Masken droen an de Geschäfte - an, sauf erreur de ma part, ass dat jo säit dem Mäerz de Fall, ech war säit dem Mäerz a kengem Geschäft méi, ouni dass ech meng Mask ugehat hätt -, soulaang d'Leit hir Mask droen, hir Hänn desinfizéieren an d'Distanzen anhalen, stellen d'Solden a mengen Aen - an ech soen lech dat nach eng Kéier: do geet ee fräiwëlleg hin, ech hunn nach kee gesinn, dee gezwonge ginn ass, an e Geschäft ze goen - kaum e Risiko duer.

(*Interruption par M. André Bauler*)

Par contre muss den Horeca-Secteur bis Enn des Mounts zoubleiwen. Dat ass eng Decisioun, déi net einfach ass, well ech weess, dass d'Leit, déi an deem Secteur schaffen, sech besser Nouvelen erhofft haten. Mee et kann een awer elo emol näischt dorunner änneren, dass ee grad an engem Restaurant oder an engem Café de Mask muss ausdoe fir ze iessen an ze drénken. Dat ass e sanitäre Risk, dee mer aktuell nach net agoe kënnen.

Eis Infektiounszele si wuel erofgaangen, mee si mussen nach weider falen. Den Taux de positivité bei den Tester op Ordonnance - et ass jo dat, wou mer eis elo vläicht méi drop referéieren, fir einfach déi Leit aus dem Large-Scale-Testing e bëssen

erauszekréien, well dat am Ausland net gemaach gëtt, dass mer eis ganz kloer kënne mam Ausland vergläichen -, jo, déi Zuel ass nach ze héich, och wa mer e Réckgang ze verzechnen hunn. De 7. Dezember ware mer bei ronn 11 %. Eng Woch méi spéit bei 6,95 %. An elo hu mer jo just héieren, dass mer den Taux de positivité tëschent 5 % a 6 %, kommt, mir soen, 5,6 % hunn.

Mir wëssen, dass mer nach net iwwert de Bierg sinn. Et ass och weiderhi wichteg, seng sozial Kontakter op e Minimum ze reduzéieren. Dofir gëllt och weiderhin déi Zweeër-Regel: doheem zwee Leit aus deem selwechte Stot. Dëse Minimum u soziale Kontakter mussen mer awer garantéieren, well et wichteg ass, och an dëser sanitärer Kris d'Gefor vun der sozialer Isolatioun net ze ënnerschätzen. Soss lafe mer d'Gefor, dass eise Gesondheetssektor vläicht méi mat schwéiere psychologesche Problemer iwwerlaascht gëtt an dass d'Psychiatrie et net méi packt.

Här President, d'Regierung bemëit sech op en Neits, de Pro an de Kontra vun neien Aschränkungen an Ouverture géinteneen ofzeweien. All Mesure huet emol méi emol manner staark Repercussiounen, déi een, sougutt et geet, muss a Betruecht zéien. Mir müssen den Equilibre halen tëschent der Fräiheet vum Eenzelnen an dem Schutz vun der Gesellschaft.

Ma et ass net einfach, deen Equilibre ze halen. Et ass e schmuele Grat. Et ass en Danz op engem Vulkan. Et ass en Drahtseilakt. A mir müssen Decisiounen huelen, déi net einfach sinn. Mir wëssen och, dass déi Decisiounen ni all Mënsch wäerten zefriddestellen. Et ass en Zesummespill vun all de Mesuren, wat eis hëlleft virunzekommen. Well wann et eng eenzel Measure géif ginn, déi géif gräifen, da géife mer déi huelen! An net nëmme mir! Da géif d'Ausland déi huelen. Mee et ass d'Zesummespill vu ganz ville Mesuren, wat eis weiderhëlleft.

Et gëtt Leit, dorënner Experten, déi sinn der Meinung, et misst een erëm an en totale Confinement falen. Dat wär effikass, fir d'Verbreedung vum Virus anzedämmen, well schliisslech mir Mënschen de Virus iwwerall mat eis ronderëmdroen. E komplette Confinement hätt an eisen Aen dramatesch psychologisch Auswirkungen, déi mer evitéieren mussen, soulaang wéi mer nach aner Optiounen hunn! Vun den Existenz vum zeg Betriber emol guer net ze schwätzen.

Mir müssen also och op aner Experte lauschten, déi de Bléck op aner Problemer an eiser Gesellschaft richten a kucken, wéi mer dës ënnerschiddlech Point-de-vue ënner een Hutt kréien. Et ass eis Aufgab, de Leit Perspektiven ze bidden an e Stéck Normalitéit. A grad de Sport an d'Kultur leeschten e wichtige Bäitrag fir de mentalen Ausgläich vun de Leit, un dee mir och denke mussen.

Eise Kanner mussen mer Zukunftschancë bidden. Do si mer eis alleguer eens. Den Homeschooling, op laang Dauer, ass awer hei net d'Léisung.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Gilles Baum (DP).** - Ech wëll awer op dëser Plaz dem Léierpersonal aus dem Fundamental an de Professoren an de Professorinnen aus dem Lycée Merci soe fir hiren Asaz. Ech hat dës Woch d'Geleeënheet ze gesinn, wéi dat fonctionéiert mat engem Kand aus dem éischte Schouljoer. An ech muss soen, ech kann do nëmmen den Hutt zéie virun der Aarbecht, déi do gelescht ginn ass. E grouse Merci dofir.

Mee d'Realitéit vun all de Kanner - an dat ass jo dat, wat an der Politik vläicht méi schwierig ass, well mer jo net vun engem schwätzen, mee mir probéieren vum hinnen alleguerten ze schwätzen, en lwwerbléck ze kréien iwwert dat, wat am ganze Land leeft -, d'Realitéit vun de Kanner doheem ass awer ganz ënnerschiddlech. Déi eng hunn Elteren doheem, déi hinnen hëllefen. Déi gi mat der Situatioun gutt eens. Anerer verléieren den Uschloss. An e Retard ass oft, ganz oft, schwéier erëm opzehuelen. D'Kanner brauchen onbedéngt de soziale Kontakt mat hire Gläichaltrege fir eng gesond Entwécklung. D'Schoulen, d'Maison-relais, d'Crèche ginn ab e Méindeg also erëm op. Et ass fir mech déi richteg Decisioun, zum Wuel vun eise Kanner.

E staarke Confinement ass net de richtige Wee. D'Repercussiounen wären einfach ze wäitreechend. Et wär awer elo och net richtig, fir alles erëm vill ze séier opzemaachen. Mir mussen virsichteg bleiwen, well et nach Risikofacteurs gëtt, déi d'Infektiounszuelen negativ beaflosse kënnen.

Mir sinn nach ëmmer an de kale Wanterméint, déi Méint, déi de Virus esou gären huet, wou e sech esou wuelspiert a wou e sech esou gutt verbreede kann. A mir wëssen alleguer, dass och eng nei Variant vum Coronavirus zu Lëtzebuerg detektiert ginn ass. Déi soll sech besser iwwerdroe wéi déi al. Dofir heescht et elo weider: oppassen an d'Gestebarrièren anhalen!

Als Demokratesch Partei si mer der Meinung, dass dëst Gesetz de beschtméiglechen Equilibre fonnt huet. D'Droe vum Mask an d'Anale vun de Gestes barrières bleiwen den A an den O. Wa mer eis alleguerten dorunner halen an näischt muttwëlleg



iwwerstierzen, dann hu mer d'nächst Kéier hoffentlech och erëm besser Noriichte fir den Horeca-Beräich. Wéi schonns gesot: De Wee an d'Normalitéit maache mir mat kleng Schrëtt.

Ass dat heiten dee richtege Wee? Ech sinn zouversichtlech. Ass et de séchere Wee? Dat weist eis d'Zukunft. Awer eppes ass sécher: Et ass de Lëtzebuerger Wee, an dee solle mer weider zesumme goen.

Ech ginn den Accord vun der Demokratescher Partei an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gilles Baum. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et si ronn 300 Deeg hier, datt mer am Mäerz déi éischt aschneidend Mesurë geholl hunn. Dat ware keng einfach Deeg, déi lescht 300. Vill Decisiounen hu musse getraff ginn, déi eist Liewe beanträchtegt hunn an och nach an Zukunft beanträchtege wäerten.

Et ass en Drahtseilakt, ech hunn et schonn e puermol hei gesot, tëschent dem Schutz vun eise Bierger - vun alle Bierger! - an dem Wunsch an dem Besoin no Fräiheeten. Et ass keng einfach Zäit, an de Gilles Baum huet et gesot. Et gött och keen Allheilmittel. Et ass net wéi beim Asterix. Wa mer do eng Potion magique hätten, da géife mer se huelen. Mee et gött kee Remède magique.

A keen huet och d'Buch bis elo geschriwwen: Wat maache bei enger Coronapandemie? Also konnte mer eis och net un deem Buch inspiréieren. Kee weess, ob en absolutt richtig läit oder ob en net awer eng Rei vu Feeler mécht.

Lëtzebuerg huet eng Rei vu Mesurë getraff an der leschter Zäit. De Rapport vun der Santé, deen der hoffentlech alleguer gelies hutt, ass ganz opschlossräich. Op der Säit 1 gesäit een d'Kurven an déi si kloer! Allkéiers, wa Mesurë getraff goufen, hate se hir Wierkung. An d'Evolution ass och déi richtig.

Wéi eng Mesuren elo am meeschten a wéi eng manner gegraff hunn, dat ass ganz schwéier erauszefannen. Warscheinlech ass et - och dat huet de Gilles Baum gesot - d'Kombinatioun vun de Mesuren, déi eng an déi aner, déi gemaach hunn, datt d'Evolution dee Wee geholl huet, dee se geholl huet. An dat ass déi richtig Evolution.

Et kann een och net soen, datt déi eng Mesure, wann een déi eenzel gekuckt hätt, an déi aner, wann een déi eenzel gekuckt hätt, mat engem gewëssene Resultat, datt d'Zomm vun deenen zwou Mesuren onbedéngt, wann een déi zwou zesummegeholl hätt, dat selwecht Resultat gewiescht wär. Well heiandso sinn déi och exponentiell. Eng Mesure mat där anerer, déi bewierke méi, wéi déi zwou Mesuren zesummegerechent eenzel.

D'Mesurë si geholl ginn, nieft dem Mäerz an nieft deene villen anere Kéieren, elo an der Lescht den 29. Oktober, de 26. November, de 15. Dezember an nach eng Kéier de 24. Dezember. Alleguer hate se en Impakt. Alleguer hu se d'Zuele vun den Infektiounen no ënne gedréckt. Dat weist déi Grafik op der Säit 1 ganz, ganz kloer. Dat weist och, datt déi Mesurë richtig waren.

Ech géif elo vläicht op dat agoen, wat den Här Wiseler virdru gesot huet.

Hien huet gesot, si wéilten, datt déi Mesuren, déi mer de 24. geholl hunn, ëm zwou Wochen nach sollten no deem Datum verlängert ginn. Ëm zwou Woche verlängert ginn. En huet awer och gesot, datt e versteet, datt d'Commercen et schwéier hunn, datt si ëmmer streng Mesurë gefrot hunn, mee hie wéilt elo, datt d'Commercë sollten zwou Woche weider zoubleiwen. Well wann e wéllt, datt d'Mesurë solle verlängert ginn, heescht dat, datt d'Commercen zwou Wochen zoubleiwen.

Hie seet och, datt et wichteg ass, datt een an d'Schoul geet. E versteet dat och. E seet awer elo, d'Schoule sollten zoubleiwen. Well se gären hätten, datt déi Mesurë sollen zwou weider Woche verlängert ginn.

En huet och gesot, Sport a Kultur wäer wichteg. Och dat géif e verstoen, mee och do sollt elo alles zoubleiwen. Ech froe mech iwwerhaapt och, wat d'Sportlerin, d'Aushängeschëld vun der CSV am Sport, dozou géif soen. Well dat huet all déi Mesuren, déi an der Sportskommissioun iwwert de Sport gesot goufen, fir ganz gutt befonnt.

„De Couvre-feu, dee bréngt näischt“, seet d'CSV. Si hunn awer d'Gesetz vum 24. matgestëmmt. Also wéilte se och, datt elo de Couvre-feu dann zwou Woche méi laang op 23.00 Auer sollt sinn.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Mir hunn e Vote séparé do gefrot.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Net op 23.00 Auer, mee op 21.00 Auer. „Loosst dach dat Gesetz!“

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Mir hunn e Vote séparé do gefrot!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- „Loosst dach dat Gesetz“, huet se gesot.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Mir hunn e Vote séparé gefrot op ...

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Also ass et awer zimlech ... Jo, ech fanne kee richtegt Wuert fir ze beschreiwen, datt hei de Vertrieder vun der CSV der Regierung virwerft, keng Linn ze hunn. Dann huet en awer och d'Linn vun der CSV net richtig gekuckt, well déi ass och net ze fannen.

An ech wëll dat emol guer net virworfsvoll soen, well et ass ganz schwéier, hei déi riicht Linn ze fannen. Et ass ganz schwéier hei ze soen: „Dat dote sinn d'Mesuren. Déi stëmmen alleguer akribesch openeen. Do ass alles ganz genau mateneen ofgestëmmt. Dat ass dee richtege Wee.“ Dee richtege Wee hei, dat ass e Wee, deen eng Kéier no lénks an eng Kéier no riets geet. Dofir werft dat net deene vir, déi de Wee hei musse goen an déi och mussen d'Responsabilitéit huelen, fir dee Wee hei ze goen!

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Ech wéilt hei op dräi Punkten agoen, déi mer besonnesch wichteg bei deser Diskussioun iwwert dese Projet de loi erschéngen: eng Kéier den Taux de positivité; den zweete Punkt: d'Hospitalisatiounen; an eng Kéier de Verglach mat eisen Nopeschlänner. Och op dat ass de Vertrieder vun der CSV jo besonnesch agaangen.

Den Taux de positivité - wat dee betrëfft, esou ass de Verglach mat den Zuelen an d'Interpretatioun, déi een dovun mécht, net ëmmer ganz einfach, well ënnerschiddlech vill Leit op Ordonnance respektiv op dem Large-Scale-Testing ënnersicht ginn. Et ass normal, datt den Taux bei de symptomatesche Leit, déi eng Ordonnance froen, méi héich ass wéi beim Large-Scale-Testing, dat ass eng Evidenz.

Fir d'Vakanzeweche mat de Feierdeeg, wou vill manner iwwert de Large-Scale-Testing getest ginn ass, mécht dat logescherweis e besonneschen Ënnerschied. Trotzdem gouf et an deene leschte Wochen dank de Mesuren, déi geholl goufen, eng daitlech Verbesserung vun deenen Tauxen.

An deem Dokument vun der Retrospektiv vum 28. Dezember bis den 3. Januar hu mer gewise kritt, datt den Taux de positivité général erofgaangen ass. Um Héichpunkt, Enn Oktober, louch den Taux bei 6,32 %. En ass kontinuëierlech erofgaangen op 3,06 % an der leschter Woch. Dësen Trend besteet souwuel bei den Ordonnancë wéi och beim Large-Scale-Testing.

Et besteet awer, an dat muss een och ganz éierlech soen, de Risiko, datt déi Zuelen elo no der Vakanz erëm an d'Luucht ginn. Dat soll een och net verheemlechen. Dee Risiko besteet, mee nach gëschter hu mer en Taux de positivité gehat vun 1,59 %. D'Tendenz stëmmt also. Een eenzelnen Dag am Verglach mam Taux, dee soss op eng Woch gekuckt gött, dee seet zwar net alles aus, dee léisst awer hopen, datt mer um richtege Wee sinn.

D'Evolution vun der Inzidenz - dat ass d'Zuel vun den neie Fäll an enger Populatioun op eng definéiert Period; et soll een dat net verwiesselen mat der Prevalenz, wat alleguer d'Fäll sinn an der Populatioun zu engem bestëmmten Zäitpunkt oder iwwer eng gewësse Period -, déi Zuel hält och bei all Alterskategorie, mat Ausnam vun deene vu 15 bis 29, of. Si bleift och héich bei deenen iwwer 75. Wat eis Suerge soll maachen. Mee et gesäit ee ganz kloer: Eis Mesurë gräifen!

En zweete Punkt, op deen ech wollt agoen, dat sinn d'Hospitalisatiounen. De 7. Januar hate mer 104 Leit hospitaliséiert, 26 op der Intensivstatioun. D'Zuele ginn och hoffentlech do nach erof. Dat net nëmme fir déi Leit, déi do hospitaliséiert sinn, och fir déi Leit, déi do schaffen.

An der leschter Novemberwoch ware mer bei 219 Leit am Spidol, dovunner 43 op der Intensivstatioun. Also an Zäit vu sechs Woche si mer erofgaangen am Spidol mat enger Zuel vu minus 115 - an op den Intensivstatioune minus 17.

D'Situatioun an eise Spideeler ass nach ëmmer ugespaant - jo, dat muss ee soen -, war awer ni esou alarmant wéi a Frankräich an an der Belsch; zemoos Métt November. Dofir, léif CSV, hu mir och aner Mesuren hei geholl wéi an eisen Nopeschlänner, an dat op villen Eebenen, an op villen Eebenen och méi streng Mesuren. An och hei kann ee bei den Hospitalisatioune soen: Eis Mesurë gräifen!

Drëttens: de Verglach mat eisen Nopeschlänner. Bis elo ass et och do interessant ze gesinn: Den Tablo 15 op der Säit 9, mengen ech, an d'Analyse vun eise Mesuren an de Mesurë vun den Nopeschlänner. Lëtzebuerg war do immens streng! Lëtzebuerg huet keng Lockerunge gemaach fir Chrëschttag a fir Silvester, wéi aner Länner dat gemaach hunn.

Lëtzebuerg huet seng Mesuren, trotz Zuelen, déi erofgaange sinn, de 24. Dezember nach eng Kéier verschäerft, fir deen néidege Sputt ze kréien. Op

der Skala, déi Der op deem Dokument gesitt, dat ass d'Skala, déi vun 1 bis 100 geet, vum Degré de sévérité - fir déi, déi et net esou mat der franséischer Sprooch hunn heibannen: dat ass deen, dee moosst, wéi streng datt d'Mesurë sinn -, do läit Däitschland liicht iwwer 80, Lëtzebuerg läit liicht ënner 80, Frankräich läit do bei 70 an d'Belsch läit do bei 60. Also am Degré de sévérité, deen ausgerechent gött, läit Lëtzebuerg uewen also ganz, ganz no och do, quasi d'selwecht wéi Däitschland.

A wann een do de Verglach nach eng Kéier mécht mat den Nopeschlänner, wat elo vu Mesurë kommen ab dem 11.01., da widderleet dat alles, wat den Här Wiseler hei am Numm vun der CSV gesot huet.

D'Schoulen: Do si mer op enger Linn mat Frankräich a mat der Belsch. Däitschland huet zou bis den 31. Januar. Mee mir sinn op enger Linn mat Frankräich a mat der Belsch.

D'Commercen: Mir sinn op enger Linn do mat der Belsch, genau d'selwecht: ee pro 10 m². Frankräich huet souguer d'Geschäfte op. Däitschland huet se zou.

Am Horeca-Beräich si mer op der Linn mat all eisen Nopeschlänner, well iwwerall ass zou.

Couvre-feu: Dat gött et a Frankräich. Et gött et an der Belsch. An an Däitschland hu se eng Bewegungseinschränkung elo gemaach, wou s de dech dierfs 15 km vun dengem Wunnuert ewechbeweegen.

Beim Besuch si mer méi streng wéi Frankräich. Do dierf ee sechs Persounen bei sech hunn. Mir si bei zwou Persounen. Däitschland an d'Belsch sinn elo bei enger Persoun, mee Däitschland war bis viru Kuerzem nach bei fénnef Persounen, déi ee konnt invitéieren.

Am Homeoffice leie mer op der Linn mat eisen Nopeschlänner. Mir recommandéieren den Homeoffice wéi Frankräich, Däitschland an och da Lëtzebuerg; obligatoresch ass en an der Belsch.

Beim Sport a bei der Kultur, wat jo och oft elo als déi riseg Lockerung hei duergestallt gött, do hate mer hei extreem streng Mesuren! Mir ginn elo emol d'Méiglechkeet erëm, lues a lues Sport a Kultur ze maachen ënner ganz strenge Mesuren.

An ech wollt lech do just soen, déi, déi de Sport e bësse verfollegen, déi gesinn dat jo och: An der Belsch an a Frankräich an an Däitschland, do spille se scho laang Fussball! An do spille se scho laang Basket an Handball a Volleyball! Do ass de Championnat guer net gestoppt ginn! Do leeft dat vu September un an der Bundesliga riicht weider a vun der Ligue 1 vum August u riicht weider, ouni opzehalen.

Hei zu Lëtzebuerg huet de Fussball den 22. November opgehale, an de Basket Enn Oktober. Just fir déi zwee ze nennen, an déi aner jo och alleguerten. Also domadder elo ze soen, mir géifen hei eppes Onméiglechens maachen, wat total aus der Rei wär a wat vill manner streng wär wéi eis Nopeschlänner, mee dann hutt Der net gekuckt, wat an den Nopeschlänner leeft, Dir Dammen an Dir Häre vun der CSV!

(Interruption)

Ech soen och dem RTL Merci, datt se virun e puer Deeg - gëschter, virgëschter, ech weess et net méi genau - mat engem Tablo visualiséiert hunn, wéi mer par rapport zu eisen Nopeschlänner stinn. Kuckt dat emol eng Kéier! Kuckt dat emol eng Kéier genau! Do gesäit ee ganz gutt, datt mir am Einklang do mat eisen Nopeschlänner sinn. Do, wou mer et net waren, ware mer vill méi streng! Just fir dat nach eng Kéier ze widderhuelen.

Eis Nopeschlänner hunn och elo eng Teststrategie, déi vill méi spéit komm ass wéi déi, déi mir hei hunn, an déi och vill manner extensiv ass. Och do si mer Leader, ganz kloer.

Wat sinn dann elo déi nei Mesuren? Ech hu virun e puer Deeg eng Grafik gesinn, wou Lëtzebuerg als eenzegt Land an Europa net an engem Lockdown wär. Alleguer ware se rout gezeechent, just ee kleng wäisse Punkt, Lëtzebuerg, war do gezeechent. Dat ass net richtig! Well wann een d'Mesuren ab dem 11.01. elo vergläicht, an ech hunn dat jo virdru gemaach, da gesäit een, datt déi Grafik do net ka stëmmen. Oder et muss een eng Kéier Lockdown nei definéieren!

(Interruption)

Et muss een dann eng Kéier nei definéieren. Mee mir hunn op alle Fall déi selwecht Mesuren, am groussen Deel, wéi eis Nopeschlänner.

Et ass also net richtig, datt zu Lëtzebuerg elo, am Géigesaz zu eisen Nopeschlänner, grouss Lockerunge géife kommen. An haalt och op, de Leit dat ze soen, well et ass net wouer! Déi aner Länner kommen elo emol esou lues an dee Beräich vum Degré de sévérité, dee Lëtzebuerg och huet.

D'Mesurë bleiwe streng hei zu Lëtzebuerg, ganz streng. Jo, a wéi ech dat schonn e puermol hei gesot hunn, si sinn och, wann een dat akribesch punktuell matenee vergläicht, op verschiddene Plazen

net kohärent. Jo. Ech soen dat nach eng Kéier, ech hunn et scho gesot. Well eng absolutt Kohärenz bei all deene ville Mesuren an deene villen Domänen einfach net méiglech ass. Et ass net méiglech, fir dat alles mateneen esou ze kombinéieren. Dofir gött et Inkohärenzen, mee déi awer iergendwou am grouse Ganze Sënn maachen.

D'Commercë ginn elo ënner strenge Mesuren erëm op. Och hei, pour rappel: Hei hanken och Existenzen drun! Et dierf een dat och net vergiessen! Och am Horeca-Beräich - jo, ech weess dat - hanken Existenzen drun. Mee do ass - an dat hu verschidden Etüde jo och elo ganz kloer gewisen, wann een d'Mask aushuet, an dat muss een an deenen Etablissementer maachen - et evident, datt do d'Ustiechungsgefor vill méi héich ass.

Duerfir si mer hei an enger virsiichteger Approche, zemoos well mer d'Auswierkunge vu Chrëschttag a vun Neijoerschdag nach net genau kennen. A jo, an ech plädéieren hei nach eng Kéier derfir, datt mer dem Beräich vum Horeca musse wirklech déi néideg Hëllef zur Verfügung stellen. A wann et muss sinn, musse mer och do nach eng Kéier d'Hëllef ausweiden! Mir müssen deene Leit och d'Liquiditéite ginn, déi se brauchen, fir kënnen hir Paien an hir Fraisen ze bezuelen! Dat ass ganz wichteg. Déi gi wirklech um Zännfleesch. Do musse mer wirklech deene Leit hëllef.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- An der Kultur an am Sport gi mer eis e klengt Stéck Normalitéit erëm. Och hei hanken Existenzen drun. Ech hunn et virdru gesot: An eisen Nopeschlänner gött scho säit Laangem erëm Fussball, Basket, Volleyball an Handball gespillt.

Do passe mer eis elo ënner ganz strenge Konditiounen dem Ausland emol esou lues un! D'Championnater fänken och, et dierf een dat och net vergiessen, eréischt am Februar erëm un. Mee fir datt se kënnen ufänken, musse se awer och kënnen trainéieren. Duerfir maache mer déi Öffnungen hei och am Sport, a gradesou gutt och an der Kultur. Och do muss ee prouwen, fir kënnen e Spektakel ze maachen. Och dat ass e Bäitrag fir méi mental Gesondheet!

D'Schoule ginn erëm op! Jo, ech ka verstoen, datt een hei gedeelter Meenung ka sinn. Jo. Mee de Bildungsoftrag, Dir Dammen an Dir Hären, ass fir eis awer ee vun deene wichtigsten, dee mer hunn. Mir dierfen d'Bildungschancë vun de Kanner net op d'Spill setzen!

Da schwätzt emol mat de Kanner a mat den Enseignanten! Si freeë sech fir an d'Schoul a si brauchen dat och! Si brauchen och déi Kontakter. D'Kanner léieren dorunner, d'Kanner wuessen dorunner. An de Risiko besteet reell, datt d'Schéier tëschent deenen, déi nokommen, an deenen, déi Schwieeregkeeten an der Schoul hunn, ëmmer méi grouss gött. Dat göllt et partout ze evitéieren! Hei soll een all Virsiichtsmoossenamen treffen, e Maximum u Sécherheet ginn. Mee et ass wichteg, datt d'Schoulen erëm opginn, an dat fir eis Kanner.

Mee mir behalen hei awer, fir Partyen ze evitéieren, och eng Ausgangsspär bäi. Si geet vun 21.00 op 23.00 Auer erop. Mir behalen eng Limitatioun vum Besuch vun zwee Leit bäi. Mir behalen e Verbuert vum Alkoholkonsum op den öffentleche Plaze bäi. A mir behale weider streng Reegele beim Rassemblement.

Déi kleng Remaniementer oder Verbesserungen oder Adaptatiounen, wéi Der se och wéllt nennen, déi mer elo maachen, ergi sech aus eisen Zuelen. Mir kucken natierlech, wat eis Nopeschlänner maachen. Et ass awer normal, datt den Zäitpunkt, wéini mir hei zu Lëtzebuerg wat fir eng Mesuren a Kraaft setzen, sech un éischter Stell no de reellen Entwécklungen bei eis am Land riicht. Dat ass jo awer normal! Mir kucke jo do net, wéi d'Zuele vun de Spidolsbetter a Frankräich oder an Däitschland oder an der Belsch sinn. Mir kucken, wéi eis hei sinn! An da kënnen mer och eis Mesuren adaptéieren.

An dank enger gudder Teststrategie an engem enke Monitoring kenne mer déi Entwécklung am Verglach mat eisen Nopeschlänner och ganz gutt. Déi nei Mesuren erlaben eis, ënner strenge Konditiounen e liichte Retour zum normale Liewen. Dee Wee, deen ass nach net eriwuer, mee de Vaccin wäert eis hëllef an d'Gedold, d'Gedold och. Och wann déi lues a lues zu Enn geet.

Ech ginn heimadder den Accord vun der LSAP.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Georges Engel. Da wier et un der honorabeler Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat d'Pandemie méi laang unhält, wat d'Geeschter sech méi scheeden a wat verschidde Stëmmen heibannen och méi haart ginn, wann et ëm d'Moosname geet. Dat hu mer elo erlieft.



Ech hunn net den Här Engel gemengt, mee den éischte Riedner nom Rapporteur, deen eng relativ haart Stëmm hat, mee dat ass awer och ganz legitimm. Et gesäit ee just, datt awer eng gewëssen Opreegung entsteet.

Op där enger Säit stinn d'Unhänger vu verschiddene Virologen, déi am System Virus-Mënsch op de Virus kucken an de Mënsch als soziaalt Wiese vergiessen a mengen, et kéint een aus de Bierger déi perfekt Pandemiebieger maachen, déi am Numm vum Gesondheetsschutz bereet sinn, laangfristeg op hir Grondrechter a Fräiheeten ze verzichten.

Bedréckend ass hei virun allem d'Virstellung, d'Fräiheete kéinten ënnert dem Deckmantel vun enger Null-Risiko-Politik dauerhaft beschnidde ginn a kee Mënsch géif sech dogéint wieren, oder et géif ee se souguer begrëssen.

Dat mécht engem Angscht. Angscht mécht engem awer op där anerer Säit och d'Stréimung vun de Coronaschériedner, de Coronagéigner an de Querdenker, déi d'Gefor vum Virus am Numm vun der absolutter Fräiheet erofspillen oder d'Gefor vun der Pandemie konsequent leegnen. Dës Gruppe fonctionéieren änlech wéi d'Leegner vun der Klimakris, déi all Erkenntnis vun der Wëssenschaft verweigere a mat hirer onverantwortlecher Haltung vill Schued urlichten.

Den Donald Trump huet op se gelauschtert, an d'AFD an Däitschland och. Zum Gléck komme béid geféierlech Extremer fir eis Regierung net a Fro, onofhängeg dervun, wéi d'Situatioun sech entwéckelt. Dat ass den éischte positive Punkt, deen ech wéilt ervirsträichen. E bezitt sech op déi generell Ausrichtung vun der Lëtzeburger Coronastrategie, déi scho laang unhält an déi um Respekt vun demokratesche Grondwäerter a vun der Mënschewierd berout a sech viraussiichtlech an enger Laangzäitstrategie wäert nidderschloen.

Deen zweete positive Punkt bezitt sech da méi speziell op dese Projet de loi. Et ass deen, datt d'Regierung sech méi wéi jee mat där wichtiger Fro ausereesetzt, wivill psychesche Schued een eiser Gesellschaft zoomudde kann, fir se virun der Pandemie ze schützen. Datt dee Schued ëmmer méi offensichtlech gëtt, weist sech an deem, wat een aus Dokteschreesser gewuer gëtt, och vum Collège médical a vun de Psychiateren an de Spideeler, mee och an enger ganzer Rei nationalen an internationale Etüde kann een eppes doriwwer liesen.

Dese Schued besteet aus Angscht- a Schlofstéierungen, aus Depressiounen a Suicidedgedanken an donieft aus engem gesteigerte Suchtverhalten, wat sech schonn eleng an den onerwaart héije Recetten iwwert d'Akzisen um Alkohol zrëckspigelt. Wann een dat weess, da geet et net drëms, déi betraffe Leit moralesch ze jugéieren, da muss een de Problemer an d'Ae kucken an d'Schied un eiser Gesellschaft grad esou berécksiichtge wéi d'Infektionsraten an déi wirtschaftlech Verloschter.

Dir Dammen an Dir Hären, wa mer da méi speziell bei déi Mënsche kommen, déi besonnesch staark ënnert der Pandemie leiden, dann denke mer natierlech direkt un déi elengliwend eeler Leit an aner vulnerabel Persounen, déi besonnesch geschützt mussen ginn, souwuel kierperlech wéi och mental.

Betraff sinn awer och ganz vill Jonker an iwwer si ass bis haut net esou oft geschwat ginn. Virun allem déi jonk Mënschen, déi, bedéngt duerch déi héich Wunnpräisser, an enger Een-Zëmmer-Wunneng wunnen, mee net do liewen, sinn domat gemengt. Virun der Pandemie huet hiert eigentlecht Liewe sech an de Veräiner, de Kinoen, den Theateren, de Concerten, de Fitnesszentere, de Restauranten an de Bistron ofgespillt oder ganz einfach beim onageschränkten Zesummekomme mat Frëndinnen a Frënn. Wat méi zou ass a wat méi verbueden ass, wat de Risiko méi grouss gëtt, datt dës Mënsche vun den eegene véier Wänn erdréckt ginn, net just duerch de Mangel un Interaktiounen mat aneren, mee och duerch de Mangel u Liewen am Sënn vum Wuert.

Och dat, léif Kolleeginnen a Kolleegen, muss an d'Ofweigungen aflëssen, wa Coronamoosnamen definéiert ginn. An et ass genee dat, wat mat dësem Projet de loi gemaach gëtt. Dat heescht net, datt d'Lackerungen ze wäit ginn, et ass schonn e puermol ënnerstrach gi vu menge Virriedner, vum Georges Engel nach grad - en huet Länner matenee verglach a genee gewisen, datt mir ganz streng sinn, och an der aktueller Situatioun an och mat dësem Projet de loi. An dat wëll ech nach eng kéier dättelech ënnersträichen.

Et heescht awer, datt déi gesellschaftlech Dimensioun an dësem Projet de loi méi zum Droe kënn an intelligent gereegelt gëtt. Wat déi konkret Dispositiounen ugeet, gesi mir eigentlech en duebele Fortschrëtt, schonn eleng par rapport zum aktuelle Gesetz, wat jo dann e Méindeg ofleeft.

Deen éischte Fortschrëtt ass deen, datt sämtlech Aktivitéiten, déi zu engem erfëllte Liewe gehéieren an e Bedierfnis vun all Mënsch kënne, esou wäit wéi méiglech erlaabt ginn, ouni datt de Schutz virum Virus ze kuerz kënn. An och wa weiderhin nëmmen zwee Leit aus engem Stot bei en anere Stot op

Besuch däerfe goen an d'Kontakter generell extrem limitéiert bleiwen, nach méi wéi an anere Länner, esou gëtt den Isolement vun elengliwende Mënschen op déi Manéier awer weiderhi verhënnert.

Deen zweete Fortschrëtt, dee mer an dësem Projet de loi gesinn, ass deen, datt méi Kohärenz geschafe gëtt op ville Pläng. Esou zum Beispill bei den essenzielle Produiten, wéi se genannt ginn, wou vill Bierger sech an der Lescht awer dach Froe gestallt hunn, well essenziell ass nach laang net dat selwecht fir deen ee wéi fir deen aneren. E konkret Beispill ass dat, datt d'Fëmmerten hir Zigarette konnte kafen als essenziell Konsummëttel, während Elteren hire Kanner keng Schong méi konnte kafen, wann d'Schong ze kleng gi sinn. D'Fro ass hei, wien déi gréisste Lobby hanner sech huet. Dat just fir ze weisen, datt et an der Logik, mee och an der Kohärenz dach awer e wéineg gequitscht huet. An dofir si mir frou, datt all d'Commercen nees ënner strenge Bedéngunge kënnen opmaachen.

En anert Beispill, wat wéinst der Inkohärenz fir zimblech vill Onrou gesuergt huet, ass dat vun den Theateren a Kinoen, déi anescht behandelt gi si wéi d'Kierchen, trotz identesche sanitäre Konzepter. Datt dës zwee Kulturhaiser elo gläichberechtegt behandelt ginn an oppinn, ass e wichtige Schrëtt fir de Kultursecteur a schafft ...

(*Interruption par M. Marc Goergen*)

... genee déi Kohärenz, déi mir am Ufank vermësst hunn. Och wann een eppes stëmmt, dann däerf een awer och emol e kriteschen Toun lassginn.

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Mee Dir hutt et gestëmmt, Dir hutt de Leit et octroyéiert.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Oder ass dat enger Demokratie net wierdeg?

■ **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Da reegt lech dach elo net op!

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Ech hunn dat deemools erkläert, datt ech dat net gutt fannen. Generell ...

(*Brouhaha*)

... hunn ech awer d'Gesetz gestëmmt, well et an déi richteg Richtung gaangen ass. An dozou sti mir als Gréng och nach haut. Dës Decisioun, fir d'Haiser opzemaachen, huet awer och eng symbolesch Bedeutung an enger opklärter Demokratie, an där d'Kultur e Grondreht ass, och wann anerer dat anescht gesinn. A wien dat ass, dat fannt der an der Mediathék vum 100,7.

Datt Lëtzebuerg dat lescht Land ass, wat d'Theateren an d'Kinoen zougemaach huet an dat Éischt, wat se nees opmécht, ënnersträicht iwwregens d'Bedeutung, déi der Kultur zu Lëtzebuerg zeguttkënn.

Dir Dammen an Dir Hären, en anert Grondreht, wat mat dësem Projet de loi nees méi zum Droe kënn, ass dat vun der Beweegung an deem Sënn, datt den organiséierte Sport sech net méi just op den Elitesport muss limitéieren. Ech schwätze vun der Beweegung an de Sportveräiner, déi net nëmmen eng wichteg gesondheeterhalend Funktioun hunn, se stellen och e staarke Piliere vun sozialen Zesummenhalt ...

(*Signal sonore d'un portable*)

... a vun der Inklusioun duer.

Ech maachen eng Paus. Et geet en Handy heibanen.

Merci. En huet et oppinn.

Fir vill Kanner, Dir Dammen an Dir Hären, sinn d'Veräiner souguer eppes wéi eng zweet Famill mat wichtige Besuchspersonen, emol onofhängeg dovun, datt d'Kanner d'Beweegung brauchen, esou néideg wéi d'Loft fir ze ootmen. An och wann déi organiséiert Sportarten noutgedrongen u streng Reegelen gebonne ginn a puncto Gruppgréisst a Flächen, esou ass et dach awer e grouse Plus fir eis Gesellschaft, datt d'Veräiner iwwerhaupt nees kënnen fonctionéieren. Un de Sportler, den Trainer an de Verantwortleche vun de Veräiner ass et allerdéngs, fir hir Verantwortung ze iwwerhuelen an net nom Motto „Mir si jo ënner eis“ d'Verantwortung un anerer ofzeginn. Datt ee selwer manner ustiechend ass wéi den Noper oder déi aner Ekipp, huet de Virus jiddefalls nach net kapéiert. Dofir gëllt et an deem breetgefächerte Beräich vum Sport, mee och an allen anere Beräicher ...

(*Brouhaha*)

... an Aktivitéiten, déi net permanent kontrolléiert kënnen ginn, Eegeverantwortung ze iwwerhuelen.

(*Mme Djuna Bernard prend la présidence.*)

An net ze mengen, de Staat eleng kéint alles riichten. Dozou gehéiert natierlech, datt d'Reegele respektéiert ginn an net kreativ ëmgaange ginn. Dozou gehéiert awer och, datt déi aktiv Membere vun de Veräiner sech reegelméisseg teste loosse, esou wéi déi Kulturschafend an och scho vill Sportler dat fräiwëllig an hirem Sektore elo scho maachen. Geschitt dat net, dann ass déi léifgewonne Fräiheet nees séier verspillt.

Dat selwecht gëllt fir de Privatberäich, wou de Virus sech net anescht verhält wéi am ëffentleche Raum a wou eng pubertär Logik ganz séier fatal Konsequenzen huet.

Ech kommen da bei d'Schoulen, déi hei scho vill kommentéiert gi sinn a bei de Sektore vun der nonformaler Bildung, wou d'Politik op en Neits mat der schwiereger Fro konfrontéiert ass, wéi eng Zort vun Normalitéit mer eis momentan iwwerhaupt kënnen leeschten a wéi eng net.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann et eppes gëtt, wat d'Joer 2020 geprägt huet, dann ass et déi ongewéinlech Tatsaach, datt d'Kanner wochelaang net an d'Schoul gaange sinn oder, besser gesot, net an d'Schoul konnte goen. Fir vill Mënsche war dat dee gréissten Aschnëtt an den Alldag, well d'Schléissung vun de Schoule betrëfft jo net nëmmen d'Schüler, se betrëfft och d'Elteren, oft Elengzéier, an d'Léierpersonal, a se betrëfft den Aarbechtsmaart an d'Betruer, vu datt vill berufstätég Eltere sech an deem Fall derzou entscheeden, bei de Kanner ze bleiwen, wat fir d'Kanner virdeelhaft ass, fir d'Aarbechtswelt awer manner.

An da si mer scho bei der Diskussioun, déi momentan net nëmmen zu Lëtzebuerg gefouert gëtt, mee a ville Länner, a ganz kontrovers. Et ass eebe grad déi, ob d'Schoulen och an dësen Zäite vun der Pandemie, mat héijen oder manner héijen Zuelen, sollen opmaachen oder aus sanitärer Virsiicht sollen zoubleiwen. Mat alle Konsequenzen natierlech, déi dat haaptsächlech fir d'Kanner selwer mat sech bréngt, mee och fir déi aner, déi dervu betraff sinn. Egal, wat mer decidéieren, iergendeen ass ëmmer onzufrieden. Dat mierkt ee schonn hei an der Chamber, wou d'Meenunge mëttlerweil ausereen ginn, während mer am Ufank vun der Pandemie op enger Linn louchen, mat Ausnam vun enger politescher Sensibilitéit. Dat war am Kader vun enger Heure d'actualité, déi mer am Mee haten, wou mer praktesch unanime fir d'Opmaache vun de Schoulen a vun de Betreuungsstrukture plädéiert hunn. Haut gesäit et anescht aus.

Änlech kontrovers verleeft d'Diskussioun och an Däitschland a méi speziell a Baden-Württemberg, wou d'CDU drop pocht, datt d'Schoulen esou séier wéi méiglech sollen opmaachen. Ech nennen de Friedrich Merz an d'Kultusministerin Susanne Eisenmann: Si sinn der Meenung, datt de Schued an der Bildung vun de Kanner eemol ze grouss ass, wann d'Schoulen zoubleiwen.

D'SPD hirersäits ass der Meenung, datt se sollen zoubleiwen. An déi däitsch Gréng sinn éischter op der Linn vun der CSV, dat kënn och emol vir, vun der CDU, pardon, ...

(*Interruptions et hilarité*)

... dat war e Lapsus. De Freud, dee laacht driwwer.

(*Interruption*)

Ech widerhuelen et: Déi däitsch Gréng sinn éischter op der Linn vun der CDU a plädéieren derfir, datt zumindest d'Grondschoulen an d'Betreuungsstrukturen oppinn.

Wat elo déi gréng Fraktioun zu Lëtzebuerg ugeet, esou bleiwe mir bei deem, wat mer schonn am Mee op dëser Plaz gesot hunn an ënnerstëtzen d'Opmaache vun gesamte Bildungssecteur och an der aktueller Situatioun. Net just, well zoue Schoule massive Schued an der Bildung vun de Kanner hanterloossen an d'Bildungsschëier aus deenen oft genannte Grënn nach wuessen dinn - ech mengen net, datt een do nach eng kéier muss drop agoen, well déi Grënn si bekannt -, mir ënnerstëtzen dës Decisioun awer och, well d'Schoul eng zentral Roll an der Entwécklung vun der Perséinlechkeet a vun der Identitéit vun de Kanner spillt.

Datt keng seriö Konzepter en place sinn, loosse ech dach awer net gëllen. Och wa verschidde Problemer sech um Terrain stellen, si mir der Meenung, datt souwuel d'Schoulpersonal wéi och d'Maison-relais-Personal an all aner Träger vun de Betreuungsstrukturen hiert Beschte maachen a ganz responsabel mat der Situatioun ëmginn. A wat ech am Claude Wiseler sengen Aussoe vermësst hunn, dat ass d'Roll vun de Gemengen, déi och an där heiter Fro eng ganz wichteg Roll spillen.

Eng änlech Meenung vertrieeden och d'Kanner- an d'Jugendpsychiatere. Se betoune reegelméisseg, datt de Schoulalldag extrem wichteg ass, fir déi mental Gesondheet vun de Kanner ze schützen an d'Kanner staark ze maache fir d'Zukunft. Net, well d'Kanner doheem schlecht encadréiert wieren, mee ganz einfach well d'Kanner Kontakt zu anere Kanner an zu aneren Erwuessene brauchen, fir sech gesond an equilibréiert ze entwëckelen. An donieft ass et och vum pedagogesche Standpunkt hier kontraproduktiv, wann d'Eltereroll mat der Roll vun professionelle Schoulpersonal vermëscht gëtt. An och dat ass längst gewosst.

Wichteg ass an dësen Zäiten awer och d'Erkenntnis, Dir Dammen an Dir Hären, datt d'Kanner eigentlech méi flexibel si wéi déi Erwuessene a séier léieren, sech op eng nei Situatioun anzestellen. Dat léiere se während der Pandemie och an de Schoulen. Do léiere se donieft, datt d'Aktivitéiten, déi an der Pandemie

net machbar sinn, duerch anerer kompenséiert kënnen ginn. Wat awer net kompenséiert ka ginn, ass, wa Kanner den Uschloss verpassen a grad a Krisenzäite wichteg Besuchspersonen net méi ronderëm sech hunn, wuel wëssend, datt den tèschemënschleche Kontakt net duerch e Bildschierm ze ersetzen ass.

Fir eis ass dat e weidert Argument, fir de Schoulsecteur nees opzemaachen an d'Kanner nees mat hiren Usprechpartner a Besuchspersonen an der Schoul zesummenzebréngen. Sollt sech dann erausstellen, datt déi geplangten Teststrategie an de Schoulen hir Friichten dréit an d'Infektiounen nohalteg reduzéiert, dann dierft nees Rou an dës Diskussioun kommen. An dann hoffe mir, datt de Konsens sech nees fënn, datt de Bildungssecteur als ee vun de wichtigste Piliere vun eiser Gesellschaft seng Dieren net méi soll zoumaachen.

Méi Rou a méi Sécherheet am gesamte Sektore verspriche mir eis natierlech och duerch d'Impfungen. Allerdéngs bleift nach ze klären, wéi et vum Zäitpunkt hier fir déi eenzel Berufsgruppen ausgesäit a wéini mer genuch Impfstoff hunn, fir d'Schoul- an d'Betreiungspersonal flächendeckend ze impfen, wuel wëssend, datt nach keen Impfstoff fir Kanner oder Jonker ënner 16 Joer existéiert.

Eng wichteg Konditioun ass natierlech, datt d'Impfbereitschaft vum Personal grouss ass an datt déi Etapp och vun der Kommunikatioun hier schonn elo gutt preparéiert gëtt. Dat selwecht zielt natierlech och fir aner Secteuren, déi vun der Pandemie betraff sinn, alle virop den Horeca-Sektore, wou d'Salariéen zu deene Berufsgruppe gehéieren, déi am meeschte gefäerdet sinn a fir déi d'Impfung e grouse Schutz wäert bedeuten. An der Hoffnung natierlech, datt och dese Sektore nees an dréchen Dicher kënn doduerch, datt en natierlech vum Staat ënnerstëtzt gëtt, datt net vill Leit hir Aarbecht verléieren oder besser keen, an datt d'Entwécklung vun den Infektiounszuelen eebe grad duerch eis streng Mesurë mëttelfristeg eng Ouvertür vun de Lokaler zouléisst.

Här President, well mer duerch déi verschidde Mutatiounen vum Virus mat neie Risike konfrontéiert sinn, ass de Kampf géint d'Pandemie ganz sécher nach net gewonnen. Mir däerfen d'Gesellschaft awer net oppinn, woumat ech d'Liewen an der Gesellschaft mengen. Ëmsou méi wichteg ass et, déi politesch Kräften ze bündelen, amplat se ze spalten, an alles drunzesetzen, fir weider Schied un der Gesellschaft ze verhënnere.

An da musse mer eis eemol méi bewosst ginn, datt d'Normen an d'Reegelen hir Autoritéit verléieren, wa se ze oft geännert ginn. An deem Sënn hoffe mer staark, datt d'Richtung, déi mir mat dësem Projet de loi aschloen, sech nohalteg bewäert.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen dem Här Mars Di Bartolomeo fir d'x-ten, x-ten, x-te kéier Merci fir säi gudder Rapport.

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Merci, Madamm Lorsché. An als nächsten ageschriwwene Riedner huet den honorabelen Här Jeff Engelen d'Wuert. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen** (*ADR*).- Merci, Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänken, erlaabt mer, dem Här Rapporteur, dem Här Mars Di Bartolomeo, en härezeleche Merci ze soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Mir all huelen zur Kenntnis, datt d'Situatioun an d'Zuelen ëm de Covid-19-Virus weiderhin net gutt sinn. D'Situatioun am Gesondheets- a Fleegeberäich bleift weiderhin ugespaant. Als Gesellschaft hu mer eng kollektiv Verpflichtung, deene ville Covidkranken en optimale medezinneschen Encadrement ze garantéieren. Dobäi musse mer och d'Wuert vun eisem medezinneschen a paramedezinneschen Personal am A behalen. Dës Leit maachen zanter Méint eng schweier, awer onverzichtbar Aarbecht, an dat dacks bis un d'Belaaschtungsgrenz. Et ass also och eis Verantwortung, dës Mënschen esou gutt wéi méiglech virun enger lwwerbelaaschtung ze schützen.

Gläichzäiteg si mir awer als Politik an der Verantwortung, trotz dem Virus eist Land weiderhi fonctionéieren ze loosse.

D'Leit musse weiderhin hir Existenz kënnen ofsécheren, eis Kanner a Jugendlecher musse weiderhi kënnen hire Bildungsweg goen a mir musse weiderhin e besonnescht A op eis krank, schwach an isoléiert Matbieger hunn. Aus all deem ergëtt sech, datt d'Politik op eng verstänneg Manéier ofweie muss, wéi grav d'sanitär Aschneidungen an dat gesellschaftlecht Liewen däerfe sinn. Dës Aschneidungen sinn nëmmen da gerechtfäerdegt, wa si sënnavoll, kohärent an novollzéibar sinn.

Erlaabt mer, genee hei unzesetzen mat engem weesentleche Kritikpunkt un der aktueller Krisegesitioun der Regierung. Als ADR stelle mer elo schonn zanter Wochen a Méint fest, datt ee Gesamtkonzept vëlleeg felt. Periodesch gi legislativ Ännerungen virgeholl. Et gëtt gebastelt an ugepasst, ouni datt sech doraus fir de Bierger eng novollzéibar sanitär Strategie erkenne léisst. Wat ech a menger leschter Interventioun zum Covidgesetz hei gesot hunn, ass méi aktuell wéi jee: Mir loosse ganz



Aarbechts- a Gesellschaftsberäicher ouni sanitär Logik ausbludden.

D'ADR verlaangt dowéinst, datt laangfristeg previsibel Moossname geholl solle ginn, déi et de Leit géifen erlaben, sech beschtméiglech virun Ustiechungen ze schützen an déi et hinnen och erlaaben, an den Entreprisë sech an deem Sënn ze organiséieren. D'ADR kritiséiert, datt d'Regierung all puer Wochen nei Reegelungen erfënn, déi vun där ganzer Gesellschaft permanent Ustrengunge verlaangen, fir sech grad der aktueller Laun vun der Regierung unzepassen. Besonnesch fir d'Entreprises an d'Schoule féiert dat zu ëmmer neie Belaaschtungen. Déi flagrant Inkohärenz bei de Moossname vun der Regierung an déi permanent Ännerunge vun de Reegelen ënnergruewen d'Vertraue vun ëmmer méi Bierger an d'Politik.

Et gëtt einfach emol esou eng Spärstonn, wéi mer se zanter dem Krich net méi haten, agefouert. Dëst geschitt ouni iwwerzeegend Argumentatioun, wat déi sanitär Logik ugeet. An den Här Aarbechtsminister huet sech dann esouguer och nach erausgehol, op de symbolesche Charakter vun dëser Ausgangsspär ze verweisen.

Als ADR si mir der Meenung, datt déi eenzeg Symbolik an dëser Measure ass, datt mer feststellen, datt d'Ausgangsspär ee Symbol vu Mësstraue vun der Regierung géintiwuer der eegener Bevëlkerung ass.

■ **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Très bien!

■ **M. Jeff Engelen** (*ADR*).- Dat ass en trauregt Zeechen. Dobäi kënnt dat inkohärent Hin- an Hiergespills, wat d'Zäite vun der Ausgangsspär ugeet. Vun 23.00 Auer gëtt se erofgesat op 21.00 Auer, well et der Regierung grad esou gefält, a well se sech dann d'Moyenne geholl huet tëschent der Belsch a Frankräich. An elo gëtt se erëm eropgesat op 23.00 Auer. Hei mécht d'Regierung reng Navigation à vue an enger Situatioun, wou Viraussicht net nëmme méiglech, mee batter noutwendeg wär.

Et kann een de Bierger et sécherlech net béis huelen, wa si d'Vertrauen an d'Politik verléieren. Am Hierscht vum leschte Joer hat eise Premier op eng ganz emotional Manéier derfir plädéiert, datt d'Bierger sech iwwer Allerhellegen dach wannechgelift um Rimm rappe solten, fir datt Chrëschttag d'Méiglechkeet vu sozialer Normalitéit erëm géif bestoen.

Hei muss ech emol eng Lanz brieche fir d'Bierger vum Land. Si hu sech um Rimm gerappt. Si hunn op déi noutwendeg sozial Kontakter verzicht an eng grouss Eegeverantwortung gewisen. An dach si se Chrëschttag haart bestrooft ginn a mat deene selwechte Floskele verträischt gi wéi Allerhellegen. Et gouf net emol, esou wéi dat am laizistesche Frankräich de Fall war, eng Ausnam op Hellegowend oder Chrëschttag.

Et kann ee sech dem Gedanke bal net verwieren, datt d'Regierung mat Freed an d'Privatliewe vun de Leit agräift. Och hei hu mer et mat engem nervösen Hin an Hier ze din, wou d'Logik am Donkele bleift. Als ADR bleiwe mir der Meenung, datt d'Beweegungsfräiheet vun der Regierungspolitik aus dem private Raum muss ausgeschloss bleiwen. Mat der Kris ass awer elo definitiv eng Grenz iwwerschritt ginn - e politesch geféierlecht Spill!

Dëst ass ëmsou méi onverständlech, well d'Beweegungsfräiheet vun der Regierung, wou se wierklech kéint aktiv sinn a sënnavoll Mesurë kéint huelen, total feelt. Éischstens: Wou bleiwen déi kredibel Konzepter am ëffentlechen Transport, wou d'Leit zum Deel wéi an enger Sardinnebëchs openeesëtzen? Zweetens: Wou bleiwen déi kredibel Konzepter am Beräich vun de Schoulen an an de Bildungsrichtungen? An drëtens: Wou bleiwen déi kredibel Konzepter an den Alters- a Fleegeheemer?

D'Familljeministesche war während der ganzer Kris „la grande absente“. D'Verbänn vun de Fleege- ariichtunge sinn an hirer Verzweiflung esouguer selwer higaangen an hu Konzepter ausgeschafft, déi si dann dem Ministère ënnerbreet hunn. Hätt et net missen ëmgekéiert sinn? Dat ass en Hon! Grad do, wou schwaach, eeler a leider dacks och sozial isoléiert Leit sinn, vulnerabel Persounen also, do feelt et vëlleg un engem Konzept.

Wann et awer drëms geet, de Familljen, déi mat hire Kanner um oppene Feld mam Schlitt fueren, Protokoll ze schreiwen, do feelt et net u Presenz vusäite vun der ëffentlecher Hand. Wéi soll een dat dobaussen de Leit erklären?

D'ADR kann net akzeptéieren, datt et hei am Land zu deelweis absurde repressive Moossname kënnt an op där anerer Säit hu mer da vill Leit, déi an der Vakanz am Ausland sinn, déi sech net mussen änlech repressive Moossnamen aussetzen.

Wat mer schonn an der Vergaangenheet net akzeptéiere konnten an haut nach vill manner, ass d'Zoubleiwe vum Horeca-Secteur. Wat hei passéiert, ass einfach schëmm. Op där enger Säit waren zu de Feierdeeg um Enn vum Joer déi grouss Butteker an de Galerijen schwaarz vu Leit, déi sech unenee gedruddelt hunn, an op där anerer Säit gouf et null Unhaltspunkte fir d'Ustiechungsgefor am Horeca-

Beräich. Hei fiert dës Regierung stur weider, wéi mer elo haut gesinn. An d'Existenz vun deene ville Leit, déi an deem Beräich schaffen, gëtt widdert d'Mauer gefuer. Net weíneg Leit am Horeca-Secteur si verzweifelt. Si wëssen net, ob si nach dëst Joer eng ofgeséichert Existenz hunn. Stellt lech emol vir, wat dat existenziell, awer och psychesch fir déi Leit bedeit! Net ëmsoss geet d'Zuel vun de psychesche Krankheeten an d'Luucht. Existenze gi futtigemaach ouni all sanitär Logik. Wéi wëllt Dir dat de Leit erklären? Et ass net ze erklären! An duerfir ass d'Rose- rei an de Frust an deem Secteur berechtegt. Hei gëtt a Covidzäite Politik géint d'Leit gemaach, anstatt se matzehuelen, wat wichteg ass.

Do ass Vertrauen e wichtegt Stéchwuert. Mir meeschteren dës Kris nëmmen zesumme mat de Leit. Dat gëllt och am Hibleck op déi vill Independanten a Leit, déi sech mam Bedreiwe vu kleng Commercen hiert Iwwerliewe sécheren. Et gouf deemools beim éischte Lockdown scho keng sanitär Logik, d'Grande-surfacen opzeloossen an déi kleng Geschäfte zouzemaachen. An et gëtt haut och nach keng Logik fir déi Decisioun deemools.

D'ADR verlaangt duerfir, datt de Commerçante méi Vertrauen entgéintbruecht gëtt, an datt si eegeverantwortlech, am Kader vun den allgemenge Sécherheetsreeglungen, e sanitäert Konzept fir hiert Geschäft kënnen decidéieren.

Déi nei Restriktiounen fir de Commerce, déi d'Regierung elo wëllt aféieren, maachen et de Geschäftsleit ganz schwéier, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Et muss dowéinst séchergestallt sinn, datt de Chômage partiel weiderhi voll zur Geltung kënnt an datt d'Entreprisë esou vill wéi méiglech gehollef kréien. D'ADR erënnert un hir Proposition, fir de Chômage partiel bis zu engem gewëssene Plaffong op 100 % ze hiewen an d'Hëllef fir d'Entreprisë bedeiend an d'Luucht ze setzen. Et huet mech gefreet, wéi mer elo an d'Chamber gefuer sinn, hunn ech eppes um Radio héieren, dat an déi Richtung geet. Mir musse elo emol ofwaarden, wat am Gesetz genau steet.

Wann d'Regierung aus politescher Konzeptlosegkeet Existenzen a Gefor bréngt duerch on-sënneg Virschreften, muss si op där anerer Säit derfir riichtstoen, dës Existenze finanziell esou gutt wéi méiglech ofzesécheren.

Duerch d'Krisegestioun vun der Regierung ginn Existenzen op d'Spill gesat, an dat mat enger Liichtfankegkeet, déi d'Roserei vun de Leit dobausse verständlech mécht. D'Dialogbereetschaft vun der Regierung mat deene betraffene Gesellschafts- an Aarbechtsberäicher, deenen hir Existenz um Spill steet, och dat ass eng grouss Absente an dëser Kris.

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Här Engelen, kommt wannechgelift zum Schluss!

■ **M. Jeff Engelen** (*ADR*).- Madamm Presidentin, léif Kolleginnen a Kolleegen, erlaabt mer, Madamm Presidentin, ee leschte Gedanken: Mir lafe Gefor, datt eis Gesellschaft sozial méi a méi ausernebrécht. Engersäits celebréiert d'Regierung mam néidege Pathos de Wonsch un d'Bevëlkerung, an dëse schwéieren Zäiten dach doheem ze bleiwen an d'sozial Kontakter ze limitéieren - dat maachen d'Leit dann och, wat jo och nach deels e symbolesche Charakter soll hunn -, mee op der anerer Säit, an dat weess ech aus dem Veräinsliewen, wou ech elo iwwer 50 Joer a Kommitteen aktiv sinn a wou ech dat bedreiwen, hunn ech awer geléiert: Wann ee wëllt d'Basis motivéieren, da muss ee mam gudde Beispill virgoen. Dat ass dann déi aner Säit vun der Medail.

An ech géif lech Merci soe fir Äert Nolauschteren a wéinst all dësen Argumenter wäerte mer als ADR dëst Gesetz net stëmmen. Ech soen lech Merci.

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Merci, Här Engelen. An als nächsten ageschriwwene Riedner huet den honorabelen Här Marc Baum d'Wuert. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Merci, Madamm Presidentin. Ech wëllt dann awer och ufänken an dem President vun der Lëtzeburger Chamber Merci soe fir déi Wieder, déi e fonnt huet zu der Situatioun an de Vereenegte Staaten, zu deene Biller, déi mer alleguer gesinn hunn, wou een opgeputschten, rietsradikalen, faschistesche Mob d'Haus vun der Demokratie an engem vun de Wéielänner vun der Demokratie gestiermt huet. An nach méi Angscht mécht mer, datt dee President, deen déi Leit opgehetzt huet, och elo nach iwwer zéng Deeg d'Codë vun Atomwaffen huet, déi d'Welt méi wéi eng kéier zerstéiere kënnen.

Madamm Presidentin, virun der Ukënnegung vun der Regierung vun de Mesuren en Dënschde sinn ech méi wéi eng kéier gefrot ginn, wat da meng Aschätzung wier, mäin Tipp, wat d'Regierung da géif maachen, ob se géif méi opmaachen, ob se géif d'Mesurë weiderféieren oder ob se eventuell souguer méi restriktiv Mesurë géif huelen. Ech si gefrot ginn, wat dann d'Zuelebasis wier, op déi d'Regierung sech eventuell géif beruffen, wat d'Recommandatiounen wieren, wat d'wëssenschaftlech Etüde wieren, national oder international, op déi d'Regierung sech géif beruffen, fir Mesuren ze huelen. An ech hunn deene Leit musse soen: „Ech weess et net!“

Beim beschte Wëllen, ech wees net, wat d'Regierung wëlles huet. Et ass net previsibel, wat d'Regierung mécht. Well schon déi Initiativen an déi Mesuren, déi se virdu geholl hat, waren net previsibel an och just ganz schwéier novollzéibar.

(**M. Fernand Etgen reprend la présidence.**)

Well et ass och zënter deem leschte Gesetz vum 24. Dezember - a verschiddener hunn et och schonn hei gesot - komplett onméiglech gewiescht, eng Evaluatioun vun deene Mesuren ze maachen. Souwuel eng ganz graff Evaluatioun, wéi mer se am éischte Confinement gemaach haten, wou mer Mesurë geholl hunn, dräi Woche gewaart hunn, da gekuckt hunn, wat den Impakt vun de Mesuren ass, an dann aner Mesurë geholl hunn, déi d'Reaktioun dorop waren; dat war emol net dran. Emol net ganz graff Evaluatiounen waren dran, a scho guer net granular Evaluatiounen, déi nämlech eng wëssenschaftlech Etüd bedeit hätten, déi nämlech e wëssenschaftleche Suivi an e wëssenschaftlechen Accompagnement vun de Mesurë bedeit hätten. Och dat ass net geschitt.

An dofir hu mer déi Situatioun, déi mer elo hunn, datt alt erëm eng kéier all d'Avise bis op een - dat ass richtig - soen, datt se net verstinn. Se hätten net verstanen, firwat Saachen zougemaach gi sinn, a se verstinn och net, firwat se elo rëm opgemaach ginn. Dat seet d'Salariatskummer, dat seet d'Mënsche-rechtskommissioun, dat seet de Staatsrat. Mir hunn an deene leschten Deeg gesinn: Dat seet och ëmmer méi d'Press. An dat ass d'Resultat: datt ëmmer méi Leit Onverständnis hunn, emol net nëmmen Ofleennung, mee virun allem Onverständnis hu par rapport zu deene Mesuren.

An et gëtt een den Androck net lass, wann een eppes net novollzéie kann, datt d'Mesurë willkürlech sinn, datt se eventuell d'Resultat si vun engem Kompromëss tëschent verschiddenen Ofweigungen, déi awer fir Aussesteënder net novollzéibar sinn an déi ... Dat Onverständnis gëtt engem d'Gefill vun Hëlleflosegkeet, vu Ratlosegkeet. A fir deem entgéintzewierken, hunn ech mer geduecht, datt et awer vläicht interessant wier, emol vläicht ze kucken, wat an der zweeter Well bis elo geschitt ass. Eng zweet Well, déi, ech mengen, dat kann ee soen, vun Ufank, Mëtt Oktober bis elo op jidde Fall nach mat dauert, dat heescht, déi lescht dräi Méint.

An d'Fro ass: Wou sti mer haut? Haut si mer an den Zuelen ongeféier op deem Niveau wéi um Ufank vun der zweeter Well, souwuel wat d'Neiinfektiounen ugeet, d'Zuel vun den aktiven Infektiounen, den Taux de positivité vun den Tester, d'Hospitalisatiounen an de Soin-normallen an de Soin-intensifiven si mer elo um Niveau vun ongeféier Mëtt Oktober.

Mëtt Oktober huet d'Regierung gesot: „Mir waarden of!“ Obwuel dee Moment scho kloer war, d'Pente geet an d'Luucht, huet d'Regierung gesot: „Mir waarden of!“ An den 29. Oktober, Enn Oktober, huet d'Regierung du gesot: „Ok, 4 ass déi nei 10, den Horeca belift op, mee et därefen nëmmen nach 4 Leit op engem Dësch Plaz huelen.“ Also déi éischt ufänglech Mesuren hu stattfonnt.

Wann ech dann awer elo soen: Mir sinn elo eigentlech an enger besserer Situatioun, well d'Pente geet no ënnen, a mir huelen aner, komplett aner Mesuren, wéi geholl gi si Mëtt an Enn Oktober, um Ufank respektiv wou mer ferm an der zweeter Well dra waren, dann ass et fir mech zumindest eppes, nämlech d'Agständnis vun engem ganz grouse Feeler Mëtt an Enn Oktober. A wann een am sanitäre Beräich vun engem grouse Feeler schwätzt, dann huet dee Feeler och grouss Konsequenze gehat. Dat heescht, datt dee Krisemanagement vun der zweeter Well net gutt war. Dat musse mer agestoen, mat deene Konsequenzen, déi mer kennen. Während siwe Wochen, siwe laange Wochen hate mer iwwer 500 Neiinfektiounen pro Dag.

An et ass net richtig, wéi de Premierminister a senger Silvesterusprooch gesot huet, datt hei keng Partei gesot hätt, mer misste Saachen zoumaachen. Dat ass net richtig! Enn Oktober hu mer gesot, mer missten den Horeca-Beräich zoumaachen. Déi Fuerderung ass hei gestallt ginn an der Chamber! An et ass dofir net richtig, wann een nach eng kéier seet, keng Partei, keng Partei - ëmmer zweemol - hätt iergendwann zu engem Moment gesot, mer misste méi Restriktiounen maachen. Dat ass ganz einfach falsch. Et sinn déi Stëmme ginn, och hei zu Lëtze- burg an der Chamber. An dat ass wichteg.

A wësst Der, e Feeler agestoen, och wann et e grave Feeler ass, ass näischt Schlëmmes. De Gilles Baum huet zu Recht den Oskar Lafontaine virdrun zitéiert, dee mer sécherlech och méi no ass wéi den CDU-Ministerpresident, mee ech hunn och de Bodo Ramelow gëschter héieren, een, dee mer och politesch ganz no steet. An och de Bodo Ramelow, Ministerpresident vun Thüringen, huet gesot, hien hätt Feeler gemaach. Seng Aschätzung am Oktober wier falsch gewiescht an hie géif se elo anescht gesinn, seng Aschätzung.

Feeler agestoen ass den Ufank, fir datt ee kann aus Feeler léieren. An dat huet dës Regierung bis haut nach net gemaach. An deen eenzegen, an dat muss een him zeguttrechnen, dat war de Georges Engel,

deen effektiv zumindest de Begrëff Feeler eng kéier an de Mond geholl huet. Dofir si mer elo do, wou mer sinn. An den Haaptproblem, dee mer hunn, dat ass, datt eist Spidolswiesen nach ëmmer iwwerfuert ass. Och wa se elo aus der Phas 4 rauskommen, wou se wochelaang drawaren, da bedeit dat, datt se elo esou vill Retarden opzehuelen hunn. Alles dat hätt ee missen éischter ënnerbannen. An dofir hätt ee missen éischter a méi concise Mesuren huelen, wéi se och zumindest vun eis heibanne proposéiert gi sinn.

Duerfir mengen ech, datt, wann elo zu Recht iwwert d'Santé mentale geschwat gëtt a gesot gëtt, d'Gesellschaft wier awer méi wéi just eng sanitär Consideratioun, et ginn ... d'Santé mentale respektiv aner Effete wieren och wichteg ze consideréieren, da muss ech awer soen: Zënter fënnef Joer gëtt diskutéiert, datt d'Psychotherapie net nëmmen unerkannt gëtt, mee och rembourséiert gëtt. Dat heescht, datt se accessibel gëtt fir d'Populatioun. Mee wat ass da bis elo geschitt?

■ **Une voix**.- Näischt!

■ **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Näischt! Se ass net accessibel fir d'Populatioun, fir de Gros vun der Populatioun, mee ëmmer nach reservéiert just fir déi „happy few“.

Wat sinn dann d'Resultater vu Violence domestique? Well do gëtt et Etüden iwwert den Zesammenhang vu Violence domestique an Ausgangsspär. Mir wëssen et net zu Lëtzeburg. An anere Länner wësse se, datt et do nämlech e ganz enken Zesammenhang gëtt. Zu Lëtzeburg wësse mer alles dat net. An dat si Feeler. Dat si grouss Feeler, déi een endlech emol muss agestoen, fir iwwerhaupt kënnen draus ze léieren.

Elo hu mer esou eppes hallef Gares. Dat heescht, mir hunn engersäits e Couvre-feu, deen erëm zrëckgeet vun néng Auer op eelef Auer, wat mer begréis- sen, wou mer awer nach ëmmer mengen, datt de Couvre-feu esou e staarkt liberticide Mëttel ass, dat a kengem Verhältnis steet zu engem gewünschte Resultat. Sportlech a kulturell Aktivitéite ginn ënner bestëmmte Restriktiounen opgemaach. D'Geschäfte, déi bis elo sougenannten net essenziell Saache verkaaft hunn, ginn och opgemaach. An et gi verschidden Adaptatiounen geholl.

An et huet een d'Tendenz ... An ech ginn elo ganz dacks gefrot: Jo, wat fannt Der, ass d'Regierung ze virsiichteg oder net virsiichteg genuch? De Problem ass, et ass immens schwéier, dorobber ze äntweren, well menger Meenung no d'Regierung déi falsch Prioritéite setzt. Well se geet vun engem ganz libe- rale Point de vue aus. Do, wou et Restriktiounen ginn, dat ass virun allem am private Beräich, wat souguer bis an den intime Beräich erageet, wann et drëms geet, wivill Leit een nach därer bis wivill Auer bei sech doheem empfänken.

An op där anerer Säit, do, wou et Infektiounskette gëtt, nämlech am Beräich vun der Aarbecht, geschitt nach ëmmer quasi näischt. An ech hu mer e bëssen ugekuckt, wat do d'Legislatioun an eisen Nopeschlänner ass. Déi maachen nämlech Saa- chen. Do ginn et verbindlech Protocole-sanitaires fir déi ënnerschildlechst Produktiounsberäicher vun der Ekonomie, déi zu Lëtzeburg komplett feelen. D'Nora Back, Presidentin vum OGB-L, huet et op de Punkt bruecht: Alles, wat Beruffswelt ass, ass Re- commandatioun. An alles, wat privat ass, ass Obliga- tioun. Do läit de Problem. E grouse Problem an der Prioritéitesetzung vun dëser Regierung.

Ech hu mech ëmmer staark gemaach fir den Teletravail, e weidert Beispill. Jo, et si vill Entreprises, déi op den Teletravail zrëckgräifen. Am Moment ass d'Dynamik dach eng ëmgekéiert. D'Leit ginn erëm aus dem Teletravail zrëckgeruff. Dat ass dach dra- matesch! Do muss d'Regierung dach eng Initiativ dergéint huelen. Dat mécht se awer net. Alles, wat Aarbecht ass, ass plus ou moins sech selwer iwwer- looss a geet och virun allem net an déi contraignant Beräicher wéi dat Privat.

An dann nach eppes, well ech mech och do drunhale wéi de Geck un de Bengel: ëffentlechen Transport. Den 29. Oktober hunn ech fir d'éischte kéier gesot: „Mir brauchen Desinfektiounsgel am ëffentlechen Transport.“

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- D'ECDC, déi soss esou dacks als Beispill geholl gëtt, also den euro- päeschen Disease Control, gëtt dat als ganz staark Recommendatioun un, als quasi Prebedéngung, ier een den ëffentlechen Transport erëm normal funktionéiere léisst, hunn ech haut effektiv an engem Dokument erëmfonnt. Dat seet d'ECDC. Mir hunn hei an der Chamber eng Motioun unanime ugeholl, datt dat endlech soll geschéien. A wat ass bis haut geschitt?

■ **Une voix**.- Näischt!

■ **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Näischt. Guer näischt! Do, wou d'Regierung misst Responsabilitéit iwwer- huelen, fir d'Leit ze schützen, wat einfach ass, wat net komplizéiert ass, mécht se et net. Oder op jidde Fall net an deem Mooss, wéi et misst sinn.



Här President, ech hu grad gesot: „D'Mesuré si fir vill Leit net kohärent. Se si fir vill Leit net méi verständiglech an och net méi novollzéibar.“ Aus där Etüd, aus där dann erëm eng Kéier scheinbar ervirgoe soll, datt de Couvre-feu, de Curfew eppes brénge soll, gött eng ganz grouss Konkusioun geholl, nämlech dat Entscheedend, ob eng Preventiouns-politik funktionéiert oder net, ass d'Vertrauen: d'Vertrauen an d'Novollzéibarkeet vu Mesuren an d'Vertrauen an d'Politik.

An do muss ech lech soen: Wann dës Chamber de 24. Dezember e Vott hält, dee seet, datt d'Population résidente ab néng Auer owes bis sechs Auer moies net méi därer op d'Strooss goen - dëst opgrond vun enger Decisioun vun der Regierung oder enger Proposition, déi am Regierungsrot jo awer, huelen ech un, ugeholl ginn ass - an ech stellen da fest, datt, wann ee senger eegener Populatioun owes ab néng Auer net méi erlaabt erauszegoen an ee selwer dann awer d'Land verléisst an op aner Plaze geet, da fannen ech dat schwéier problematesch.

Et ass richtig, datt een domadder näischt Illegales gemaach huet. An dat göllt net nëmme fir d'Deputéiert oder fir d'Regierung, dat göllt natierlech och fir de Staatschef. Dat ass richtig. Et huet een domadder näischt Illegales gemaach. An et ass och richtig, datt et besser ass, a Frankräich näischt Illegales ze maachen, wéi zu Lëtzebuerg eppes Illegales ze maachen. Et ass och besser, zu Honolulu näischt Illegales ze maachen, wéi zu Lëtzebuerg eppes Illegales ze maachen. Dat heescht, et geet net ëm Legalitéit oder Illegalitéit, mee et geet ëm Respekt a Vertrauen. An dëst ass e weidert Beispill, fäerten ech, datt mer eng vun deene wichtigste Waffen am Kampf géint de Virus amgaang sinn ze verléieren, nämlech d'Vertrauen an d'Politik.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Marc Baum. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Éischt Merci dem Rapporteur fir den ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. Virun allem, well dës Rapport, et ass e bëssen zur Gewunnecht ginn, ëmmer wichtig Klarifikatiounen bréngt zu den Onkloerheeten, déi an deenen haseleg geschriwwenen an dann deposéierte Gesetzer awer nach iwwreg bleiwen.

Mat dësem Covidgesetz sollen also elo d'Schoulen nees opgoen, den net essenzielle Commerce nees Geschäftler maachen an d'Leit dierfen och nees gemeinsam a Gruppe vu bis zu zéng Persounen zesumme Sport maachen. Alles Saachen, déi bis elo verbuede waren. Trotzdeem huet d'Gesondheitsministesch an hirer Pressekonferenz betount, datt et sech heibäi net ëm Oplockerunge géif handeln an d'Situatioun weiderhi ganz eescht wär. Datt eppes, wat virdu verbuede war, elo nees erlaabt soll sinn, héiert sech vläicht verdächtig no enger Oplockerung un. Mee, jo, dat ass awer net esou.

Och d'Josée Lorsché huet jo virdrun hei vun erëm opmaache geschwat, woubäi dat e bësse kokass ass. Mir maachen et nämlech zou, fir eis duerno op d'Schëller ze klappen, datt mer et erëm opgemaach hunn. Also, pardon. Entweder et ass ee konsequent an et seet een: „Mir stinn dozou, datt dat zou ass“, an da léisst een et zou, oder et seet een: „Ech wëll et oploossen“, an da stëmmt een et och net mat, wann een zoomécht. Bref, Kohärenz.

D'Situatioun an eise Spideeler ass schliisslech ëmmer nach net gutt. Den Impakt vun de Feierdeeg an d'Ausbredung vun der neier mutéierter oder vun den neie mutéierte Varianten ass net ofzegesinn an d'Solde sti jo och nach virun der Dier! Wie kéint do och schonn u Lockerungen denken? Wat och ëmmer dëst Gesetz also ass, eng Oplockerung soll et, der Ministesch no, net sinn. Vläch huet d'Regierung eng aner Definitioun vun enger Oplockerung wéi de Rescht vun eis. Oder zumindest wéi 29 vun eis. Vläch wëllt se sech och einfach net d'Blouss ginn, zouzeginn, datt Lëtzebuerg grad, entgéint all deem, wat an eisen Nopeschlänner entscheet gött, agéiert. Mee op alle Fall ass dat heiten alles anescht wéi eng kohärent Kommunikatioun.

Mir kënnen dat hei nennen, wéi mer wëllen, sief et elo eng Oplockerung oder eng Adaptatioun, dëst Gesetz wäert dozou féieren, datt d'Kontakter an der Populatioun nees an d'Luucht ginn an d'Mënschen nees eng Rei méi Fräiheeten an hirem Alldag genéisze wäerte kënnen. An do stellt sech dann awer d'Fro vun der Kohärenz, wann een op där enger Säit seet, d'Zuele wäer schlecht an d'Situatioun nach net ënner Kontroll, an op där anerer Säit e Gesetz stëmme wëllt, wat manner streng Mesuré virgesäit.

De Message schéngt ze sinn: D'Situatioun ass eesch! Mir wëssen net genee, wou mer stinn, an net, wat de mutéierte Virus wäert fir en Afloss hunn, mee mir maachen d'Schoulen an d'Geschäfte emol nees op. An Dir kënnst och all nees bis zu zéng Persounen Sport maachen an zu nach méi an de Kino goen. Gitt awer just net an de Restaurant! Esou schaaft ee kee Vertrauen an d'Regierungsaarbecht.

Datt de Gesondheitsministère en Dokument iwwert d'epidemiologesche Situatioun am Land publizéiert, an deem sech kloer géint Oplockerungen ausgeschwat gött, während gläichzäiteg dës Gesetzesprojet hei deposéiert gött, vermëttelt d'Gefill, datt d'Regierung net weess, wat se mécht. Ganz ze schweigen dovun, datt hei schonn nees eng Kéier verpasst gouf, mat der Groussregioun zesummen en Usaz auszeschaffen, deen net mécht, wéi wa Lëtzebuerg eng Insel wär.

(*Interruption*)

Ech si frou, datt d'Lëtzeburger Sprooch dat schéint Wuert Kuddelmuddel kennt, well ech weisst éierlech gesot soss net, wéi ech déi aktuell Situatioun anescht sollt beschreiwen. Ech widderhuele mech hei säit Wochen a Méint an et kënn mir och esou lues zu den Oueren eraus, mee wa mer wëllen, datt d'Leit sech un d'Mesuren halen, da mussen d'Reegelen esou sinn, datt d'Grënn dofir novollzu kënnen ginn.

Ech kann hei awer scho säit Laangem eng ganz Rei Entscheedungen net méi novollzéien. An ech sinn do, mengen ech, net eleng, wann ech menge Virriedner nolauschten.

Dëst Gesetz gesäit elo scho fënnef verschidde Sätz u Reegele vir. Déi eng gëllen am Privaten, déi aner an de Geschäfte, nach anerer beim Sport, erëm anerer an de Schoulen an zu gudder Lescht ginn et dann och nach eenzel Aschränkunge fir den Horeca, deen et am häertste getraff huet.

Stelle mer eis kuerz vir, mir géifen e Schüler aus dem Lycée, dee sech perfekt un all déi nei Reegelen hält, en Dag duerch säin Alldag begleeten, e pedagogesch Beispill souzesoen!

Moies doheem mat der Famill gëlle keng Aschränkungen. Um Busarrêt um Wee fir an d'Schoul trëfft e seng Frënn. Do muss een dann zwee Meter Ofstand halen an, jee nodeem zu wéi vill Kolleeg se um Busarrêt stinn, och nach eng Mask undinn oder net. Am Bus selwer muss een dann eng Mask unhunn, mee keen Ofstand méi anhalen. A wann ee bis am Klassensall ukomm ass mat senge Frënn, da brauch ee weeder Mask nach Ofstand, ausser et ass een an enger Schoul, an där vun der gesetzlecher Fräiheet Gebrauch gemaach gouf, fräiwëlleg eng Maskeflicht anzeféieren, jo nee, da bleift d'Mask op. Okay, éischt Stonn iwwerlieft.

D'Schoul ass schliisslech eng kleng Welt à part. Do gëllen extra Reegelen an déi ginn och léiwer mat Circulären an Notten ouni déi lästeg Chamber geholl, obwuel et dréngend noutwendeg wär, méi konkreet Dispositiounen fir d'Schoulen och an dës Covidgesetz ze verankeren, an zwar ënnert dem demokratesche Contrôle vun der Chamber.

Mee zréck zu eise Schüler: No den éischte Schoulstounen kënnst dann d'Mëttespaus, wou se an d'Schoulkantinn iesse ginn. Do kann een da mat gewëssenem Ofstand zu senge Frënn „sécher“ seng Moolzecht genéissen, während dat selwecht an engem Restaurant „ongeaante Risikoe“ kéint mat sech bréngen an dofir verbueden ass.

No der Schoul geet et da mat de Frënn an de Sport. An do kann een dann och direkt bewisen, datt een an der Mathé gutt opgepasst huet. Do muss een nämlech permanent zwee Meter Distanz halen, wann een zu méi wéi zwee ass, et brauch een dofir awer keng Mask. An den Terrain muss fir eng Persoun mindestens 15 m² grouss sinn, fir zwou Persounen 50 m² an ab dräi Persounen eng Quadratmeterzuel pro Persoun vu mindestens 30 hunn, woubäi eng Gesamtzuel vun zéng Spiller net iwwerschratt dierf ginn.

Wiem elo de Kapp vun den Zuele schwirrt, majo dee wäert net deen Eenzege sinn, well mir mierken: Et ginn dräi verschidden Distanzreegelen oder Fläche-reegelen fir u sech déi nammlecht Aktivitéit.

Nom Training geet et dann nach séier an de Supermarché. Wie vill trainéiert, gött schliisslech och hongereg. Net duuschtereg, well Alkohol am effentleche Raum ass och verbueden. Also kommt net op d'Iddi, Alkohol ze kafen, dat kéint lech nach schlecht ausgleucht ginn!

Am Supermarché ukomm, huet een dann nees seng Mask un, brauch dofir awer keng zwee Meter Ofstand anzehalen an et brauch ee just nach eng Surface vun 10 m² pro Persoun, ausser dat ganz Geschäft huet erëm manner wéi 20 m², da fält déi Reegel ewech an da sinn einfach nëmmen nach zwee Clienten am Geschäft erlaabt.

An eise Beispill si mer elo awer an e grouse Supermarché gaangen, an duerfir si mer elo och zu méi wéi zéng amgaang, eis um Feierowend duerch de Geméisrayon ze schlängelen, während mer eis am Rayon mat de Büroartikelen an aller Rou e Bic aus-siche kéinten, d'Personenunzuel ass nämlech limitéiert, mee d'Fluxen an de Geschäfte ginn net geleet. E Problem, dee säit Laangem bekannt ass - gemaach gouf awer näischt!

Zum Schluss geet een dann nach eng leschte Kéier mam Bus heem, wou dann d'Quadratmeter an d'maximal Unzuel vu Persounen nees egal sinn, mee de Mask awer natierlech ëmmer nach Pflicht, éier mer nees doheem sinn.

Do ass dann elo grad d'Boma op Besuch, déi zwar bei eis därer kommen - net soll bei eis kommen, mee därer kommen -, mee mir därer si net besiche goen, well dräi plus eent ass erlaabt an eent plus dräi ass net erlaabt. Okay! Mat Mathé huet dat Ganzt näischt méi ze dinn. Et ass arbiträr. Vertraue schaaft een esou net. Kohärenz gesäit anescht ass. Bref, mir schwirrt de Kapp vun deene villen Zuelen!

Wien dat doten auswenneeg kann opzitëieren an zu all Zäitpunkt an all Dag weess, ob e sech elo grad un d'Reegelen hält oder net: Gratulatioun! Dir hutt d'Gesetz gutt gelies an all Ambiguitäten och nach verstanen. Ech weess net, ob jiddwereen dat bréngt. A wéi mer an deene leschte Wochen a Méint gemierkt hunn, kritt een och, jee nodeem wien ee freet an der Regierung oder wien ee freet an de Verwaltungen, ënnerschiddlech Äntwerten op déi nammlecht Froen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass wichtig, datt een op verschidde Situatiounen verschidde reagiert. Et gött eebe leider net einfach just déi eng Léisung, déi zu all Moment gültig ka sinn. An ech denken och net, datt d'Leit hei am Land net fäeg wäeren, zu verschiddene Momenter ënnerschiddlech Mesuren anzehalen. Mee ech mengen, datt mer de Bou esou lues awer ufänken ze iwwerspanen!

D'Lektür vum Gesetz gött ëmmer méi komplizéiert an d'Verschiddenheet vun de Mesuren an d'Geschwindegeet, mat där se geännert ginn, stinn a kengem Verhältnis méi zum Notzen. Dat féiert éischer zu Frustratioun wéi zu enger besserer Maîtrise vun der Situatioun.

Wann een an engem Bësch steet, an deem een nach ni war, da kann ee sech streiden, wéi ee Wee een dann elo huele soll. Wann ee sech dann awer fir eng Richtung entscheet hunn, da muss een déi Richtung bäibehalen a kann net no all zéng Schrëtt nees enzwousch anescht hilaufen, soss leeft ee just an der Mëtt vum Bësch hin an hier an et kënn een nieraus.

Mir Piraten hunn déi aktuell Mesuren net matgestëmmt virun zwou Wochen. Mee d'Majoritéit huet sech fir e Wee entscheet. Dat éiert se. Se huet sech fir e Wee entscheet. Mee da solle mer awer weinstens kucken, bis mer op där nächster Kopp sinn, fir ze gesinn, ob dee Wee dann dee richtigen ass an net à mi-chemin, während mer nach lauter Beem ronderëm eis hunn, eis schonn nees ëmdrënen ëm e puer Grad, sprinten, dann erëm bremsen. Nee, mir sollte besonnen hei e Wee ascholen an deen dann och goen, bis mer d'Resultater vun deem Wee nowise kënnen!

Ech hunn hei nämlech d'Gefill, mir lafen hei am Zickzack a kee weess méi, firwat a wisou. Dat kann et net sinn! Egal, fir wéi eng Mesuré mir eis entscheeden, muss mer eis dach mindestens d'Zäit ginn, den Impakt ze erkennen. Wa mer ze séier ze vill Entscheedungen treffen, kënnen mer jo guer net méi erkennen, wéi eng Mesuren dann elo eppes bruecht hunn a wéi eng net.

A wat nach méi schlëmm ass: Mir riskéieren dat, wat mer schonn erreecht hunn, nees ze verléieren. Et gött héich Zäit, datt mer nees méi Rou an dës Prozess kréien an eis engagéieren, grenziwwerschreidend Léisungen ze fannen.

Lëtzebuerg huet an deene leschte Méint gäre bemängelt, eis Noperen hätten eesäiteg Entscheedungen getraff a sech net mat eis ofgeschwat. Ma mir maachen et elo awer och net besser!

Deen Dag, wou an der Belsch d'Geschäfte nees opginn, gi se bei eis zou, respektiv dee Moment, wou se an der Belsch zougaange sinn, waren eis nach op. Ech weess, d'Regierungsparteien hunn hei virdrun erzielt, dat wär alles ganz kohärent. A wann een hinne gutt noglauschert huet, huet ee bei all Riedner gemierkt, datt ëmmer mindestens ee Land vun den Nopeschlänner oder Lëtzebuerg en eegene Wee géif goen. Bei all Measure, déi gezielt gouf, ass ëmmer mindestens ee vun deene véier, deen e Sonnerwee geet.

Dat heescht, datt déi Mesuren um Enn net konsequent an enger Groussregioun applizéiert ginn, wat dozou féiert, datt an engem Espace, wou d'Leit, déi Presseproduite vun alle véier Länner deelweis konsumméieren, net méi kohärent informéiert sinn an et Doute gött. Wou ee wierklech kéint weisen, datt d'Zesummeliwen an der Groussregioun géif fonctionéieren an datt mer zesumme kéinten zu enger Entscheedungsfassung kommen, illustriert déi sech hei jo leider nëmmen duerch chaotesch national Elenggäeng.

Dat heite Gesetz ass fir eis keng Verbesserung. Et ass éischer eng Verschlimmbesserung. Dat Eenzege, wat mer kënnen begrëssen, ass, datt dee grondrechtswiddrige Couvre-feu dann elo erëm ëm zwou Stonne verkiert gött, mee dat geet net duer, fir dësem Gesetz eis Zoustëmmung ze ginn.

Dofir wäerte mir dergéint stëmmen. Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier-a Staatsminister Xavier Bettel.

Prises de position du Gouvernement

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, erlaabt mer, fir d'Éischt hei dem Rapporteur, dem Här Mars Di Bartolomeo, Merci ze soen a menger Capacitéit, a well de Georges Engel et och vergiess hat - de Georges sot mer et virdrun -, soen ech dann dem Här Rapporteur och nach extra e Merci.

Här President, wann Der erlaabt, ech mengen, et muss ee sech nees eng Kéier d'Realitéit ukucken. Et muss een eng Kéier och d'Realitéit analyséieren an éierlech mat sech selwer sinn. Mir haten de 17. Dezember eng Zuel vun 247 Leit an de Spideeler, 199 Leit an de Soins normaux, 48 an de Soin-intensiffen. D'Zuelen, déi mer elo hunn, leie bei 100.

An ech wëll drun erënneren, dass hei gemaach gött, wéi wa Lockerunge géife komme vu Mesuren, déi dës le départ - dës le départ! - vun der Regierung a vun der Majoritéit erkläert gi si wéi eng Handbrems, déi gezu gött während zwou Wochen, fir d'Zuelen erofzekréien. An hei gött gemaach, wéi wann dat Mesuré gewiescht wieren, déi souwisou dann hätte misse Wochen a Woche bleiwen.

Deemools huet och eng CSV déi matgestëmmt, ënner anerem, well se zäitlech limitéiert waren, dat war eent vun den Argumenter. Net laang genuch fir deen een, ze laang fir deen aneren. An haut gött gemaach, wéi wann déi Mesuren iwwerhaupt ni missten opgehuewe ginn. Et war en Engagement, Här President, dee geholl ginn ass, fir eng Handbrems ze zéien, a mir si frou iwwert d'Resultat, well mer jo wollte Loft an de Spideeler kréien.

An ech muss lech soen, ech war mat der Gesondheitsministesch och déi lescht zwou Woche Spideeler besichen, an do huet een och vun all de Responsabelen an de Spideeler gesot kritt: „Merci, merci fir déi Loft, déi komm ass.“ An haut hu mir eng Situatioun, wou mer méi wéi 50 % erofgaange sinn. An am plaz sech driwwer ze freeën - gemeinsam ze soen, dass mer et fäerdegbruecht hunn -, en Equilibre ze hunn, wou een awer nach plus ou moins, an ech hunn dat eréischt virun dräi Wochen hei gesot, probéiere kann, e bësse méi en normaalt Liewen ze féiere vis-à-vis vun engem totale Lockdown, a positiv Zuelen ze kréien ... - do soll ee sech dach driwwer freeën!

Selbstverständlech, all Mënsch, dee stierft - dat ass schrecklech, dat ass schrecklech fir eng Famill, dat ass schrecklech fir d'Frënn. Mee d'Perspektive sinn awer, dass manner Leit ugestach ginn, a mir hunn den Taux de positivité jo och vun deene leschten Deeg gesinn, deen ass staark erofgaangen. An ech schwätze vun engem Taux de positivité, deen am Moment och bei den Tester op Ordonnancé festgestallt gött. Dat heescht, dass et awer positiv Aspekter gött an dass déi Mesuré gegraff hunn. An dat soll een eng Kéier soen.

An déi, déi tatsächlech, an ech wëll mech och do un den Här Baum wenden - en huet virdu gemengt, ech kéint keng Erreur zouginn -, jo, tatsächlech, den Här Baum war deen Eenzege, deen Eenzege, deen eppes wollt méi zoumaachen, deen daitlech war. Aner Leit, déi soen elo ënnerschwelleg: „Mir hätten et aneschtens gemaach.“ Mee do ass een ëmmer e bëssen iwwerrascht, wann ee méi prezis freet, ëm wat et soll goen. Den Här Baum war den Eenzege, dee konkret gesot huet: „Jo, macht den Horeca schonn zou.“ An en huet dat deemools gefrot. Bei anere Leit ass et net esou kloer.

Ech héieren elo zum Beispill, dass haut gesot gött vum Här Wiseler, d'Schoule sollen zwou Wochen zougemaach ginn, wou d'Madamm Hansen um Radio gesot huet, eng Woch. Ech héieren, dass iwwert de Couvre-feu gesot gött, et wier kee Beweis do, dass dat géif eppes bréngen, mee d'Etüde géifen awer soen, dass et en Deel vu positiven Aspekter hat. Tatsächlech, wat manner owes lass ass a wat manner Interaktiounen tëschent de Leit sinn, wat dann eeben de Risk vu Kontaminatioun och erofgeet. Dowéinst, et ass ëmmer ...

An da gött gesot, ob et elo néng Auer oder eelef Auer ass ... Souguer de Spriecher vun der CSV huet gesot, dass en iwwerhaupt kee Couvre-feu wëlt hunn. Ech mengen, ech kéint elo och op de Commerce agoen, och op déi 100.000 verschidde Positiounen, déi ee vun deem engen a vun deem aneren héiert. Fir eis ass et kloer, dass d'Zuelen an de Spideeler an déi Loft, déi mer wollte ginn, dass dat am Moment fonctionéiert huet.

Mir gesinn awer och bei de Visitten, déi mer an de Spideeler hunn, dass en Appell kënn. An dofir brauch een emol net an d'Spideeler ze goen. D'Leit brauchen och e bësse Loft! D'Leit brauchen och e bësse Loft. A mir kommen am Fong zréck op d'Mesuré vu virum 25. Dezember - de 26. hu jo nei Mesuren ugefaangen, mee virum 26. Dezember. Do komme mer nees genau op déi selwecht Mesuren, ausser méi streng Moosnamen nach beim Commerce. An tatsächlech awer och d'Kultur an de Sport, déi ënner ganz strengen - ënner ganz strengen! - Moosnamen opginn.

Mir sinn der Iwwerzeegung, dass Depressiounen, Suiciden, Leit, déi einfach net méi domadder eens



ginn, Ängschte vun deem engen oder aneren och op der Wo eng Plaz mussen hunn. Et wier ze einfach ze soen, a wann ech Epidemiolog wier, géif ech tatsächlech soen: „Maacht alles zou während engem Joer!“ Wann ech den Här Rix héiere vun der Horesca, dee seet: „Maacht alles op!“ Et ass eis Responsabilitéit, déi Decisioun ze huelen, a gleeft mer, et ass kee vun der Majoritéit, dee sech freet oder iergendwéi do e positiven Aspekt gesäit, dass een den Horeca nach muss zouloossen!

An dofir ass et och wichteg, dass déi Entretien mam Här Delles nach weidergefuert ginn, fir no Léisungen ze sichen, wéi een deem dote Secteur kann hëllefen. Et si keng Restriktiounen, déi hei mat Freed geholl ginn.

An dann ze soen: „Jo, mee et kéint een awer verschidden nei Restriktiounen huelen an dann eebe kucken an ofwaarden.“ All Dag, all Dag, wou een dem Bierger Fräiheeten ewechhëlt, ass kee gudden Dag!

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État.* - Dat ass kee gudden Dag. An dowéinstער muss een en Equiliber hunn. Loft fir d'Spideeler hu mer ginn, hei och e bësse Loft fir d'Bierger, andeems mer eis bewosst sinn, dass, wann d'Situatioun sech verschlechtere géif, mer wëssen, dass d'Chamber hei och ka reagieren, mee dass mer awer éischter positiv Zuelen am Moment hunn.

An ech wier och frou, wa mer net géifen an de Pesimismo verfalen. Ech froen och kee blanken Optimismus, mee op d'mannst e bësse Realismus, an och virun allem, fir de Leit Hoffnung ze ginn. Ech mengen, dat ass dat, wat se brauchen. Keng blank Hoffnung, keng blank Hoffnung, awer net de Leit ze soen: „Et ass alles schwaarz!“ Ech soen och net, dass alles gutt ass, mee d'Zuele si gutt an dat solle mer och alleguerten agesinn a virun allem eis driwwer freeën. Och wa se bei den Doudegen nach ëmmer ze héich sinn. All Doudegen ass een ze vill!

Mee mir packen et just, wa mer zesammenhalen. An dofir muss ech lech soen, dass et engem heiansdo leed deet, wann ee mierkt, dass et, egal wat ee mécht, ëmmer falsch ass.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président.* - Merci, Här Premierminister. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo d'Madamm Gesondheetsministesch. Madamm Lenert, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé.* - Merci, Här President. Jo, nei Mesurë ginn haut nees proposéiert. Ech kann lech op alle Fall garantéieren, dass dat net no Laune geschitt. Et ass och sécherlech keen einfachen Exercice. Et war et am Ufank net an et ass et och elo net an et wäert et och an Zukunft net sinn.

Mir proposéiere Mesuren opgrond vun Iwwerleeungen, opgrond vun Iwwerzeegungen, déi mer mat lech deelen, mat deem Wëssen, wat mer zu deem Zäitpunkt hunn. A mir kucken, fir dat esou zäitno wéi méiglech ze maachen. Mir kucke surtout och ëmmer erëm zrëck, wat wat bewierkt huet, soudass mer kënne mat enger grousser Flexibilitéit e beschméigleche Kompromëss proposéieren.

Mir haten Iwwerzeegunge par rapport zu de Mesurë vum 26. November. Dat ass e Pak u Mesurë gewiescht, deen net onbedéngt Zoustëmmung fonnt huet. D'Kriticken, déi komm sinn, déi waren net ëmmer feutréiert. Mee mir waren iwwerzeegt, dass et de richtige Pak war.

Et stëmmt och, dass e Mount virdrun effektiv ee sech hätt kënne d'Fro stellen, ob een den Horeca scho géif zoumaachen. Dat ass gefrot ginn, dat ass kloer - ech erënnere mech dat och ganz kloer -, vusäite vun deene Lénken. Mir hunn zu deem Zäitpunkt gehofft, mir géifen et mat enger staarker Reduktioun hikriéien. Mir hunn et am Summer hikritt. Dir erënnert lech, am Summer sinn d'Zuelen eropgaangen. Dee Moment hate mer keng Restriktiounen doheem zum Beispill. Do hu mer mat ganz vill Méi - dat war net einfach, dat duerchzesetzen, och do sinn et vill Kriticke ginn - eng Restriktioun ageféiert op de Besuch doheem vun zéng Leit. An dat huet gewierkt.

Et ass wouer, et war Vakanz. Et weess een net, wat den Ausléiser war. Jiddefalls hu mer geduecht am Oktober, et kéint och klappen, wann ee wierklech géif vun zéng op véier goen. Dat ware relativ drastesch Mesuren. Et ass och net, wéi wann et keen Effet gehat hätt. Et ass herno gesot ginn: „Dat huet iwwerhaapt keen Effet!“ Dat ass net richtig. Et ass schonn e Réckgang komm, en ass eis awer net séier genuch gaangen.

En ass net séier genuch gaangen, an dofir si mer e Mount drop mat anere Mesurë komm, zu deene mer stinn, zu deene mer och haut nach stinn, déi an der Essenz derzou féieren, dass een dat empêchéiert, wou mer haut awer wëssen, dass et do ass, wou déi meeschte Leit sech ustiechen, ech erënnere drun, mir hunn Erkenntnisser iwwer eisen Tracing: Mëttlerweil ass et iwwert d'Hallschent vun de Leit, wou mer

wëssen, dass se sech wierklech doheem ustiechen am klenge Krees. Dat ass och vu wëssenschaftlechen Etüden entre-temps ënnermauert an et ass do, wou mer ugesat hunn. Et ass do, wou een zesummekënnert ouni Sécherheetsdistanz an ouni Mask.

Et gëtt ëmmer gesot, dat wär schwéier ze verstoen. Wann een et ganz einfach wëllt hunn, ass dat heiten den Ënnerscheid.

(*Mme Paulette Lenert montre un masque.*)

Et gëtt Aktivitéiten, do kann ee sech net protegéieren, dat ass nun eeben emol esou. Wann een zesummen ësst ronderëm den Dësch, dat ass eng Aktivitéit, déi mer als Mënschen hunn, déi mer gären hunn alleguerten, mee leider gehéiert se während enger Pandemie zu deenen Aktivitéiten, déi awer e gewëssene Risiko mat sech bréngen, well mer net kënne mat der Mask drénken an iessen, well mer déi mussen ausdoen. A wa mer dann op manner wéi zwee Meter ausernee sinn, bon, dann ass eeben e Risiko, dass mer eis dee Virus weiderginn. Dat ass net esou schwéier ze verstoen. An ech mengen, dass immens vill Leit dat och entre-temps wierklech verënnerelecht hunn a verstanen hunn.

Et ass also am klenge Krees, wou mer usetzen. Dat war de Pak, dee mer proposéiert hunn de 26. November an deen och seng Wirkung gewisen huet.

De Besuch op e Minimum erofkriéien. Ech ginn net midd, et ze soen: Et geet am Fong geholl drëm, esou mann wéi méiglech Besuch elo ze hunn! Dofir ass och den Horeca net gönschteg, well do ginn ech, fir Leit ze gesinn, do ginn ech, fir geselleg zesummen ze kommen, fir zesummen ze iessen, fir zesummen e Patt ze huelen. Et ass dat, wat mer elo net wëllen. Et sinn déi Geleeënheeten, déi mer wierklech wëllen erofbriechen.

Do dréit och e Lockdown (veuillez lire: Couvre-feu) derzou bäi, e Couvre-feu vun eelef Auer un: Wann ee muss um eelef Auer doheem sinn, ma dann ass ee forcement néierens méi op Besuch bei engem. Do sinn e ganzen Deel vun Interaktiounen einfach net méi méiglech. An dat ass d'Zil dovunner. Et ass d'Zil dovunner, dass einfach e gewëssenen Deel vun Aktivitéiten no eelef Auer net sinn, an dat ass net näischt, an deem Land hei leeft normalerweis awer nach vill ëm déi Zäit, bon, am Moment leeft do näischt méi.

Dat heescht, dee Pak u Mesuren ass deen, wou mer zur Konklusioun komm sinn, dass mer do dee gréissten Effet kriéien op dës Pandemie. Dozou kouw och nach den Alkoholverbuet dobaussen. Firwat? Net well mer de Leit net gënnen, dass se e Glüwäin drénken, wann et hinnen dobausse kal ass. Mee well se, justement wann et kal ass, no beieneestinn a während se de Glüwäin drénken, alt erëm eng Kéier d'Mask ausdinn. Och dat gëtt nees eng Situatioun, wou ee sech wierklech kann de Virus relativ llicht weiderginn. Dat alles huet e Sënn, dat alles huet eng Linn.

Dës Iwwerzeegungen hu sech bestätegt. Wann Der de Verlaf vun den Neiinfektiounen kuckt, ma da gesäit een, dass bannent 14 Deeg effektiv déi Neiinfektiounen immens erofgaange sinn. Si hunn net net gewierkt, wéi behaupt ginn ass. An dat ass och net ganz feutréiert hei behaupt ginn. Et ass gesot ginn: „D'Mesurë wirken net. Et gesäit een näischt!“ Wou du bis net méi ze néiere war, dass d'Neiinfektiounen erofgaange sinn, dunn ass gesot ginn: „Jo, d'Neiinfektiounen sinn erof, mee an de Spideeler ass et nach d'selwecht!“ An et ass an de Spideeler erofgaangen, ganz normal, esou wéi dat och viruszegesi war, e bëssen dephaséiert, mee et ass kloer erofgaangen. D'Zuelen hu sech op haut halbéiert.

Also, de Kuddelmuddel an dat Gekniwwels oder wéi och ëmmer een dat nennt, iergendwou huet et gegraff, et huet en Effet gewisen, an dee kann een haut wierklech net méi néieren.

Wéi eng Measure et elo am Eenzelne war, dat ass schwéier ze soen. Ass et eleng den Horeca? Ass et de Couvre-feu? Et ass en Ensembl. Fir eis ass de roude Fue dem an deene Mesurë gewiescht, dass mer wierklech do usetzen, wou mer déi geféierlech Interaktiounen gesinn. An et ass och dofir, wou mer mengen, dass et gegraff huet. Ob dat et ass, ob et aner Päck kënne sinn, déi gräifen, dat ass haut schwéier ze soen. Et gëtt effektiv keng Etüd, déi eng Measure wierklech am Eenzelne géif belichten, weeder am Ausland nach bei eis.

Fakt ass op alle Fall, dass mer vun enger Zuel vu 700 Neiinfektiounen, wou mer waren, wierklech erofkomm sinn. Ech si frou, haut kënne ze soen, dass mer bei enger Moyenne lissée haut leie vun 148, souguer ënnert der 150er-Grenz.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé.* - Dat ass e klore Succès vun deene Mesuren, déi en place waren. Dat ass do, wou mer och hiwollten. Eis Kläranlage bestätegen eis dat, wann Der et léiwer an Zuele gesitt wéi op enger Courbe, da gesitt Der et och ganz kloer do an de Faarwen. Mir sinn erëm ewech vun deem Rouden, mir sinn erëm zrëck an d'Gielt. Mir sinn op engem gudde Wee.

D'Bettebeleeungen, ech hunn et schonn erwänt, sinn halbéiert. Dat ass eist Zil, wat mer haten. Et ass

do, wou mer den Alarm geschloen hunn, et ass do, wou mer wollten e kuerzfristegen Effet kriéien an och e mëttelfristegen Effet behalen.

Och wann dëse Choix schwéier war, och wann e vill kritiséiert ginn ass am Ufank, esou war e sécherlech net zu 100 % falsch, soss hätt e jo net seng Wierkung gehat. Et kann och net esou onkloer gewiescht sinn, well Politik eleng geet net duer! Et geet net duer, Mesuren an e Gesetz ze schreiwen. Nach mussen d'Leit se verstoen, nach mussen d'Leit se ëmsetzen, well wa se dat net verstinn an net ëmsetzen, da kënne mer net deen Effet gesinn, dee mer elo awer gesinn.

Also, ech kann nëmmen dervunner ausgoen, dass d'Leit déi Mesurë wuel verstinn, well soss hätte mer net déi gutt Resultater haut an dem Land, déi mer hunn. Mir sinn e Land, wou d'Courbe erofgeet. Eis Nopere kënnen dat net behaupten. Also ass et net esou komplizéiert ze verstoe gewiescht, wéi et vläicht duergestallt gëtt.

Mir hunn och vläicht alleguer zesummen net ëmmer derzou bäigedroen, dass et kloer eriwuerkomm ass. Jiddefalls, d'Tatsaache schwätzen derfir, dass d'Mesurë verstane ginn.

Elo wësse mer och vun Etüden, déi entre-temps koumen, wou ee liest, dass mer mat der Aschätzung, wat gräift, net esou falsch louchen. Mir wëssen awer och, dass déi Mesuren, déi am meeschten Effet hunn, déi am effizientste sinn, wou mer wierklech d'Kontakter tëschent de Leit aschränken, an dass déi maximal effikass sinn, wa se maximal radikal sinn, dass se awer och maximale Kollateralschued hunn. Dat geet aus deene Pabeieren ervir, déi mer lech virgeluecht hunn. Kollateralschued fir d'Gesellschaft, fir d'Ekonomie, d'Leit, déi hir Existenz dobäi verléieren, fir eis Kanner, fir eis Jugendlech.

Dofir ass deen Accélérateur, dee mer gesat hu fir zwou Wochen, och kuerz geduecht gewiescht. An ech muss soen, ech kann nëmme staunen, wa mer vu Mesurë schwätzen, wann dat elo reduzéiert gëtt op e Coup d'accélérateur, dee mer ganz bewosst esou genannt hunn an dee mer par principe de précaution hei proposéiert hu fir eng ganz bestëmmten Zäit, nämlech d'Zäit vun Enn des Joers, wou mer gewart gi sinn, wou mer gesot kritt hunn: „Passt op op Enn des Joers, passt op, well do ass e grouse Risiko, dass dat aus dem Rudder leeft.“

Dofir hu mer e Coup d'accélérateur proposéiert. Dofir hu mer iwwert d'Enn vum Joer nach eng Kéier eng Couche dropgesat. D'Schoul ass nach eng Woch méi zoubliwwen, fir wierklech ëm déi Zäit, wou mer gesot kritt hunn, déi wär geféierlech, net e Feeler ze maachen. Dat war als e Coup d'accélérateur geduecht.

De Set vun de Mesuren, dat ass deen anere gewiescht, deen en place ass. Dat ass och deen, dee säin Effet gewisen huet, global gesinn.

Ech sinn haut frou, dass mer deen Accélérateur gemaach hunn. En ass och ganz vill a Fro gestallt ginn. Ech wëll dat just hei rappeléieren. Hei ass gefuerdert ginn, dass mer sollen Ausname maachen iwwert d'Feierdeeg, dass d'Leit misste méi Besuch hunn. Ma mir wäerten dëser Deeg gesinn, wéi et bei deene Länner ausgesäit, déi dat gemaach hunn. Eng Rei Länner hunn Ausname gemaach. A kuckt lech hir Courben un, wéi déi elo ausgesinn, well et ass dës Zäit, wou een et gesäit. Bei eis ass déi lescht Deeg näischt eropgaangen, wëll ech just soen, a Chrëschttag läit schonn eng Zäitchen zrëck.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé.* - Dofir sinn ech ganz frou, dass ech déi oft net feutréiert Kriticken, déi dozou komm sinn, iwwer mech ergoe gelooss hunn an dass mer dobäi bliwwen sinn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé.* - A strikt bliwwen sinn! Well de Virus kennt kee Chrëschttag an e kennt och kee Silvester. An et ass gutt, dass hei zu Lëtzebuerg um néng Auer jiddwereen doheem war.

Mir sichen och elo e permanenten Equiliber. De Mount Januar bleift kritesch. Selbstverständlech bleift e kritesch, dat ass dat, wat mer ervirsträichen. An et war eis als Santé wichtig, dat erëm eng Kéier ervirzehiewen, well et jo ëmmer esou séier vergiess gëtt: Soubal d'Zuelen ufänke gutt ze ginn, da gëtt alles a Fro gestallt, wat ee vu restriktive Mesuren en place huet. Dofir war et ons wichtig, drop hinzeweisen, dass déi Situatioun hei nach laang net iwwerstanen ass. Mir brauchen nach e Set u ganz restriktive Mesuren. An deen, deen haut proposéiert ass, dee mécht genau dat. Deen ass restriktiv, deen ass weiderhi restriktiv. A wann Der e mam Ausland vergläicht - ech kommen net méi am Detail drop zrëck, mee ech mengen, et ass elo scho puermol hei gesot ginn -, da sti mer guer net esou schlecht do, wat eise Strengheetsgrad hei ugeet.

Et ass e „Lockdown light“. Dat ass e Wuert, wat gesot ginn ass. Mir wollten net onbedéngt si wéi eis Nopere. Mir sinn eiseene Wee gaangen iwwert d'Feierdeeg, effektiv. Mir krute gesot: „All d'Länner maachen Ausnamen, just Lëtzebuerg net. Dir sidd onmënschlech! Dir sidd hei, dir sidd do.“ Jo, mir sinn

eiseene Wee gaangen a mir hu Resultater gesinn. Mir si vun Ufank un eiseene Wee gaangen an ech sinn och ganz frou, dass mer hei vu Lëtzebuerg bis elo nach ni een hu misse fortfléien an e Spidol an d'Ausland. Am Ëmgedréiten hate mer dat schonn. Mir sinn nach ni op der Limitt vun eise Capacitéite gewiescht a mir hunn och elo zrëckgeruddert kritt, a relativ gutt zrëckgeruddert kritt.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Paulette Lenert**, *Ministre de la Santé.* - Eise Plädoyer haut als Santé an och an deem Avis, dee virläit, dat ass fir ze soen: „Et ass nach net Zäit, fir weider Oplockerungen ze maachen, do wou jiddweree se gären hätt, do wou jiddwereen drop waart, do wou et eis alleguerten am meeschten trëfft.“ Et ass nach ëmmer net de Moment, fir Besuch doheem ze hunn. Mir wëssen net, wat deen neie Virus mat sech bréngt. Dofir ass et fir eis extreem wichtig, dass mer dës strikt Measure, an déi ass extreem strikt am internationale Verglach, och nach dëse Mount bäihalen.

Och wann et ville Leit net gefält, si mir der Meenung, dass déi beschte Reegel déi ass, am Moment wierklech op Besuch ze verzichten, dass ee just soll vum Besuchsrecht Gebrauch maachen, fir wierklech Leit, déi isoléiert sinn, net eleng ze loossen, fir no hinnen ze kucken. Mee dat soll net d'Reegel sinn, dass een elo soll zwee Leit bei sech op Besuch huelen all Dag.

D'selwecht si mer och wierklech dervun iwwerzeegt, dass een de Couvre-feu soll bäihalen. Mir gesinn, dee figuréiert ënnert deene Mesuren. Eng sechs Mesurë ginn zitíiert, déi wierklech gutt gräifen. Do ass Curfew oder Couvre-feu eng dervunner. A mir sinn och iwwerzeegt, dass et wichtig ass, déi och elo nach eng Kéier bäizebehalen. Wéi gesot, den absolute Beweis, ob et elo déi war oder eng aner, déi derzou geféiert huet, dass mer déi gutt Situatioun hunn, déi mer elo hunn, vun der Tendenz hier, wuelverstanen. D'Zuele sinn nach ëmmer héich. Ech wëll se och net schéischwätzen, mee mir hunn eng extreem gutt Courbe no ënnen. An ech sinn iwwerzeegt, dass de Couvre-feu en Element dovunner ass, well nun eeben emol um eelef jiddweree muss doheem sinn a well en dofir zumindest ab deem Zäitpunkt néierens méi um Dësch enzwousch sëtzt, néierens méi ouni Mask zesumme mat engem e Patt hëlt oder soss eppes.

Dat selwecht gëllt fir den Horeca. Mir wëssen, dass dëse Secteur duerch dës Pandemie extreem getrafft ass. Et ass keen, deen dat gutt fënn. Et ass awer nun eeben emol esou, an dat ass de groussen Ënnerscheid zum Commerce, et gëtt hei gesot vun de Solden ... Am Restaurant sëtzen ech net heimadder ...

(*Mme Paulette Lenert montre un masque.*)

... um Dësch, ech iessen ouni Mask, ech drénken ouni Mask, ech schwätzen ouni Mask mat mengem Dëschnoper. Dat ass en Ënnerscheid. Am Commerce hu mer hei zu Lëtzebuerg Maskepflicht vun Ufank un, scho ganz laang. Déi ass nach ni opgehuewe gewiescht. Mir hunn nach aner Reegelen derbäikritt. Et ass eng ganz aner Situatioun. Et ass eebe justement déi Situatioun, déi vum Conseil supérieur des maladies infectieuses och elo ervirgestrach gëtt, wou een net protegéiert zesummekënn.

Dofir si mer der Meenung, dass een Aktivitéiten, wou ee sech ka schützen, wou ee kann Distanz halen, wou ee ka mam Mask fonctionéieren, dass een déi erëm ka lues a lues ulafe loossen, natierlech mat strengen Oplagen, dat ass evident. An deem Sënn huet och fir eis weiderhin de Commerce seng streng Oplagen ze hunn. Mir hunn déi Concept-sanitaires ageféiert, fir dass d'Fluxe besser gereegelt sinn. Et ass haut verbueden, fir eebe justement am Commerce an de Galerie-marchanden ze iessen oder eppes ze drénken. Do soll de Mask ubehale ginn. Dat ass dat, wat eis den néidege Schutz do gëtt. Dat ass dat, wat en place ass an dat ass dat, wou mer hei derfir plädéieren, dass dat och weider soll en place bleiwen.

Fir de Rescht gëtt et beim Zesummekommen iwwerall eng Reegel. Dat ass déi, dass mer wierklech fir eng absolut Distanz suergen. Dat mag pedantesch kléngen. Mee d'Reegel ab zéng ass, dass een op zwee Meter net nëmmen ausernee bleift, mee dass een op zwee Meter sëtzt an och seng Mask unhuet. Domadder si mer geséichert, dass e Kader geschafen ass, deen dach awer empêchéiert, dass de Virus vun deem engen zu deem anere geet. Dat ass e gereegelte Kader.

Dat ass och beschränkt op 100 Leit. Dat si ganz streng Oplagen, déi Der net an alle Länner esou fannt. A mir sinn der Meenung, dass ee mat deenen Oplage wierklech gutt ka fonctionéieren.

Da géif ech op de Sport ze schwätze kommen. Mir sinn der Meenung, dass iwwer Wochen a Méint et immens gutt ass, dass d'Leit sech solle beweegen. Dat ass gutt fir hir Gesondheet, dat ass gutt fir hiren Immunsystem. D'Leit solle kënne Beweegung hunn a Sport maachen. Mee och hei ass erëm e gewëssene Risiko, dass ee sech ze no kënn. Dofir hu mer elo do nach méi streng Measure proposéiert.

Do, wou ee bis elo nach konnt a Gruppe vu véier fonctionéieren ouni Protektioun, ass et elo esou,

dass ee fir eng sportlech Aktivitéit, wou ee sech kierperlech aktivéiert, dat just nach zu zwee ka maachen. Dat heescht, dat ass scho méi streng ginn. Mir halen am Fong eis strengste Mesuré bäi a mir féieren nach Zousazmesuren an. Do, wou ee sech ka schützen, loosse mer Aktivitéiten erëm fonctionéieren, dëst mat strengen Oplagen, justement fir dass d'Leit sech eeben net ze no kommen.

Fir de Sport, ech mengen, dat ass gesot ginn, kommen och nach Zousazrestriktiounen, wat d'Meterka-reeë betrëfft, derbäi fir sécherzestellen, dass déi Gruppen och wierklech genuch Espace ronderëm sech hunn an dass d'Aktivitéiten esou wierklech gesécheret kënne stattfannen. Dat selwecht gëllt fir d'Schwämmen, wou ganz streng gereegelt ass, wivill Leit an engem Couloir kënne sinn. Dat gëllt fir d'Vestiairen, wou och elo Reegele virgesi sinn.

Ech kann also nëmme soen, Stand haut: Kee Regret par rapport zum Principe de précaution, dee mer haten, kee Regret fir dee Coup d'accélérateur, dee mer gemaach hunn an en absolute Plädoyer fir bei engem Set ze bleiwen, dee restriktiv bleift, deen do usetzt, wou d'Leit zesummekommen, deen do usetzt, wou mer haut wëssen, dass et do ass, wou d'Leit sech awer haaptsächlech ustiechen.

Dat ass am Privaten an et ass selbstverständlech och op der Aarbechtsplaz, do wou enk Kontakter sinn. Dofir hu mer Recommendationationen. Dofir wierke mer ëmmer erëm drop an, dass dat nei verstande gëtt, dass et besser verstande gëtt. Dat ass extreem wichteg a wäert et och nach bleiwen.

Et ass e Regimm vu gréisster Virsicht, dee vill ofverlaangt, mee dee gewisen huet, dass e fonctionéiert. An dat soll eis alleguerte motivéieren.

Nach si mer net all geimpft. Et geet un. Et ass e Mount, deen eis eigentlech kann optimistesche stëmmen. Nach gi vill Leit krank, och jonk Leit gi krank vun deem Virus hei, uerg krank zum Deel. Nach stierwe vill Leit. De Prozentsaz vun deene Leit, déi dësem Virus zum Affair falen, ass nach wie vor dee selwechten. Asoufern ass de Risiko nach ëmmer do, nach ëmmer present an et ass wierklech net de Moment, fir ze soen: „Mir hunn et gepackt.“

De Januar soll eis trotzdem Hoffnung ginn, virun allem, well mer gesinn hunn, dass déi Mesuren, déi mer hei geholl hunn, gewierkt hunn. An ech hunn et virdu gesot, an ech géif gär alle Leit Merci soen, well et ass dank hinne. Et ass net d'Politik, déi et méiglech mécht, et sinn d'Leit, déi et méiglech maachen. Et sinn d'Leit, déi sech mussen drun halen. Wann dat net geschitt, da kann et net wierken. An et huet gewierkt hei.

Dat soll eis optimistesche stëmmen. Mir kënnen dat alleguerten zesumme packen. Mir mussen just nach duerhalen. Mir mussen nach e weénege duerhalen. Et ass nach eng Zäit, déi iwweg bleift, déi mer mussen gestëmmt kréien, bis déi Impfungen wierklech ganz deployéiert sinn. Dat wësse mer haut net, wéi laang dat wäert daueren. Mee jiddefalls wësse mir, dass mir et hei kënne packen, wa mer dat zesumme maachen.

An deem Sënn soen ech jiddwerengem Merci fir déi Efforten, déi gemaach gi sinn. Mir halen zesummen am Interessi vun deene Leit, déi besonnesch getraff si vun dëser Kris, wat hir Gesondheet betrëfft, wat hir Existenz betrëfft. Et ass ganz ënnerschiddlech, wéi dësse Virus d'Leit trëfft en fonction vun hire Vulnerabilitéiten, en fonction vun deem Secteur, an deem se täteg sinn.

Mir maachen et och am Interessi vun eise Kanner. Och si sollen Normalitéit hunn. Mir sollen et hinne méiglech maachen, an d'Schoul ze goen. Dat ass extreem, extreem wichteg. De Kollateralschued brauch ech lech net ze illustréieren, ech mengen, dat versteet jiddwereen an deem Land hei, wéi wichteg et ass, dass eis Kanner och do zu enger Normalitéit kënnen zréckfannen. An dofir sollte mir alleguer zesumme weider Efforte maachen.

Ech soen lech Merci.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Madamm Gesondheetsministesch Paulette Lenert. Da Parole après ministre fir d'Madamm Martine Hansen.

■ **Mme Martine Hansen (CSV)**.- Merci, Här President. Ech hunn zwou Froen. Eng konkret: Stëmmt déi Zuel, oder kënnst Der déi Zuel mat ënnerschreiwen, déi am Rapport d'analyses vun Ären Experte steet, dass Der den Traçage u sech just packt, wann et net méi wéi 100, ech mengen, et sinn 150 Infektiounen den Dag, sinn? Dat ass déi éischt Fro.

An déi zweet Fro: De Premierminister huet gesot, d'Decisiounen géifen net no Laun geschéien. Den Horeca-Beräich, ënner anerem deen, mee ech mengen, d'Leit alleguer brauche Perspektiven a mussen och wëssen, vu wat datt d'Decisiounen nom 31. Januar ofhänken. Kënnst Der eis also soen, no wéi enge konkrete Krittären datt Der do kuckt, no wéi engen Zuelen datt Der do kuckt a wéi eng Héicht déi Zuele mussen erreechen, fir datt et entweeder gelabbert oder nach eng Kéier méi restriktiv gëtt?

Well de Premierminister sot jo och, d'Chamber wär ëmmer prett, a wann d'Zuelen elo erëm eng Kéier géifen an d'Luucht goen, da misste mer vläicht erëm eng Kéier en neit Gesetz stëmmen. Dat heescht, och do d'Fro: Wat ass do d'Limit, datt mer erëm eng Kéier mussen d'Schrauf unzéien?

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Madamm Hansen. An ech ginn d'Wuert direkt zréck un d'Regierung, d'Madamm Gesondheetsministesch.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé**.- Jo, mir haten de Moien an der Chamberskommissioun déi dote Fro elo emol eng Kéier zur Ofwiesselung net. Mir hu schonn oft doriwwer geschwat. Haut hu mer haaptsächlech vill iwwer Juegd geschwat an iwwer esou Saachen.

Den Traçage mat den 150 Leit, dat ass en duebele Constat. Ech mengen, ech hat dat och hei op der Tribün schonn e puermol erkläert an ech hat lech et och am Detail schonn erkläert. Déi eng Saach ass, dass een effektiv ab 100, 150 Leit, gesäit, dass een net méi déi Effikassitéit huet, well een enorm vill Kontakter ronderëm huet, well et och net ofseebar ass vun haut op muer bei esou vill Leit, wivill Leit ee muss tracen, well d'Leit ganz ënnerschiddlech Kontakter hunn.

A mir hunn och eng wëssenschaftlech Basis. Ech mengen, ech hat se schonn e puermol zitéiert. Et ass e Schrëftstéck vum Max-Planck-Institut, wat och genau festleet, relativ genau festleet, dass et e Kippunkt gëtt, ab deem en Tracing net méi déi Effikassitéit kann hunn. Dat huet also näischt mat Lëtzebuerg a mat eise Capacitéiten ze dinn. Dat ass inherent zu engem Tracing. Et ass ëmmer eng Donkelziffer, déi een net agefaange kritt iwwert den Tracing. An ab enger gewëssener Unzuel un Neiinfektiounen gëtt déi Donkelziffer esou grouss, dass d'Effikassitéit vun deem Ganzen a Fro gestallt ass.

Dofir kombinéiere mer eis Strategie jo mat villen anere Piliere. Dat ass d'Testen, dat sinn aner Mesuren, déi och en place sinn.

Wat eis Indicateure sinn, dat bleiwen nach wie vor déi selwecht. Mir kucken d'Zuel vun den Neiinfektiounen. Mir kucken d'Altersstruktur. Mir kucken den Impakt op eis Spideeler, wou ech lech och erkläert hat, dass mer d'Chance hunn, eng Modellisation ze hunn, déi wierklech eisen eegenen Zuele Rechnung dréit, mat där mer genau kënne berechnen en fonction vun den Neiinfektiounen, wou mer wäerte landen an de Phasen.

Mir sinn am Moment ënnerwee an eng Phas 2. Laut eise Modell bestäet sech dat an den Zuelen, wéi Der gesitt. Eng Phas 2 ass dat, wat mer ustriewen an der Dauer. Wa mer eng Phas 2 ustriewen a mir wëllen op eise konkreten Zuele schaffen, da kann ech lech haut net soen, wéi déi Zuel genau wäert sinn. Dofir soe mer lech dat jo au fur et à mesure a mir kucken eis reell Neiinfektiounen, fir esou no wéi méiglech bei der Realitéit ze sinn.

Den Taux de positivité, dee mer lech ugin, dee mer ustriewe, steet och an den Dokumenter, do striewe mer un, dass deen ënner 3 % läit. A fir den Tracing ass sécherlech eng Limit 150, just dorënner fänkt et erëm un, gutt an effizient ze ginn. Mee dat ass keng absolut Zuel, déi een esou kann nennen. Et ass en Ensemblen vun Indicateuren, esou wéi dat och an Irland de Fall ass. Dir zitéiert ëmmer gären Irland. Mir hunn zimlech déi selwecht Indicateure wéi Irland a wéi aner Länner och. Déi sinn net nei an och net anescht. Bon, wa vläicht anerer debäikommen eng Kéier, tant mieux. Stand haut schaffe mer mat deenen, déi Der ëmmer opbereet kritt, wa mer nei Mesuré proposéieren.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Madamm Gesondheetsministesch. Nach eng Kéier Parole après ministre fir d'Madamm Hansen.

■ **Mme Martine Hansen (CSV)**.- Jo, merci, Här President. Souwäit ech mech kann erënneren, hat d'Madamm Minister déi leschte Kéier d'Zuel vun 200 Neiinfektiounen gesot, ënner anerem, déi Zuel, wa mer déi géifen erreechen, dann hätte mer am Prinzip d'Zil erreecht. Elo ass eebe meng Fro: Bleift dat elo nach ëmmer eist Zil? Oder ass d'Zil vläicht, datt mir wëllen op 150 Neiinfektiounen, datt mir wëllen d'Phas 2 erreechen oder d'Phas 1 erreechen, ier mer labberen? Ass do näischt fest?

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État**.- Här President, an engem Saz. Mir hoffen, dass mer op null kommen. An dat packe mer just, wa mer och alleguerten zesummen an déi selwecht Richtung ginn.

■ **Mme Martine Hansen (CSV)**.- Dat ass awer keng Äntwert!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État**.- Fir elo hei ze soen ...

■ **Mme Martine Hansen (CSV)**.- Dat heescht, d'Phas 0 ...

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État**.- Reegt lech nach net op, Dir hutt nach net nogelauschtert! Wann hei een der Meinung ass, et soll ee soen: „Ab 50 geet dat heiten op an dat heiten zou“ ... Wann d'Spideeler eidel sinn, sinn ech dee

Leschten, dee sech dogéint opposéiert. Ech sinn awer deen Éischten, dee seet, dass, wa mer vläicht zéng Infektiounen hunn, mee d'Spideeler voll sinn, dass mer da mussen agéieren.

Ech mengen, wann een an der Responsabilitéit ass, muss een och bereet sinn, déi Responsabilitéit ze iwwerhuelen an net Mathematiker sinn, fir ze soen: „Ab 50 alles zou!“ Et sinn aner Krittären, vu Spideeler, vu Soin-intensiven, vu Soins normaux, vun Infektiounen, vum R, an dat sinn all déi Indicateuren, wou ee muss d'Analys maachen an dann eeben och déi richteg Decisioun proposéieren.

(*Brouhaha*)

■ **M. Sven Clement (Piraten)**.- Och domadder geet en Ampelsystem.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci dem Premierminister. Dann nach eng Kéier Parole après ministre fir den Här Gilles Roth.

■ **M. Gilles Roth (CSV)**.- Merci, Här President. De Premierminister huet hei vun Eegerresponsabilitéit vun de Leit geschwat.

■ **Une voix**.- Ma jo.

■ **M. Gilles Roth (CSV)**.- Mir maache jo elo en Deel op. An da stellen ech him da konkret d'Fro: Gëtt hien dann elo d'Recommandatioun, dass d'Leit da sollen an d'Vakanz fueren oder dass se sollen heiheem bleiwen?

■ **Une voix**.- O!

■ **Une autre voix**.- Wow!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci, Här Roth. Ech ginn d'Wuert nach eng Kéier zréck un d'Regierung.

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État**.- Här President, Dir wësst jo, depuis le départ, dass déi éischt Méint vun der Kris de „Bleif doheim“ war. Mir soen elo de Leit: „Bleif gesond!“, a virun allem: „Bleif responsabel, évitéier d'Kontakter!“ Wann Der probéiert, hei just Polemik ze maachen, muss ech lech enttäuschen. Ech war net zu Dubai während enger Woch, wéi ech dat elo liesen. Ech war net zu Marrakesch, wann Der elo wëllt perséinlech hei ginn an ënnert de Rimm goen. Ech war net am Ausland, wou dann aner Mesuré waren. Ech war wéinst perséinlechen Ursachen e puer Deeg a Frankräich an ech kann lech just soen, dass mer, wéi ech déi puer Deeg a Frankräich war, zwee Regierungsreit organiséiert hunn. Dat heescht, wann Der mengt, et war fir ze relaxen, dat war et och net! Ech hu meng Aarbecht gemaach. An ech mengen, et soll een net mat Steng werfen, wann een am Glashaus sëtz.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci, Här Premierminister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7743. Den Text steet am Document parlementaire 7743⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7743 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domat ass de Vott ofgeschloss. De Projet de loi ass mat 31 Jo-Stëmme géint 29 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass also esou decidéiert.

6. Heure d'actualité de la sensibilité politique ADR au sujet des vaccins

D'Chamber féiert haut de Mëtten eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Impfungen, déi déi politesch Sensibilitéit ADR ugefrot huet. D'Riedezäit ass nom Chambersreglement festgehalen. Ech ginn d'Wuert un den Här Jeff Engelen als Spriecher vun der politescher Sensibilitéit ADR. Här Jeff Engelen, Dir hutt d'Wuert.

Exposé

■ **M. Jeff Engelen (ADR)**.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och merci fir dës Aktualitéitsstonn. Wéi ech schonn e puermol betount hunn, ass d'ADR keng Partei, déi géint d'Impfungen wär, ganz am Géigendeel. Mer erkennen déi enorm Verdéngschter vun den Impfungen déi lescht 100 Joer un - dëst zur Verbesserung vun der Gesondheet vun eise Leit - an dat a vollem Émfang.

Am aktuelle Kontext mussen awer eng Rei vu kritesche Froen gestallt ginn. Erlaabt mer awer, vu vireran ze soen, datt fir d'ADR d'Impfung net déi eenzeg Léisung fir eng Verbesserung vun der Situatioun ka sinn.

Eis Spidolsinfrastruktur muss no laange Joren LSAP-Mësswirtschaft am Gesondheetssektor gestärkt ginn ...

(**Exclamations**)

... an et muss weider massiv no effikasse Medikamenter géint de Covid gefuerscht ginn.

Elo erëm zréck zu den aktuellen Impfungen am Kader vum Coronavirus.

Mir stelle fest: Déi Europäesch Medikamentenagentur EMA stoung ënner enormem politeschen an ekonomeschen Drock, fir eng provisoiresch Zouloosung fir emol ee Joer vum Impfstoff ze erlaben. Doduerjer besteet an onsen Aen de Risiko, datt net all d'Aspekter vun dësen Impfstoffen konnten esou evaluéiert ginn, wéi dat hätt misse sinn.

Mir dierfen net vergiessen, datt et sech bei deenen zwee aktuell zougelooenen Impfstoffen an der EU ëm eng nei Zort vun Impfstoff handelt, an zwar op Basis vun enger mRNA-Technologie, an datt se net no deenen übleche Prozeduren an net fir all Kategorie vu Patiente getest goufen.

Et ass bis haut och nach net kloer, wéi eng Wierkung déi verschidde Vaccinen iwwerhaupt hunn, zum Beispill an der Dauer vum Impfstoff a senger Effikassitéit, besonnesch och fir verschidde Kategoriën vu Persounen, wéi zum Beispill eeler Leit. Ass den Impfstoff ugepasst oder wierksam géintiwwer verschidene Mutatiounen vum Virus? Well et ass jo gewosst, datt ee Virus sech verännert. Wéi ass et mat geimpfte Persounen? Kënnen déi de Virus eventuell virundroen op Leit, déi net geimpft sinn? Dat ass eng wichteg Fro, eebe besonnesch och fir geimpfte Persounen, déi an de Gesondheets- a Flegesektoren aktiv sinn oder schaffen.

Et sief nach bemierkt, datt ee bei deenen zukünftegen Impfstoffen, déi op konventionell Manéier d'Formation vun Antikierper erviruffen, net déi selwecht Bedenke muss hunn. Dat gëllt zum Beispill fir den AstraZeneca.

Här President, iwwert déi niddreg Zuel vun Impfdosen, déi mer kréien, ass ewell vill diskutéiert ginn. Schon nees emol huet d'EU, op déi d'Lëtzebuerger Regierung sech verlooss hat, versot. Fir Impfdosen ze beschaffen, hat d'EU-Kommissioun vill ze mann Sue bereetgestallt. Dat war awer definitiv déi falsch Plaz, fir knéckeg ze sinn!

Da kouw nach déi Rivalitéit tëschent Däitschland a Frankräich derbäi. Och do ass ewell bekannt, datt do e Kouhandel tëschent der EU-Kommissioun an e puer Länner bedriwwen gouf, an dat op Käschte vun der Gesondheet vun de Leit. Dat Trauerspill, dat um Niveau vun der EU gelaf ass, bezillt sech leider an Honnerten, wann net souguer - hoffe mer net! - an Dausende vu Mënscheliwen.

Awer d'EU-Kommissioun seet zu Recht, datt d'Staaten an all Decisioun mat agebonne waren - also och déi Lëtzebuerger Regierung. Dowéinst wëlte mir den Här Staatsminister hei froen: Firwat huet Lëtzebuerg net och zousätzlech Impfstoffen op nationaler Basis kaaft, wéi och aner Länner et gemaach hunn? Fir ongeféier de Präis vum Large-Scale-Testing hätte mer eis ganz Populatioun ronn 2,5-mol kënnen impfen.

(**Interruptions**)

D'Verdeelung vun den Impfstoffdosen an der EU geschitt jo nom Prinzip vun engem Prorata zu der Awunnerzuel vun den eenzelnen EU-Staaten. Domat hätt Lëtzebuerg e Prorata vun 0,14 % zegutt. Meng Fro heizou wär: Bis weéni kënne mer hei zu Lëtzebuerg dermat rechnen, datt mer dës Proratadeel kënnen hunn? An eng weider Fro wär: Firwat huet Lëtzebuerg net zousätzlech Dosen iwwert d'EU-Kommissioun kaaft? Dëst wär jo méiglech gewiescht.

Dës zwou Froen bezéien sech op d'Äntwert zu menger parlamentarescher Fro mat der Nummer 2756. Aus